


# INFO BLAT

°04 22

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 18. MEE 2022




# Conseil communal du 18 mai 2022

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Fred Bertinelli (LSAP) | Christiane Saeul (DP) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Paulo De Sousa (déi gréng) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Jerry Hartung (CSV) | Guy Tempels (CSV) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Georges Liesch (déi gréng) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| Guy Altmeisch (LSAP) | Erny Muller (LSAP) | Nicole Wohl (déi gréng) |

**Absents et excusés**

| | |
|---|---|
| Pierre Hobscheit (LSAP) | Laura Pregno (déi gréng) |
| Fränz Meisch (DP) | Ali Ruckert (KPL) |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO BLAT .04 22**


COMPTE-RENDU DU 18 MAI 2022

4-52

ÉCOLE DES PARENTS

53

#MÄINDÉIFFERDENG

54



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 04/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 18 MAI 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Georges Liesch (déi gréng)
Erny Muller (LSAP)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Pierre Hobscheit (LSAP), François Meisch (DP), Laura Pregno, échevine (déi gréng),Ali Ruckert (KPL)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Projets communaux:**
   a. Trame verte au plateau du Funiculaire, travaux d'aménagement des surfaces menant du croisement vers le parc de la Chiers — plans et devis, article budgétaire 4/131/221313/22014;
   b. Divers transferts de crédits budgétaires au sein des dépenses extraordinaires liés aux projets d'investissement.
3. **Finances communales:**
   a. Avis et titres de recettes pour l'exercice 2011;
   b. État des restants et décharges pour l'exercice 2021.
4. **Plan d'aménagement général et plans d'aménagement particuliers:**
   a. Demande de morcèlement de terrains dans la route de Pétange à Niederkorn;
   b. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Zwësche Lauterbännen à Niederkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de monsieur Antonio Tavares.
5. **Enseignement fondamental**
   a. Règlement pour la répartition des élèves de l'enseignement fondamental de la Ville de Differdange 2022;
   b. Modification/ajout aux règlements d'ordre interne des écoles fondamentales de la Ville de Differdange.
6. **Organigramme du personnel communal — adaptations.**
7. **Actes et conventions:**
   a. Avenant au 1er contrat de bail du 28 janvier 2020 concernant des parcelles sises au lieudit Lauterbann à Niederkorn d'une superficie totale de 26,2 a;
   b. Contrat de bail d'un terrain sis à Differdange, avenue de la Liberté;
   c. Contrat de bail d'une maison située au 52, Grand-rue à Differdange;
   d. Contrat de bail popup store au no 3 rue du parc Gerlache à Differdange;
   e. Contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub;
   f. Convention Naturpakt signée avec le SICONA Sud-Ouest;
   g. Avenants à la convention bipartite 2022 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg pour les maisons relais, le foyer de jour Kornascht et la Bëschcrèche.
8. **Réservation d'un droit de chasse sur les parcelles sises sur le territoire de la commune de Saulnes.**
9. **Autorisation d'ester en justice accordée au collège échevinal dans le cadre des travaux à effectuer au Balcon à Lasauvage.**
10. **Règlements communaux:**
    a. Modifications au chapitre C-1 École de musique du règlement des taxes, tarifs et prix;
    b. Modifications au règlement de circulation;
    c. Règlements temporaires de circulation.
11. **Nomination des délégués représentant la Ville de Differdange au sein de Klimabündnis Lëtzebuerg.**
12. **Syndicats intercommunaux: changement de la répartition des heures de congé politique.**
13. **Changements au sein des commissions consultatives.**
14. **Questions**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre le conseil communal du 18 mai 2022 en informant que Ali Ruckert, Pierre Hobscheit et François Meisch s'excusent pour cette réunion. Ce dernier les rejoindra peut-être ultérieurement.*
*Par ailleurs, elle excuse madame Pregno, qui a donné naissance en début de mois à une petite fille en bonne santé. Elle a déposé aujourd'hui une procuration pour Georges Liesch.*
*Ensuite, elle demande que le point 1a soit retiré de l'ordre du jour, car le comité de recrutement n'a pas encore présenté de rapport à ce sujet.*
*Enfin, elle rappelle à ses collègues que le 13 juin à 19h, le Plan national de Mobilité 2035 et son impact sur Differdange seront présentés par le ministre François Bausch lors d'une séance publique dans le Hall O.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a le regret d'annoncer que Véronique Gallion, la fille de l'ancien bourgmestre Jean Gallion, qui a longtemps travaillé au sein de la commune, est décédée la veille à l'âge de 50 ans. Il propose une minute de silence.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *le remercie et passe aux communications. Elle explique tout d'abord que 19 enfants ukrainiens sont actuellement scolarisés à Differdange-Centre : deux en Précoce, cinq en Cycle 1, six en Cycle 2, cinq en Cycle 3, et un en Cycle 4. Ces décisions ont été prises à la demande des parents.*
*Ensuite, la bourgmestre annonce un projet pilote auquel participent les communes de Differdange, Dudelange, Schifflange et Fels, qui prévoit l'alphabétisation en français au lieu de l'allemand. Ici, on se concentre surtout sur les parents latinophones qui co-décident de l'orientation de leurs enfants. Ces derniers seront alors enseignés en français pour les langues et les mathématiques. Le reste se fera en luxembourgeois.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Gemengerotssëtzung haut den 18. Mee 2022. Erlaabt mer, den Här Ali Ruckert, de Pierre Hobscheit an den Här François Meisch ze entschëllegen. Et ass méiglech, dass den Här Meisch méi spéit zou eis stéisst.

Vun hei aus géif ech ganz gären der Madamm Pregno felicitéieren, déi ufanks Mee e gesond Meedchen op d'Welt gesat huet. Der ganzer Famill wënsche mer all Guddes a vill Freed. Dofir entschëllege mer dann och d'Madamm Pregno, déi haut eng Procuratioun fir den Här Georges Liesch ofginn huet.

Als nächst wollt ech froen, ob Der averstane sidd, dass mer e Changement um Ordre du jour virhuelen, nämlech fir de Punkt 1a erofzehuelen, well mer nach kee Rapport vun dem diesbezügleche Comité de recrutement hunn. Wann Der wëllt, stëmme mer mat Main levée of, fir dee Punkt erofzehuelen.

Ech soen Iech villmools Merci. Domat ass de Punkt 1a erofgeholl vun der Séance non-publique.

Ech wollt Iech matdeelen, dass den 13. Juni 2022 um 19 Auer hei am Hall O de Plan national de Mobilité 2035 vum Här Minister François Bausch virgestallt gëtt.

(Ënnerbriechung)

Et ass eng Séance publique, wou de Bierger vun der Gemeng Déifferdeng de Plan national de Mobilité 2035 virgestallt gëtt vum Här Minister, mat senge Fonctionnairen, wat den Impakt op Déifferdeng huet an deem ganze Kader.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Erlaabt Der mer, dass ech eng schlecht Ukënnegung maachen, eng traureg Noriicht. D'Enkelduechter vum fréiere Buergermeeschter, dem Här Jean Gallion, déi war laang op der Déifferdenger Gemeng täteg, huet do geschafft, d'Madamm Véronique Gallion, ass gëschter gestuerwen am Alter vu 50 Joer. Ech wär frou, wa mer géifen hir enger Minutt gedenken.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da maache mer dat direkt. Merci, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci!

(Gedenkminutt)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech fuere weider mat de Kommunikatiounen. Wat d'ukrainesch Kanner ugeet, hu mir en Total vun 19 Kanner an der Schoul hei zu Déifferdeng am Zentrum. Dovunner sinn zwee Kanner am Precoce, fënnef Kanner am Cycle 1, sechs Kanner am Cycle 2, fënnef Kanner am Cycle 3 an ee Kand am Cycle 4. D'Eltere ware fräigestallt ze wielen, wou se hir Kanner hibréngen, nodeems se berode gi sinn. Souwisou wären déi Kleng d'office an eist Schoulsystem komm. An déi Kanner, déi elo hei an eisem Lëtzebuerger Schoulsystem ageschriwwe sinn, dat ass, well d'Elteren dat esou gewënscht hunn.

Fir weiderzefuere mat de Schoulen, ech weess net, inwiefern et schonn duerchgedrongen ass, dass mer un engem Pilotprojet deelhuelen an der Schoul zu Uewerkuer. Dat heescht d'Alphabetiséierung op Franséisch. Do si véier Gemengen erausgesicht ginn: d'Gemeng Déifferdeng, d'Gemeng Diddeleng, d'Gemeng Schëffleng a Fiels.

Et geet drëms, d'Kanner amplaz op Däitsch op Franséisch ze alphabetiséieren. Am Cycle 1 gëtt gekuckt, aus wéi engem Sproochraum se kommen.

Hei gëtt elo mol haaptsächlech op déi laténgesch-sproocheg Elteren gekuckt. Déi gi mat an d'Boot geholl, fir ze kucken, wéi se orientéiert ginn. An da ginn d'Fächer, d'Alphabetisatioun op Franséisch gemaach, d'Sproochen och op Franséisch an d'Mathé och op

Franséisch. All dat anert geet op Lëtzebuergesch.

Dat eenzegt, wat ech ka soen, dat ass, elo fir d'Rentrée 2022/2023 leeft d'Preparatioun vun de Kanner a vun den Enseignanten. Dat heescht, et gëtt nach net direkt elo tel quel ëmgesat, well et ass e Pilotprojet. D'Enseignantë gi forméiert, et gëtt Récksprooch geholl, et gëtt gekuckt am Cycle 1.2, an der zweeter Spillschoul, aus wéi engem Sproochraum d'Kanner kommen. Wa Froe sinn, gi se vun den Enseignantë beroden, mat der Direktioun, fir ze kucken, op wéi eng Schinn, däitsch oder franséisch Alphabetisatioun, se gesat ginn.

Dat ass de Gros, wat ech vu Kommunikatiounen hunn. Meng Kolleegen aus dem Schäfferot hunn nach anerer. Dir hutt jo d'Äntwerte verdeelt kritt, Här Weirich, wat d'Bauflächen hei ubelaangt.

An da wollt ech Iech och nach soen, dass mer den Här Didier gesinn hunn, wat de Science Center ubelaangt. D'Pläng si fortgeschratt. Dat wäert natierlech e finanziellen Impakt hunn, well de Projet ëmgeduecht ginn ass. E wär awer anscheinend elo an der leschter Phas.

Den Här Didier wäert elo an nächster Zäit d'Fraktiounscheffe kontaktéieren, fir dass mer alleguerten op deem nämmlechte Stand sinn iwwert d'Pläng. Well dat jo e Projet ass, deen net dëst Joer finaliséiert gëtt, mee dee sech iwwer laang Jore wäert erstrecken, dass jiddwereen do au courant ass, wat do geplangt ass.

Vu menger Säit wier dat alles. An da géif ech d'Wuert un den Här Ulveling ginn.

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, vu dass mer elo scho schwätze vun Zouwuess, wëll ech och Iech felicitéieren, Madamm Buergermeeschter, well Dir sidd virun e puer Woche Boma ginn. An ech hoffen, dass Der an där Roll och opgitt.

Zousätzlech wollt ech zum Science Center soen, dass mer proposéiert hunn, dass den Här Didier dee ganze Conseil sollt invitéieren an eng Reunioun. Wou den Här Didier eis seng Pläng, seng Vuen an dann och seng finanziell Virstellungen wäert proposéieren. An da musse mer eng Decisioun huelen. Well mer mengen, dass dat doten ee Projet ass, deen iwwert déi nächst zéng Joer wäert goen. An da solle mer do zesummen de Volet financier festhalen.

Ier ech zum Kultur-Rapport kommen, wollt ech Iech e puer kleng Informatioune ginn. Déi éischt betrëfft Lasauvage. Do hate mer laang Diskussiounen hei gehat wéinst deenen Toiletten, déi mer do solle bauen. No deenen Diskussiounen hate mer eis nach eng Kéier zesummegesat an hunn decidéiert, déi Toiletten elo a méi engem klenge Gabarit ze bauen, dass mer da jeeweils nëmmen eng Toilette fir Männlein an eng fir Weiblein hunn an och eng fir handicapéiert Leit. Dat wäert e bësse manner deier ginn, well et och manner grouss ass.

Dir wësst, mir hu Krich, et ass Inflatioun, Präisdeierecht a sou weider. Vun den Architektebüroe si mer drop higewise ginn, wat de CID ubelaangt, dass mer do e Changement maachen, wat d'Versuergung vun der Hëtzt ugeet. Do ware Wärmepompele virgesinn. Déi wäerten elo duerch eng Pelletheizung ersat ginn.

Wärmepompelen zéien immens vill Energiekäschten no sech. A wa mer wëssen, dass an de leschte Méint oder Wochen, d'Energie, d'Elektresch iwwer 400 % méi deier ginn ass, da mengen ech, dass mer – quitte dass eng Pelletheizung an enger éischter Phas e bësse méi deier gëtt wéi d'Wärmepompelen – dat awer wäerte ganz schnell recuperéiert hunn, iwwert d'Joren. Well déi Energie méi effikass ass.

Dann hunn ech och nach e puer méi schlecht Noriichten. Zu Nidderkuer d'Meedchersschoul, déi mer wëllen ëmbauen – véier zousätzlech Klassesäll an d'Gebai ganz natierlech renovéieren –, do hu mer déi éischt Soumissiounen opgemaach, déi vun dem Gros oeuvre an der Charpente. An do leie mer – haalt Iech alleguerten un – bei zwou Milliounen Euro, ouni TVA!, iwwert dem Präis, deen den Architektebüro eis sengerzäit gesot huet.

*Le projet devrait débuter pour la rentrée 2022/2023. Les enseignants seront formés, les enfants seront évalués et il sera décidé si leur alphabétisation se fera en allemand ou en français.*
*Le deuxième sujet est le Science Center, dont les plans ont été modifiés ce qui aura un impact financier important sur le projet. Monsieur Didier sera en contact avec les chefs de faction pour s'assurer que tout le monde est informé des plans. En plus, le projet ne sera pas finalisé cette année, mais s'étendra sur plusieurs années.*

**TOM ULVELING (CSV)** *félicite madame Brassel-Rausch, qui est devenue grand-mère il y a quelques semaines, et espère qu'elle s'épanouira dans ce rôle. Concernant le Science Center, il ajoute qu'il a été proposé à monsieur Didier d'informer l'ensemble du conseil communal sur les détails du projet.*
*Ensuite, il donne des informations concernant l'installation de toilettes à Lasauvage, où il a été décidé que les toilettes seraient construites dans un format plus petit pour réduire les coûts. (une pour hommes, une pour femmes, une pour personnes handicapées)*
*Enfin, il évoque la question des coûts élevés de l'énergie électrique (+ 400 %) en ces temps de guerre. Il a été suggéré de remplacer les pompes à chaleur du CID par une chaudière à pellets pour économiser de l'énergie.*
*Ensuite, il annonce des nouvelles moins plaisantes concernant la rénovation de la Meedchersschoul à Nidderkorn. Les premiers devis pour les travaux de gros œuvre et de charpente s'élèvent à deux millions d'euros, sans la TVA.*

*Cela dépasse considérablement le prix estimé par le bureau d'architecture.*
*De plus, pour la rénovation des fenêtres de la Bockschoul, le premier soumissionnaire a abandonné le projet, obligeant la commune à choisir le deuxième soumissionnaire pour un coût supplémentaire de 0,7 million d'euros. Ces dépassements de budget montrent l'importance de la prudence dans la planification des projets.*
*Le prix de l'énergie va augmenter de 400 % à 450 %. Après avoir effectué des calculs, les services concernés ont estimé que le budget énergie s'élèverait de 360.000 € cette année à 1,6 million d'euros l'année prochaine. Des mesures d'économie d'énergie ont été suggérées pour éviter des coûts excessifs.*
*En ce qui concerne le secteur de la construction, il est difficile de respecter les devis préalablement établis par les architectes en raison de la hausse des coûts.*
*Ensuite, il passe au sujet de la culture et commence par exprimer sa gratitude envers Michel et Réjane pour leurs excellentes présentations annuelles. Il explique brièvement que l'année 2021 a été marquée par la pandémie, ce qui a limité le nombre de spectateurs autorisés à 30 personnes.*
*L'année a été différente des années précédentes en raison de la pandémie, mais malgré tout, trois nouveaux projets ont été réalisés : le spectacle « Tous sur scène », le premier « Salon des Sculptures » qui a été bien visité et qui sera développé à l'avenir, ainsi que plusieurs projets d'art urbain qui ont également connu un succès. Il mentionne également le festival « L'Essentiel du rire » et l'analyse de plusieurs projets pour Esch 2022.*
*Il ajoute différents projets culturels qui ont été réalisés comme le « Women in March » qui a mis en avant les femmes avec différentes réalisations artistiques. Malheureusement, le « Blues Express » n'a pas eu lieu. Il indique que la ville de Differdange consacre un budget important à la culture, avec des dépenses de 2,666,000 € l'année dernière, contre des recettes de 441,847 €. Il explique aussi que certaines demandes de financement*

An domat net genuch. Dat selwecht hu mer an der Bockschoul beim Devis fir d'Fënsteren. Do hate mer den Zouschlag ginn, fir déi Fënstere fir eng Millioun Euro ze maachen. Deen Zweete war 1,7 Milliounen Euro. Den Éischten huet sech zréckgezunn. Dat heescht, deen huet einfach seng Pabeieren net ofginn. Soudass mer elo den Zweete mussen huelen. Do kréie mer eng Deierecht vun 0,7 Milliounen Euro.

Dat schéngt esou an deem Trend virunzegoen. Soudatt ech frou sinn, dass mer am Budget sengerzäit, wéi soll ech soen, Prudence walte gelooss hunn, andeems mer Projeten zréckgesat hunn. Wa mer gesinn, wou mer elo gelant wären, wann déi sech zu 100 % duerchsetzen, wou alles elo méi deier gëtt, dann hätte mer et wierklech à ce stade net schëllere kënnen.

D'Energiepräisser wäerten ëm 400 % bis 450 % steigen. No éischte Rechnungen, wann ech richteg informéiert sinn, vun eise Servicer. Déi soen eis, mir hunn dëst Joer, ech mengen, an déi 360.000 Euro fir Energie an eisem Budget gehat. Déi misste mer d'nächst Joer op 1,6 Milliounen héijen. An dofir hunn ech, a menge Servicer zumindest emol, gesot, si misste sech Spuermoossnamen iwwerleeën, dass een net Luuchte brenne léisst respektiv kucken, wou een iwwerall ka spueren. Well dat do jo bal iergendwann eng Kéier net méi ze bezuelen ass.

Wat de Bausecteur ugeet, wäerte mer, ech géif soe vëlleg losgelöst sinn. Dass een do wierklech elo net méi kann op Devisen, déi mer préalablement opstelle gelooss hu vun eisen Architektebüroen, ka goen. Well d'Praxis weist, dass alles extreem deier gëtt. An ech hoffen, dass dat net esou virugeet.

Da kéim ech zu der Kultur. Ech hat Iech jo versprach, all Joer e klenge Bilan ze maachen iwwert d'Kultur. Wat alles hei an Déifferdeng lass war. Virop soen ech eise Servicer, dem Michel an dem Réjane, villmools Merci fir déi flott Presentatioun, déi se eis all Joer maachen.

Ech gi ganz kuerz driwwer, Dir hutt alles am Detail opgelëscht. D'Joer 2021 war ëmmer nach Pandemie, wou mer de Mesure-sanitairen ënnerluecht waren. Soudass mer net méi wéi 30 Leit konnten an de Spektakelen zouloossen.

Dat war also ee Joer, wou et net esou gelaf ass wéi an deene Jore virdrun. Dat ass kloer.

Mir hunn awer trotzdeem fäerdegbruecht, dräi nei Projeten an d'Welt ze setzen. Ee Projet ass den Tous sur scène. En aneren de Salon vun de Skulpturen, wou mer eng éischt Foire hei haten, déi gutt besicht war, muss ech soen. An déi mer wäerten, dat hat ech och beim Budget gesot, wëllen ausbauen. An dann och nach e puer Urban-Art-Projeten, déi och gutt gelaf sinn.

Mir haten den Essentiel du rire a mir haten e ganze Koup Projeten ze analyséiere fir Esch 2022, wat och vill Zäit ageholl huet.

Et ass vill geschafft ginn, wéi Dir gesitt. Ech wëll just d'Projets phares, nenne si dat, ervirhiewen. De Women in March, do stoung d'Fra am Mëttelpunkt wärend enger Woch, mat all den Theemen, déi ëm d'Fra dréien, d'Fra als Artist, d'Fra am Film, Minister a sou weider, dorëms huet et sech gedréit. Dat war eng flott Initiativ. De Salon de la sculpture hat ech scho gesot. Mir haten de Bësch, dat ass eng Volleksbün. Mir haten nach e ganze Koup aner flott Saachen. Leider kee Blues Express.

Wann Der de Budget kuckt, da gesitt Der, dass mer d'lescht Joer Depensen hate vun 2.666.000 Euro géint Recettë vu 441.847 Euro. Soudass mer kënne soen, dass d'Stad Déifferdeng sech d'Kultur eppes kaschte léisst. Nämlech an dësem Fall 2.220.000 Euro. Et muss een natierlech soen, dass och schonn en Deel Fraisen avancéiert gi si fir d'Projete vun Esch 2022.

D'Statistik, do hutt Der alles schéin opgezielt. Ech géif just d'Hitparad soen. Alles, wat mat Humor zesummenhänkt, do waren déi meeschte Spektakelen. Duerno kënnt den Theater an dann eis zuelräich Expositiounen. Wann een dat kuckt, par rapport, zur Unzuel vun de Visiteure par Kategorie, da gesi mer, dass d'Expositiounen déi meeschte Visiteuren, nämlech 3.085 Leit, hei op Déifferdeng bruecht hunn. Duerno kënnt de Festival du rire, den Humor an dann d'Concerten, déi mer hei organiséiert hunn.

D'Evolutioun vum Taux d'occupation général ass liicht erofgaangen d'lescht

Joer, pandemiebedéngt. Quitte, dass en awer nach ëmmer bei 75 % läit. Wann ee weess, dass mer bei 53 % ugefaangen hunn 2014, gesi mer, dass mer e bëssen an eisem Elan gebrach si ginn duerch d'Pandemie, mee awer trotzdeem op der Schinn bleiwe fir no uewen.

D'Unzuel vu Visiteuren, déi ass e bësse méi dramatesch. D'lescht Joer si mer vun 8.492 op 2.320 erofgaangen, dat heescht praktesch 6.000 Visiteure manner gehat wéi 2020. An 2021 si mer erëm op 8.286 komm. Soudass mer erëm op deem Niveau si wéi virun der Pandemie.

Den Nombre de productions ass dat lescht Joer eropgaange vu 44 op 103. Dir wësst, dass d'Aalt Stadhaus nach aner Saachen huet. Do sinn 118 Mariagë gemaach ginn. Do si siwe Formatioune gemaach ginn. Do hu Concoursen, fënnef Auditiounen, 21 Repetitiounen, dräi Assemblée-générallen an 31 Reunioune stattfonnt. 26 Manifestatiounen hate mussen annuléiert ginn.

Zum Schluss wëll ech Iech nach soen, dass mer am Fong e gudde Ranking hu bei Instagram, YouTube an esou weider, si mer bei 4,5 a bei Facebook si mer bei 5. Soudass mer gesinn, dass déi Offer, déi mer presentéieren, awer gutt ugeholl gëtt.

Wann Der dat méi am Detail wëllt liesen, dann huelt Iech déi Broschür mat an da kuckt Der dat nach eng Kéier doheem. Dat war dat, wat ech fir elo ze soen hat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Ech géif d'Wuert un den Här Paulo de Sousa ginn, deen eis eng ganz flott Matdeelung ze maachen huet, déi wichteg ass fir d'Stad Déifferdeng. A wouriwwer ech mech schrecklech freeën, muss ech soen.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass meng zweet Kommunikatioun. Léif Dammen an Hären, ech géif als Éischt gären ee grousse Merci ausschwätzen un déi ongeféier 350 Participanten, déi un eiser Bëschbotzaktioun deelgeholl hunn. Coronabedéngt war se net wéi viru Corona, 2019, wou mer Rassemblement an Iessen haten. Mir sinn erëm op déi Form wéi d'lescht Joer gaangen, wou d'Leit sech zesummegesat hunn an en Dag erausgesicht hunn an dann am klenge Grupp sech e Wee erausgesicht hunn an do de Bësch botze gaange sinn.

Schlussendlech hätt een, duerch d'Restriktiounen, déi opgehuewe gi sinn, nach kënnen ëmswitchen, mee et wär mat der Zäit net opgaangen.

Et ass eng super Aktioun, datt esou vill Leit matgemaach hunn an hir Fräizäit geopfert hunn, fir de Knascht vun anere Leit opzerafen. Do kënnt an noer Zukunft e klenge Kaddo no, fir Merci ze soen.

Dann hunn ech eng zweet Informatioun, déi d'Madamm Buergermeeschtesch schonn ugekënnegt huet. Wéi Der mëttlerweil matkritt hutt, ass Déifferdeng fir en EU-Projet zréckbehale ginn. An dat als eenzeg Stad am Land. Et handelt sech ëm een ambitiéise Projet, bei deem sech d'Stad Déifferdeng d'Zil setzt, bis 2030 klimaneutral an eng intelligent Stad ze ginn. Dat an engem Konsortium aus 100 Stied aus ganz Europa. Do si ganz vill Haaptstied derbäi. Et soll een hei als Pilotstad fungéieren an eng Virbildfunktioun fir all aner Stad an Europa ginn, déi bis 2050 solle klimaneutral sinn.

Am Projet sinn net nëmmen d'Administratioun an hir Gebaier abegraff, mee eeben alles, wat sech um Gemengegebitt befënnt. Dat heescht d'Privatstéit, d'Industrie an d'Landwirtschaft. De Projet ëmfaasst eeben alles.

Dat ass ambitiéis. Mee d'Ënnerstëtzung vu Säite vun der EU-Kommissioun ass och entspriechend grouss. Vun hinne gëtt och Drock op de Ministère gemaach, fir dass dëse Projet en Erfolleg gëtt. Well wa mir et net mat grousser Ënnerstëtzung packen, wéi soll de Rescht vun der EU et da bis 2050 vu selwer packen.

Wat sinn elo déi nächst Schrëtt fir eis Gemeng? De Projet gëtt de Moment vum Luc Arend koordinéiert. Et huet

*ont déjà été approuvées pour les projets d'Esch2022.*
*La statistique montre que les spectacles ayant un lien avec l'humour ont été les plus populaires, suivis par le théâtre et les expositions. En comparant le nombre de visiteurs par catégorie, les expositions ont attiré le plus grand nombre de visiteurs avec 3 085 personnes à Differdange.*
*Le taux d'occupation général a légèrement diminué l'année dernière en raison de la pandémie, mais reste encore à 75 %. Depuis 2014, où le taux d'occupation était de 53 %, la ville a connu une progression constante.*
*Le nombre de visiteurs a considérablement diminué l'année dernière en raison de la pandémie, passant de 8 492 à 2 320, soit environ 6 000 visiteurs de moins qu'en 2020. Cependant, en 2021, le nombre de visiteurs est remonté à 8 286, ce qui est similaire au niveau avant la pandémie. Le nombre de productions a augmenté de 44 à 103, et le bâtiment de l'Ancienne Mairie a été utilisé pour divers événements tels que 118 mariages, sept formations, cinq concours, cinq auditions, 21 répétitions, trois assemblées générales et 31 réunions. Malheureusement, 26 événements ont dû être annulés.*
*Enfin, la commune a un bon ranking sur Instagram, YouTube et d'autres plateformes ce qui montre que les offres présentées sont bien accueillies.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *prend la parole et tient, tout d'abord, à remercier chaleureusement les quelque 350 participants qui ont participé à leur action de nettoyage de la forêt. En raison de la pandémie, l'événement n'a pas été organisé comme d'habitude avec un grand rassemblement et un repas. Au lieu, les gens se sont réunis en petits groupes. Malgré les restrictions, l'action a été un grand succès grâce aux efforts des participants qui recevront un petit cadeau dans un avenir proche.*
*La deuxième information est que la ville de Differdange a été la seule ville luxembourgeoise sélectionnée pour un projet de l'UE visant à devenir une ville intelligente et clima-*

*tiquement neutre d'ici 2030, en collaboration avec un consortium de 100 villes à travers toute l'Europe. Le projet couvrira tous les aspects de la ville, y compris les bâtiments municipaux, les entreprises, l'agriculture et les habitations privées. Il s'agit d'un projet ambitieux qui doit servir de modèle pour les autres villes de l'UE.*
*Le projet actuel de la commune est coordonné par Luc Arend et implique un groupe composé de membres du service technique, du service écologique, du service urbanisme et de l'économiste de la commune qui se réunit régulièrement pour coordonner le projet. Cependant, ce projet nécessite la participation de l'ensemble de la commune ainsi que la mise en place d'un City contrat qui définit les ambitions, les objectifs et les projets de la commune jusqu'en 2030. Les modèles financiers sont un point important de tous ces projets, qui doivent être planifiés de manière économiquement durable et comprennent des concepts qui peuvent être reproduits ailleurs. Une fois que ce City contrat sera établi d'ici la fin de l'année, il sera présenté aux commissions et au conseil communal pour obtenir le soutien politique nécessaire. Enfin, il remercie Luc Arend et Stefano Beni pour avoir envoyé le dossier à Bruxelles pour que la commune puisse être soutenue en tant que seule ville luxembourgeoise.*

**TOM ULVELING (CSV)** *continue ensuite avec le point 2a. Le projet de développement urbain concerne un talus de sept mètres de hauteur situé entre le funiculaire et le Lycée international. Le projet consiste en la création d'une voie de liaison entre Auchan et le parc de la Chiers, parallèle à la piste cyclable. Ce corridor sera agrémenté de plus de 100 arbres et arbustes et sera accessible aux personnes à mobilité réduite grâce à des voies d'accès avec une pente maximale de 6 %. Il y aura trois pôles : le pôle urbain à l'entrée de la ville, le pôle de jeux au centre et le pôle nature comme lien avec le parc de la Chiers. Une liaison sera également construite entre le Lycée international et la Place Marie-Paule Peffer. Il y aura*

sech schonn ee Grupp gebilt aus Leit aus dem Service technique, Service écologique, Service urbanisme an eisem Ekonomist. Dëse Grupp trëfft sech reegelméisseg, fir de Projet ze koordinéieren.

Natierlech bleift dëse Projet net just op déi Servicer begrenzt. Et ass en Effort vun der ganzer Gemeng gefrot. An déi Responsabel zu verschiddenen Theeme ginn och definéiert a kontaktéiert.

De Projet fuerdert elo vun eis ee City-Kontrakt. An dësem solle mir eis Ambitiounen/Ziler/Projeten, am Fong eis ganz Roadmap, bis 2030 definéieren a wat mir brauchen, fir dës Ziler ze erreechen.

Finanzmodeller sinn e wichtege Punkt an all dëse Projeten. D'Projete sollen ekonomesch nohalteg geplangt ginn. Et solle jo schliisslech Konzepter entwéckelt ginn, déi vun anere Stied nogemaach kënne ginn.

Soubal dëse City-Kontrakt steet, dat soll Enn dëses Joers geschéien, soll deen de Kommissiounen an dem Gemengerot presentéiert ginn, fir dësem och déi néideg politesch Ënnerstëtzung ze ginn.

Ech wollt hei ganz besonnesch dem Här Luc Arend an dem Här Stefano Beni Merci soen, déi deen Dossier op Bréissel geschéckt hunn, well mir als eenzeg lëtzebuergesch Stad zréckbehale gi sinn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Dat wier et mat de Kommunikatiounen. Da komme mer zum Punkt 2a. Heifir géif ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt d'Pläng am Dossier leien. Et geet ëm en Talus, wat net ganz schéin ausgesäit, tëschent dem Plateau du funiculaire an dem Lycée international. Do gëtt et en Héichtenënnerscheed vu siwe Meter. Dat musse mer urban begrénge respektiv e bësse flott amenagéieren, well dat de Moment net esou flott ausgesäit.

Dat ass eng Verbindung, déi geet praktesch vum Auchan bis an de Parc de la Chiers an déi geet och parallel zu der Vëlospist, déi schonn elo deelweis a Betrib ass.

Dat Ganzt gëtt e Corridor vert mat iwwer 100 Beem a Straicher. Et gëtt eng Aart Gréngachs, am Fong kann ee soen. Dat sinn och deels Kompensatiounsmoossnamen, déi musse geholl ginn. Sechs Beem kommen nach op eng aner Plaz.

Déi Trame verte besteet aus dräi Deeler an aus dräi Pôlen. Um Fouss vum Talus wäert Wuess ugeluecht ginn, laanscht d'Vëlospist. An dann eng Surface intermédiaire als Promenade, an driwwer wäert e begréngten Talus kommen. Déi dräi Pôlen, dat sinn: de Pôle urbain bei der Kräizung, bei der Entrée de ville, de Pôle jeux an der Mëtt an de Pôle nature als Verbindung zum Parc de la Chiers.

Fir den Héichtenënnerscheed ze iwwerwannen, gi Weeër amenagéiert, déi déi verschidden Ebenen matenee verbannen. Dës Weeër hunn eng maximal Neigung vu 6 % a si soumat konform mat de Bestëmmungen, wat d'Accessibilitéit fir Leit à mobilité réduite ugeet.

Et gëtt nach eng Haapttrapverbindung tëschent dem Lycée international an der Place Marie-Paule Peffer. Déi gëtt gebaut. Um éischte Stéck kritt een en direkten Accès op de Plateau an an de Centre commercial. Hei hunn déi Jonk, d'Schüler d'Méiglechkeet an hirer Fräizäit ze chillen. Do gëtt en Extra-Amenagement gemaach, sougenannt Chill-Ecken an och iwwerdaachte Sëtzecken. Am ieweschten Deel entsteet eng Adventure-Spillplaz mat Trampolinen an enger Rutsch, déi der Talus-Pente ugepasst ass. Dat ass fir méi jonk Kanner.

Laanscht d'Weeër musse Bëtonsmauere gebaut ginn, fir den Talus ze stäipen. Do si Fläche virgesinn, wou Sprayer hirer Graffitikonscht kënnen nogoen. Dat wëlle mir awer léiwer selwer orchestréieren, fir ze kucken, dass mer do e Projet Urban Art, e puer flott Saachen hi kréien.

Fir d'Beem hu mer en automatiséierten Nätzsystem virgesinn. Mir sinn och nach amgaangen, de genauen Emplacement vun engem Bassin ze determinéieren, fir dat Waasser opzefänken, wat fir dësen Nätzsystem gebraucht gëtt.

Mir denken, wann Dir eis dat dote stëmmt, dass mer September, Oktober, November 2022 kéinten ukommen. Virgesinn ass eng Bauzäit vun zéng Méint. Fir September 2023 soll et accessibel si fir d'Leit. Et sinn zwou Plantatiounsphase virgesinn, eng am Mäerz an eng am November.

De Käschtepunkt ass ronn 2,6 Milliounen Euro. Dovunner iwwerhëlt IKO, de Promoteur vum Plateau Funiculaire, ronn 800.000 Euro. Mir wäerten och nach kucken, e puer Subsiden ze kréien. Mir hunn nach keng Zouso, dofir kann ech Iech de Montant elo nach net nennen.

Et ass ganz flotte Projet. Do gëtt vill ëmgewälzt, géif ech soen. Awer wann dat bis fäerdeg ass, dann hu mer wierklech eng exzellent an eng flott Verbindung, souwuel fir de Vëlo wéi fir de Foussgänger. Déi eng Säit, fir an de Park ze goen, an déi aner Säit, fir op de Plateau ze kommen.

Ech wär frou, wann Der deem Projet géift zoustëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Här Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, zum Theema Trame verte um Plateau Funiculaire. Déi ganz Zon tëscht der Kräizung an dem Parc de la Chiers gëtt reamenagéiert a flott gestalt. An der Haaptsaach gëllt et, déi verschidden Niveaue mateneen ze verbanne mat Hëllef vun Trapen a Weeër. Déi Weeër ginn alleguerten esou gebaut, dass si rollstullgerecht oder gerecht fir Mobilité réduite sinn. D'Pente maximale: 6 %.

Heiraus ergëtt sech eng besser Verbindung tëschent Lycée international an der Plaz Marie-Paule Peffer, wou eng Trapelandschaft, déi aus verschiddene Plateaue besteet, an eng Verweilplaz mat Chill-Ecke fir jonk Schüler entstinn. Esou wéi Spillecker fir déi ganz Jonk.

Och kréien déi Jonk d'Méiglechkeet, Flächen ze fannen, wou si Graffiti däerfe sprayen. Duerfir gëtt et extra Mauerendeeler, wou si dëser Konscht däerfen nogoen.

Mir si frou, dass et elo lassgeet a mam Chantier kann ugefaange ginn. Och gesi mer de Chantier an zwou Phasen. Déi éischt Phas mat den Terrassementer an de Gros oeuvres, déi zäitlech esou kënne stattfannen, dass dës Aarbechte wärend enger – vläicht nächster – Vakanz kënnen duerchgefouert ginn a manner Schülerverkéier stattfënnt an esou d'Aarbechte vill méi schnell virukommen.

An der zweeter Phas geet et ëm d'Grénggestaltung vun der Trame verte. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och d'LSAP hëlt Stellung zu dësem Projet. Mir schwätzen hei iwwer eng Trame verte, déi laanscht de Spadséier- a Vëloswee, de sougenannte PC8, dee vum Parc de la Chiers laanscht de Lycée international geet.

Wann een do laanschtgeet oder -fiert, da gesäit een op deem Areal, deen un de Plateau Funiculaire grenzt, dass sech en Amenagement fërmlech opdrängt. Et ass wäit ewech vun enger Trame verte, fir de Moment.

Et gëtt en enormen Héichtenënnerscheed. Deen Talus, wéi en elo do ass, gëtt e ganz schlecht Bild of. Do ass wierklech Handlungsbedarf.

*des aménagements supplémentaires pour les jeunes, tels que des coins pour relaxer reliés au plateau ainsi qu'au centre commercial. En plus, il y aura une grande aire de jeux pour les enfants avec des trampolines et un toboggan adapté à la pente du talus. Des murs en béton seront construits le long des routes pour soutenir le talus et des zones seront réservées aux graffeurs pour des projets d'art urbain.*
*Le projet consiste en la mise en place d'un système de réseau automatisé pour collecter l'eau de pluie dans un réservoir, dont l'emplacement exact est encore à déterminer. La construction devrait prendre environ 10 mois et le projet devrait être accessible au public en septembre 2023. Il y a deux phases de plantation prévues en mars et en novembre. Le coût total du projet est d'environ 2,6 millions d'euros, dont 800.000 € seront pris en charge par IKO, le promoteur du Plateau Funiculaire, et il y aura peut-être des subventions supplémentaires. Une fois terminé, le projet offrira une excellente connexion pour les cyclistes et les piétons entre le parc et le plateau.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *résume les idées du projet et est heureuse que le chantier puisse enfin commencer. Elle parle de deux phases pour ce chantier, la première étant le terrassement et les travaux de gros œuvre qui pourraient avoir lieu pendant les vacances scolaires (prochaines) pour ne déranger ni les élèves ni la circulation. La deuxième phase concerne l'aménagement paysager de la zone.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *prend position sur le projet et constate que l'aménagement de la zone près du Plateau Funiculaire est nécessaire en raison de la différence de hauteur importante.*

*Il a remarqué que 2 500 mètres cubes de terre vont être déplacés d'un côté à l'autre pour aménager le talus afin de le revégétaliser.*
*Il résume que les terrasses sont composées de différents niveaux, dont l'un est appelé « Espace Chill-out » et équipé de jeux pour enfants tels que des trampolines et des éléments de saut. Un autre niveau appelé « Aurora » offre une expérience de jeu d'aventure avec un toboggan qui mène à un niveau inférieur. Le projet dispose également d'une plateforme d'observation. Malgré ses 52 marches en total, l'installation est accessible aux personnes à mobilité réduite et aux parents avec poussette.*
*Il parle de la multitude de chemins qui traversent toute la longueur de l'espace de droite à gauche, ce qui peut être assez fatigant. Par conséquent, il suggère de créer de petits espaces avec des bancs pour permettre aux gens de se reposer en cours de route et de profiter de la vue. Le coût total du projet est de 2,6 millions d'euros. Le promoteur prend en charge 30 % du montant, tandis que les honoraires s'élèvent à 10,5 %.*
*Le LSAP voudrait encore savoir selon quels critères la clé de répartition a été fixée avec le promoteur.*
*En plus, il a remarqué l'absence d'une aire de jeu pour les enfants de moins de deux ans et propose de travailler avec les habitants du quartier pour créer un tel espace.*
*Ensuite, il souligne l'importance de conserver les fondations de l'ancien funiculaire sur la place, et propose de créer une grande pancarte pour commémorer cet aspect historique de la région. Enfin, le LSAP soutient le projet de développement urbain dans son ensemble.*

Et ass ze gesinn am Projet, dass do 2.500 Kubikmeter Buedem ofgedroe gi sinn op där enger Säit. An dann op där anerer Säite verdeelt ginn, dass mer deen Talus erëm plus ou moins amenagéieren zu eppes, wat een och ka beplanzen.

Den Här Ulveling hat et scho gesot, dass et en zentralen Accès ass. Deen ass dës Kéier gemaach ginn um Niveau vun der Entrée vum Lycée international. An e geet an enger Trapen- an Terrasseform erop Richtung Place Marie-Paule Peffer.

Op dësen Terrasse si verschidden Niveaue virgesinn. En Niveau, de sougenannten Espace Chill-out, ass e mëttleren Niveau. Wou dann éischter Terrasses de mouvement si mat Spiller wéi Trampolin oder Sprangelementer fir Kanner. An da kënnt de ganz ieweschten Niveau, den Niveau Aurora oder Opkorn, wou zum Beispill eng Rutschbunn, a Form vun engem Toboggan, op en ënneschten Niveau geet. An da kann erëm eropgeklomme ginn op den ieweschten Niveau.

Dat ass éischter eng Adventure-Spillplaz, wann een dat esou gesäit. Ausser der ieweschter Kabann, déi ech och als ganz flott ugesinn. Do kënnen d'Kanner sech defouléieren. Et gëtt och eng sougenannten Aussiichtsplattform.

Mee virun allem falen déi dräi gréisser Trapen op, déi eropféieren. Et sinn ëmmerhin 52 Träppleken, hunn ech gezielt. Dat sinn der net wéineg. Et geet zwar an dräi Phasen. An der Mëtt dertëschent kann een eng kleng Paus aleeën. Awer déi Anlag ass och PMR-gerecht, fir Personnes à mobilité réduite oder Fraen a Männer, déi mat enger Poussette oder Kutsch do fueren.

A wéi Der gesitt, dat si Weeër, déi iwwert déi ganz Längt ginn, no riets an no lénks. Also dat ass relativ opwänneg, et muss een zimmlech wäit goen. Duerfir wollte mer direkt suggeréieren, dass mer sollte kucken, ob een dat net ka verbanne mat esou klengen Espacen, wou Bänke wären. Oder dass een dat och esou gerecht mécht, dass d'Leit kënnen an Zwëschenzäit, wa se do ënnerwee sinn, sech emol kënnen hisëtzen an dann och no ënne kucken an déi Vue genéissen. An an engems och fir ze raschten.

Den Total vum Devis ass 2,6 Milliounen Euro. De Promoteur iwwerhëlt 30 %. Zu den Honorairen hutt Der näischt gesot dës Kéier. Déi sinn 10,5 %. Ech ka mer virstellen, dass dat och e bëssen Aarbecht ass fir d'Landschaftsplaner, a) fir ze plangen, b) fir ze iwwerwaachen.

Eis Fro, mee mir krute se deelweis beäntwert: Wat sinn d'Krittären, no deenen de Verdeelungsschlëssel festgeluecht ginn ass mam Promoteur? Am Devis gesäit een zwar déi eenzel Positiounen, wéi vill Prozent oder wéi vill Montant de Promoteur do iwwerhëlt vu verschiddenen, zum Beispill, Spillplazen oder anerer Partien.

Mee wat mer awer trotzdeem nach wollte soen, wat mer allgemeng um Funiculaire feststellen, dat ass: Et ass keng Spillplaz do fir kleng Kanner. Dat ass jo och an dësem Fall, an där Anlag ass dat bal net méiglech, esou eng Spillplaz matanzeplangen. Mee et soll een awer vläicht mat den Awunner vum Quartier ënnersichen, wou een eventuell esou eng Spillplaz nach zousätzlech kéint ubréngen. Fir Kanner vun zwee Joer un. Well dat ass am ganze Funiculaire net ze fannen.

Mir begréissen, dass d'Fundamenter vun der fréierer Seelbunn bestoe bleiwen op dëser Plaz. Mir wollten Iech proposéieren, wann an engem gudde Joer dee Projet fäerdeggestallt ass, fir op deem Plateau, also op där Plaz, e gréissere Panno opzeriichten, wéi dat fréier ausgesinn huet. Wéi déi Seelbunn ausgesinn huet, déi deem Plateau den Numm ginn huet.

Déi Trame verte gëtt e komplett fërmlech neit Bild vun deem Site of an dréit wierklech zur Urbaniséierung an zur Verschéinerung vun eiser Stad op där Plaz bäi. D'LSAP stëmmt de Projet an och d'Devise vun der Trame verte vum Plateau du Funiculaire. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Erlaabt mer, Stellung ze huelen zu dem Gesamtprojet. Dat heiten ass fir eis e wichtegt Element an deem ganze Projet Entrée en ville. Awer net nëmmen. Doriwwer eraus ass et och e Verbindungselement an eise Gemengen. Dat heescht, et verbënnt de Quartier Déifferdeng, Uewerkuer, Fousbann, a mat deem neie Vëloswee, dee jo och elo geschwë ganz wäert fäerdeg sinn, Richtung Nidderkuer. Et ass also wierklech en zentraalt Element.

An déi heiten Trame verte – elo kann ee soen, et ass nëmmen e mini-klengt Stéck, mee et ass awer, wéi d'Virriedner hei elo scho gesot hunn, e bëssen d'Vitrinn vun Déifferdeng, wann een do erakënnt. Mir hu ganz vill investéiert, an deene leschte Joren, fir aus der Entrée en ville eng Verschéinerung ze maachen. Fir déi méi attraktiv ze maachen.

Mir hunn dee ganze Plateau Funiculaire mat engem immense Projet beluecht. Dat ass ugaange scho viru 15 Joer, géif ech mengen, wou mer déi éischt Masterpläng gezeechent hunn. A wou mer et fäerdegbruecht hunn, déi éischte Kéier hei an der Gemeng, bei esou engem grousse Masterplang, fir d'éischt de Park ze zeechen. Am Fong den Areal vun de Loisirs a wou d'Leit sech begéinen. Dass dat am zentrale Mëttelpunkt war. An do ronderëm hu mer d'Wunnengen, den Akafszenter, dee mer haut hunn, d'Schoul, déi mer haut schonn do hunn, gezeechent. An den Ursprongsgedanke war: Fir d'éischt de Park als zentraalt gréngt Element do ze erhalen, an als Verbindungselement tëscht all deene Sitten.

Haut gesi mer, déi Trame verte ass eigentlech elo bal dat lescht Stéck aus deem Masterplang, dee viru bal 15 Joer gezeechent gouf. Dat gëtt elo heimat ëmgesat. An et ass e wichtegt Stéck. Well et féiert d'Leit elo vun där Haaptkräizung, wou mer elo sinn, wou jo och dann d'Gare oder soe mer mol den Zucharrêt ass, an de Park eran. Wou een, duerch déi Gebaier en face vun der Strooss, wat massiv Elementer duerstellen, eigentlech net direkt gesäit, dass do hannendrun ee Park ass. An duerfir ass déi Trame verte hei extreem wichteg, mat all deenen Elementer, déi am Dossier sinn.

Dofir begréisse mer, dass dat elo wierklech ëmgesat gëtt, an dass dat och schonn an engem Joer soll fäerdeg sinn. Dat ass wierklech immens flott.

Wéi gesot, et ass e wichtegt Element, vu dass elo kierzlech och déi Bréck gesat ginn ass, iwwert d'Gleiser ewech, vun eisem Parking eriwwer. Soudass mer, wann déi Bréck bis a Betrib wäert sinn – dat wäert jo och nach e puer Woche bis e puer Méint daueren, bis den definitive Belag an alles fäerdeg ass an d'Uschlëss –, mat der Trame verte eng duerchgeeënd Vëlosverbindung hu vum Belval bis am Moment op Nidderkuer. Mer eng securiséiert Vëlosverbindung hunn, wou een am Alldag – an ech betounen do wierklech den Alldag – ka mam Vëlo op d'Schaff fueren an akafe fueren, wat een ëmmer ka maachen. An iwwregens begéinen ech ëmmer erëm méi Leit op eise Vëlosweeër, wat mech och immens freet.

Ech ginn elo net an den Detail an. Ech mengen, den Här Schwachtgen ass do méi am Dossier dran. Hie geet vläicht méi an den Detail an, wat do alles muss installéiert ginn an op wat ee vläicht nach muss oppassen. Ech wollt just eng Kéier den Historique vun dësem klengen Element Trame verte ervirhiewen, well et an deem grousse Masterplang dat lescht Stéck ass, wat mer ëmsetzen a wat awer extreem wichteg ass.

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Dann enchaînéieren ech. Merci. Wat virdru gesot ginn ass, ass am Sënn vun deem ganze Projet, dee viru laanger Zäit als Masterplang virgestallt ginn ass. Mir hu mat Erstaune festgestallt, dass mer 2018 als Ëmweltkommissioun schonn en Avis, opgrond vun zwou Reunioune mat enger Virstellung vum Projet an der Ëmweltkommissioun, eraginn haten. Dat war e bëssen a Vergiessenheet geroden, well, wéi den Här Liesch richteg gesot huet, deen zentralen Aspect vun där Trame verte, wéi et

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *prend ensuite position sur le projet global de l'entrée en ville et considère que c'est un élément important pour la commune de Differdange. Il souligne qu'il permet de relier les quartiers de Differdange, Oberkorn, Fousbann et Niederkorn et considère que la trame verte est un élément clé du projet qui constitue un investissement majeur ces dernières années pour rendre l'entrée en ville plus attrayante. Le projet a commencé il y a environ 15 ans avec un Masterplan qui a pour but de créer un point central pour les loisirs, les logements, le centre commercial et l'éducation, avec un parc comme élément central et connecteur entre tous les quartiers. La trame verte est le dernier élément du plan directeur qui a été dessiné il y a près de 15 ans et qui est maintenant en train d'être réalisé. Elle représente une partie importante car elle mènera les gens depuis le carrefour principal où se trouve également la gare, jusqu'au parc. Déi gréng sont heureux qu'elle soit en train d'être réalisée et qu'elle devrait être terminée dans un an.*
*Lorsque le pont récemment construit au-dessus des voies ferrées depuis le parking sera opérationnel, il y aura une connexion cyclable sécurisée continue grâce à la trame verte, permettant de se rendre au travail ou faire des achats à vélo au quotidien. Il a remarqué que de plus en plus de personnes utilisent les pistes cyclables, ce qui est une excellente nouvelle.*

**FRANZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *déclare qu'en tant que commission de l'environnement, ils avaient déjà discuté de ce projet lors de deux réunions en 2018, mais cela avait été un peu oublié. Il souligne que la réalisation du projet peut donner vie au quartier en créant une atmosphère agréable et en offrant des espaces naturels autour des grands immeubles. Il est essentiel que le quartier soit vivable et invite les gens à y passer du temps.*

*En effet, on avait discuté de créer davantage de zones vertes avec des plantes locales. Aujourd'hui, avec le changement climatique, il est peut-être nécessaire de réviser cela, car les espèces du sud ont tendance à mieux survivre chez nous que celles du nord. En plus, on critiquait le manque d'eau dans ces quartiers avec des immeubles élevés qui créent une atmosphère très chaude en été. Il est donc important de prendre en compte les effets climatologiques de la nature en incluant de l'eau dans l'environnement pour le rafraîchir. Il y a plusieurs sources qui descendent du Thillebierg et qui pourraient être intégrées aux zones urbaines.*

*Le facteur illumination est un facteur important pour l'ambiance, la sécurité et l'environnement. Il est nécessaire de planifier les infrastructures nécessaires pour assurer un éclairage approprié et écologique, qui ne décime pas les espèces animales comme les insectes. Le projet Smart Light-Hub, réalisé pat TNT en collaboration avec les universités de plusieurs pays étrangers, explore des solutions pour un éclairage naturel.*

*En outre, il a remarqué que le terme de « trame verte » est un terme inapproprié pour décrire cette zone. Une trame verte on retrouve plutôt dans un espace rural, sous forme d'une bande verte avec des haies qui sert à la conservation de la nature. Dans ce cas, il faudrait ici parler plutôt d'un couloir écologique.*

*Dans ce contexte, il fait référence à l'arboretum de Niederkorn qui est également destiné à la conservation de la nature, bien qu'il ait récemment souffert et soit souvent attaqué par l'activité humaine.*

*Il souligne qu'on se trouve ici dans une situation mixte où il y a différents éléments qui doivent fonctionner ensemble, tels que la mobilité douce dans le quartier, la mobilité douce en dehors des quartiers, différents espaces de loisirs et de repos, et bien sûr des espaces pour les échanges sociaux.*

genannt gëtt, am Fong virgeplangt ginn ass. An d'Gebaier, et kann een net méi vun Haiser schwätzen, ronderëm gebaut si ginn.

D'Realisatioun kënnt natierlech elo zum Schluss vun deene ganzen urbane Konstruktiounen, déi do ronderëm stinn, awer an eisen Aen ass dat dee wichtegste Punkt, well dee kann deem Quartier Liewen anhauchen oder och net. Et ass immens wichteg, dass ee Quartier, wou Héichhaiser stinn, dass déi Espace ronderëm hunn. Dass dee Quartier vivabel ass an deen och eng Atmosphär schaaft, wou d'Leit invitéiert ginn do ze verweilen. Dat sinn déi dräi Elementer, déi den Här Ulveling gesot huet: akafen, chillen, wéi dat dann haut heescht, a wou och d'Natur nach zu hirem Recht kënnt. Hoffentlech!

Deemools sinn e puer Kriticke gemaach ginn, positiv Kriticken. Ech mengen, déi fënnt een och e bëssen am Element vun de Pläng erëm. Et war gesot ginn, mer sollte méi mat einheimesche Beem schaffen. Et ware vill Non-indigènë virgesinn. Haut, mam Klimawandel, musse mer dat vläicht erëm revisionéieren, well effektiv südlännesch Essencë bei eis besser lues a lues iwwerliewe wéi déi nordesch.

Wat bemängelt gi war deemools, an dat ass vläicht nach en Element, wou ee sech kéint iwwerleeën, vläicht spéider: De Facteur aquatique feelt. An engem Quartier, wou Héichhaiser sinn, entsteet am Summer eng Atmosphär, wou et ganz waarm gëtt.

Do ass et immens wichteg, de klimatologeschen Effekt vun Natur, vu Beem, virun allem vu Waasser, mat an d'Spill ze bréngen. Zemools hei, wou Pentë sinn, kéint een a spéideren Etappen, wann een dat virplangt elo, d'Waasserelement abréngen. Mer hunn eng Rei Quellen, déi vum Thillebierg erofkommen, déi effektiv do laanscht lafen, déi een urban notze kéint.

De Facteur Illumination ass e Facteur d'ambiance, de sécurité awer och écologique. Et muss opgepasst ginn, do mussen elo déi néideg Gainen an déi néideg ënnerierdesch Infrastrukturen ageplangt ginn, fir dass mer herno eng anstänneg Beliichtung hunn, déi och ekologesch ass, déi d'Espècen, d'Insekten an esou weider, net nach weider deziméiert.

Ech erënneren un de Projet Smart Light-Hub, deen den TNT op europäeschem Plang gemaach huet, mat verschiddenen auslänneschen Unien. Do gëtt et Fuerschungsobjekter, déi een effektiv elo an de Soumissioune vläicht scho kann notzen, fir eng naturgeméiss Beliichtung eranzebréngen.

De Projet ass elo fäerdeg a ka realiséiert ginn, no all deene Joren. Ech wollt nach agoen op déi Trame verte. Deen Ausdrock ass, laut Definitioun, net richteg. Vun enger Trame verte schwätzt een an engem ländleche Raum. Beispillsweis zwëschen zwee Felder, entweeder eng Trame verte mat Hecken, fir reng dem Naturschutz ze déngen. Et gëtt Trames bleues, wou eng Baach leeft, déi ëmgréngt ass an ëmgréngt bleift, wat dem rengen Naturschutz déngt. Dat ass natierlech hei net esou.

An dësem Fall géif ech éischter schwätze vun engem engem grénge Couloir écologique, dee sech duerch dat ganzt Gebitt zitt. Den Här Liesch huet dat e bësse méi genee beschriwwen. Vergläichbar mam Arboretum zu Nidderkuer, dee vun der Haaptstrooss, uewe vum neie CID laanscht d'Garage Collé bis op den Nidderkuerer Fussballterrain erofgeet. Dat ass och rengen Naturschutz, obschonn en a leschter Zäite e bësse gelidden huet an ëmmer erëm attackéiert gëtt vu mënschlecher Säit.

Ech mengen, dat sollte mer och hei berécksiichtegen, dass mer hei an enger Mësch-Situatioun sinn, wou déi verschidden Elementer sollen zesumme fonctionéieren. Déi Elementer si genannt ginn: d'Mobilité douce am Quartier, d'Mobilité douce ausserhalb vun de Quartieren, déi verschidde Raim fir Loisir a Repos, hate mer jo scho gesot, a Plaze fir Échanges sociaux natierlech och.

Dat wat d'Natur dervun huet, déi Cohabitatioun zwësche Mënsch an Natur muss garantéiert sinn. Et muss e relativ séchere Passage vun der Fauna, Villercher, Insekten, vun deem engen Enn op dat anert Enn kënne garantéiert ginn. An déi Déieren déi do migréieren zwëschen deenen Zonen, eisem Bierg hei uewen a Zones humides am Kor-

dall, musse kënnen oprechterhale ginn, Dagesvullen, Fliedermais an och Nuetsvullen, wéi zum Beispill d'Nuechtegailchen an esou virun.

Ob dat elo zustane kënnt, dat läit an eisen Hänn. Ob dee Quartier déi Naturkomponent ka behalen an Zukunft, dat hänkt virun allem vum Mënsch of.

Positiv Effeten duerch déi Begréngung ass natierlech dann och de klimatologeschen Aspekt: Temperatur, Fiichtegkeet an esou virun hält sech besser an engem Ambiente, dee bewuess a begréngt ass. Och Effets acoustiques, Nuisances sonores an esou virun, kënne ganz gutt gedämpft gi mat esou gréngen Infrastrukturen.

Wéi gesot, eist eegent Behuelen. Erreeche mer déi Ziler domadder? Kann een herno vun engem Couloir écologique nach schwätzen? Dat ass meng Hoffnung oder eis Hoffnung. Ech denken, et soll een optimistesch bleiwen. An ech denken och, sou wéi de Projet ausgericht ass, wäert en och dat kënnen halen, wa mer dru schaffen.

Wat d'Ëmweltkommissioun ubelaangt, wier ech frou – an ech mengen, dat wier och vläicht interessant fir de Gemengerot –, wa mer eng Kéier eng Begeeung do kéinte maachen, mam Här Ulveling a mat sengen Experten. Fir dat Gebitt, wéi et elo ausgesäit, eng Kéier ze visitéieren a Securitéit, mat deenen néidege Leit, fir eis méi Explikatiounen ze ginn.

Vläicht kënnt dann nach déi eng oder déi aner kleng Iddi dobäi, déi ee kann an de Projet abauen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Gudde Moien alleguerten. Ech faasse mech ganz kuerz.

Mir si frou deen heite Projet kënne matzestëmmen, dat gëtt, ech wëll net grad soen d'Kiischt um Kuch, mee dat gëtt d'Finitioun vun deem ganze Site.

Eng Fro: D'Finanzkommissioun huet geschriwwen, si hätt e klenge Problem mat deene Meterkibb Buedem, déi solle fortgefouert ginn. Mee wann ech richteg verstinn, ass et jo esou, dass de Buedem vun A op B verdeelt ginn ass, dass näischt sollt fortgefouert ginn. Soudass mer do eng gutt Solutioun fonnt hunn. Well haut gëtt dat en héije finanziellen Aspekt, wa vill Buedem muss fortgefouert ginn. Hei ass eng gutt Solutioun fonnt ginn.

Ansonsten ass weider net vill ze soen. Mir stëmme mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Ech géif d'Wuert direkt un den Här Ulveling weiderginn, fir ze äntweren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wäert e puer Äntwerte ginn. Fir d'éischt zum Här Muller. Et ass kloer, dass mer Bänken a Beliichtungen do virgesinn hunn. Am Devis gesitt Der, do steet Mobilier dran. Eng Spillplaz fir kleng Kanner. Och do hutt Der Recht, dass et vläicht e bëssen ze geféierlech wär. Mee am ieweschte Plateau kéint een trotzdeem déi eng oder déi aner Wippschaukel virgesinn. Ech mengen, dat misst nach dra sinn.

Effektiv sinn et vill Weeër an et ass wäit ze goen. De Projet hat initialement e Lift virgesinn. Dee Lift hätt sollen e bëssen esou funktionéiere wéi deen an der Stad, bei der Fondation Pescatore, wou ee géif iwwer eng Passerelle an de Lift kommen. Aus Käschtegrënn hu mer dat awer de Moment emol falegelooss. Och well et u sech net immens schéin ass. Et brécht dat Ganzt e bëssen.

Awer mir hu gesot, dass mer d'Reseauen an alles esou géife leeën, dass op där Plaz, wat initialement virgesi war, dass een dat da kéint iergendwann nobauen, wann ee gesäit, dass dat effektiv e Problem wär, dass d'Leit iwwert déi Weeër do net eropkéimen. Also dat ass emol virgesinn.

*Ensuite, il parle de l'importance de la cohabitation entre l'homme et la nature. Il est nécessaire de garantir une voie de passage sûre pour la faune, les oiseaux et les insectes entre différentes zones naturelles. Les animaux qui migrent entre ces zones, comme les chauves-souris, les oiseaux nocturnes et les écureuils, doivent toujours être protégés. La création d'espaces naturels a également un impact positif sur le climat, la température et l'humidité et peuvent aider à réduire les nuisances sonores. Enfin, il propose que le conseil visite le site avec monsieur Ulveling et ses experts pour discuter d'idées supplémentaires pour améliorer le projet.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *exprime la satisfaction de son parti quant au projet que le CSV va approuver. Il explique qu'il semble y avoir eu des préoccupations de la part de la commission des finances quant à la nécessité de déplacer une quantité importante de terre. Toutefois, une solution a été trouvée, car on a choisi de distribuer la plus grande partie de la terre sur le talus afin de l'équilibrer de manière à ne pas nécessiter un déplacement important.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond à certaines questions concernant le projet. Concernant la question de monsieur Muller il explique qu'ils ont prévu des bancs et des éclairages publics sur le site et qu'ils envisagent d'installer une balançoire pour enfants sur le plateau supérieur.*
*Il est bien conscient que les chemins à parcourir sont très longs. Initialement le projet prévoyait un ascenseur pour permettre aux gens de se déplacer plus facilement. Cependant, en raison de contraintes financières et esthétiques, l'idée a été abandonnée. Le projet permet toutefois l'installation ultérieure d'un ascenseur si cela s'avère nécessaire.*

*Concernant la question de monsieur Tempels, il explique que les volumes de remblais sont de 2 500 mètres cubes et les volumes de déblais sont de 1 848 mètres cubes. La surface totale qui devra-t-être couverte de terre végétale est de 1 200 mètres carrés. Tout ce qui manque sera livré ultérieurement. Dans ce contexte, il attend les proposes de monieur Schwachtgen. Concernant l'eau, ils examineront la possibilité de construire des installations d'eau avec monsieur Lopes, qui travaille aussi sur le projet.*
*Ensuite, il explique qu'il vient de recevoir l'information que la façade um Bock coûtera un million de plus que ce qui avait été annoncé précédemment. La soumission vient d'être ouverte et il y a déjà un surplus de trois millions d'euros. Il suggère qu'on pourrait peut-être annuler les travaux de façade et les réaliser plus tard. (Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *continue avec le point 2.2 de l'ordre du jour portant sur le budget et les dépenses extraordinaires. Plus précisément, il est question de l'achat de la tour Karro pour 12 millions d'euros, dont 500 000 € étaient destinés à la rénovation et au premier équipement. Cependant, il a été constaté qu'il faudrait des fonds supplémentaires pour équiper toutes les chambres d'une cuisine. Elle mentionne également que la tour sera utilisée à l'avenir pour sa véritable vocation et que les subventions pour le logement ont déjà été approuvées.*
*Elle indique que le hall sportif John Scheuren ne pourra pas être finalisée cette année pour un montant de 125 000 €. En conséquence, elle propose de transférer ce montant du budget extraordinaire vers le projet du premier équipement de la tour Karro.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande plus de transparence concernant les 625 000 € dépensés pour le projet immobilier, y compris les équipements supplémentaires nécessaires.*

Zum Här Tempels. Déi Volumes de remblais dat sinn 2.500 Meterkibb. Volumes déblais dat sinn 1.848 Meterkibb. Terre végétale, d'Surface totale, déi wäert bei 1.200 m2 sinn, déi do wäerte mussen ugeluecht ginn. Wéi gesot, do gëtt e bësse vu riets no lénks getässelt. A wat feelt, gëtt dann nobruecht. Mee ech mengen, dat misst awer esou sinn, wéi Der dat sot.

Waasser. Dat kucke mer, wat den Här Schwachtgen proposéiert huet. Ech hu mer et schonn opgeschriwwen. Dat wäerte mer kucke mam Här Lopes, deen um Projet ass, fir ze kucken, ob mer dee Volet nach kënne matabauen.

An ech krut elo virun zéng Minutten nach d'Informatioun – dat wëll ech complementaire soen zu deem, wat ech uganks gesot hunn –, dass d'Fassade um Bock och eng Millioun méi deier gëtt. Déi Soumissioun ass elo grad opgemaach ginn. Soudass mer beim Bock eleng scho bei dräi Millioune Surplus sinn.

Mee do froen ech mech, ob mer fir d'Fassad elo scho mussen den Zouschlag ginn. Well et jo awer eréischt am Bau ass. Eng Fassad ass eppes vun deene leschte Saachen, déi normalerweis gemaach ginn. Ob een do net vläicht ka soen, dass ee se annuléiert a se vläicht an engem Joer mécht oder esou. Dat musse mer eng Kéier am Schäfferot decidéieren. Mee wéi gesot, et geet monter weider.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling, fir déi Explikatiounen. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis relatifs aux travaux d'aménagement des surfaces menant au croisement vers nle Parc de la Chiers.*

Villmools merci. Ech wollt nach zréckkommen op d'Froen. Ech hat dat virdru vergiess. Här Bertinelli, Dir hutt eng Fro ugemellt. Gëtt et der nach? Den Här Altmeisch an den Här Muller. Déi huele mer dann zum Schluss vun der Séance publique. Villmools merci.

Da komme mer zum Punkt 2.2. Do geet et ëm Transferten am Budget, wat d'Dépenses extraordinaires ugeet. Et geet ëm eise Karro, dee mer fir 12 Millioune kaf hunn. Et war e Montant virgesi fir Renovatioun a Premier équipement vu 500.000 Euro. Déi musse mer opstocken.

Ech hat et schonn an der leschter Seance gesot, dass et méiglech ass, dass mer missten opstocken, well all Zëmmer mat Kichen ekipéiert géif. Déi sinn elo dran, de Premier équipement, soudass d'Leit sech kënne kachen an net méi vu Sodexo beliwwert musse ginn. Dat heescht, dat ass u sech e Qualitéitssprong, dee mer deene Leit awer ginn. An dee Premier équipement ass jo och esou geduecht, dass e bleift, wann de Karro dann erëm zu deem gëtt, woufir mir e virgesinn hunn, firwat mir e geplangt hunn. Wat awer elo zäitlech guer net anzeschätzen ass, wéi laang dat elo nach wäert daueren.

A mir hu vum Logement och schonn d'Zouso kritt, dass mer dat subventionéiert kréien.

Den Hall sportif John Scheuren, fir e Montant vun 125.000 Euro, wäerte mer dëst Joer net kënne finaliséieren. Ech mengen, ech brauch net ze erkläre firwat. Mir proposéieren de Montant vun 125.000 Euro vum Budget extraordinaire op de Projet Karro Premier équipement ze transferéieren.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Erlaabt eis als LSAP heizou eng Fro. Dir hutt et zwar elo gesot, déi Méikäschten entstinn doduerch, dass d'Kichen an all Appartement installéiert ginn. Mir wäre frou gewiescht, wa mer am Dossier en Detail virgeluecht kritt hätte vun deene 625.000 Euro, deenen eenzelen Depensen, déi do getätegt gi sinn. Do ware jo och eng ganz Partie aner Equipementer, déi erëm hu missen an d'Rei gemaach ginn.

Et geet net nëmmen ëm déi 125.000, wann dat elo just de Käschtepunkt vun

deene Kichen ass, mee alles dat, wat als Zousatzkäschten do komm ass. Dann hätt een an aller Transparenz gesinn, dat mécht eng Gesamtzomm vun esou vill, duerfir sinn déi 625.000 wierklech néideg a mer brauchen eng Rallonge vun 125.000 Euro. Well dat sinn ëmmerhi 15.000 Euro pro Appartement, wann ech et op 40 Appartementer oprënnen.

Fir de Rescht wollt ech eis Positioun nach eng Kéier erklären. Dir erënnert Iech vläicht drun, mir haten eng aner Positioun zu deem Gebai. Mir haten och deemools dogéint gestëmmt, fir déi Acquisitioun ze maachen. Elo frot Der eng Rallonge am Kader vun deenen 12,5 Milliounen, wou mer net gestëmmt hunn. Da kënne mer déi Rallonge do net stëmmen. Dat ass d'Erklärung, firwat mer eis bei där Rallonge enthalen. Merci fir d'Wuert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Natierlech gëtt en Dekont vun deem Ganze gemaach. Dir wësst jo, dass et an der Urgence geschitt ass. A soubal d'Rechnungen alleguer do sinn …

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt nach soen, mir si selbstverständlech honnertprozenteg domat d'accord, dass do eng Urgence war. An dass dat och am Kader vun där Opnam vun deene Flüchtlingen do gemaach gi war. Wat mir och begréissen. Mee déi aner Grënn, firwat mer eis enthalen, déi hunn ech grad matgedeelt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, da stëmme mer driwwer of.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 3 abstentions d'approuver le transfert de crédit budgétaire au sein des dépenses extraordinaires liés aux projets d'investissement.*

Villmools merci. De Punkt 3a, Avis an Titres de recettes vum Exercice 2021. Am Fong ass et alle Jahre wieder. Et ass eng Oplëschtung vu Recetten, wou et kee reglementairë Pendant dozou gëtt. Am Fong ass et en Ist-Zoustand vu Finanzen, Suen, déi am Exercice 2021 erakomm sinn.

Et sinn interessant Zuelen dobäi. Zum Beispill den Impôt commercial, den ICC, ass 2.384.000 Euro. Am Rectifié ware ronn dräi Milliounen Euro virgesinn. Dat ass eng Millioun Euro manner wéi virgesi war. Beim Fond de dotations, beim FDGC, dat ass esou e schwéiert Wuert, leie mer bei 91.766.000 Euro. Dat entsprécht eisen Erwaardungen. Trotzdeem ass et e Plus vu véier Milliounen Euro, well mer hate 87 Milliounen Euro virgesinn.

Déi aner Chiffere kënnt Der selwer kucken. A wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, da géife mer direkt zum Vott kommen. Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les avis et titres de recettes pour l'exercice 2021.*

Da si mer beim Punkt Etat des restants et décharges och fir den Exercice 2021. Restanten, dat si Suen, déi mer nach zegutt hunn. Dechargen, dat si Suen, déi mer ofschreiwen. Bei Interêt kënnen d'Leit den Dossier natierlech beim Receveur op der Gemeng consultéieren.

Dir gesitt, mir hunn en Total des arriérés vun 364.704,99 Euro. Dovunner si Restants à poursuivre 313.199,11 Euro. An Décharges, déi eis de Receveur proposéiert, 51.505,88 Euro. Wat en Total vun 364.704,89 Euro bedeit.

Par rapport zu de leschten zwee Joren ass dat eng Diminutioun vun tëschent 10 % a 15 %. Am Moment geet et an déi gutt Richtung.

Här Muller, wannechgelift.

*Il souligne que le coût supplémentaire ne se limite pas aux 125 000 € mentionnés pour l'équipement de cuisine, mais inclut également d'autres coûts. Cela équivaut à 15 000 € par appartement pour un total de 40 appartements. En outre, il explique que le LSAP avait voté contre l'acquisition du bâtiment et ne peut donc pas voter en faveur de la rallonge demandée.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*remercie Erny Muller et explique qu'un compte rendu sera effectué une fois que toutes les factures seront payées. Il est d'accord qu'il y avait une urgence en rapport avec l'accueil des réfugiés, mais le LSAP s'abstient pour les raisons sus-mentionnées.*

*(Vote)*

*Ensuite la bourgmestre présente l'avis et les titres de recettes pour l'exercice 2021. Les chiffres présentés concernent les finances réelles pour l'exercice 2021, avec des chiffres intéressants tels que les 2,384 millions d'euros pour l'impôt commercial. Le FDGC a une dotation de 91,766 millions d'euros, correspondant aux attentes malgré un excédent de quatre millions d'euros par rapport aux 87 millions d'euros initialement prévus.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe à l'état des restants et des décharges pour l'exercice 2021. Les citoyens peuvent consulter le dossier auprès du receveur de la commune. Le total des arriérés est de 364 704,99 €, dont 313 199,11 € de restants à poursuivre et 51 505,88 € de décharges proposées par le receveur. Cela représente une diminution de 10% à 15% par rapport aux deux dernières années. Actuellement, les choses vont dans la bonne direction.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *remarque que les statistiques montrent une diminution réelle des arriérés, mais se demande quelle en est la cause, se demandant si l'Allocation de solidarité y contribue.*
*Il espère que cette amélioration va continuer, malgré l'augmentation de prix.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *indique qu'elle a discuté avec le receveur, mais qu'il n'y a pas de raison claire pour expliquer cette diminution.*
*(Vote)*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *présente ensuite un projet de morcellement de terrain dans la rue de Pétange à Niederkorn. Quatre parcelles vont être divisées en trois nouvelles parcelles, avec les numéros de 9.372 à 9.375. Cette décision est prise dans le cadre d'une transaction de vente de terrain pour permettre au propriétaire d'un terrain voisin de respecter les normes de construction de la commune. Une nouvelle parcelle, avec le numéro 2888xxx3, sera vendue pour créer une zone de construction conforme aux normes du PAG. L'acte de la transaction sera présenté lors de la prochaine réunion du conseil communal pour être approuvé.*
*(Vote)*

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dir hutt ganz richteg gesot, wann een déi Statistike kuckt, iwwert déi Joren, an déi Kurven, déi Balken, Diagrammer déi mer bäigeluecht kritt hunn, da gesäit een effektiv, wat Der gesot hutt, dass mer erëm wierklech no ënne ginn. Elo wär et awer interessant ze wëssen, wat d'Ursaach heifir ass. Ass dat, zum Beispill, d'Allocation de solidarité? Bréngt déi eppes? Ass dat ee vun de Grënn, firwat dass d'Leit elo effektiv hir Rechnunge bezuelen? Oder wat kënnen déi Grënn sinn? Mir hoffen op jidde Fall, och vun eiser Säit, dass mer eis elo op deem ënneschten Niveau apendelen. Dat ass e gutt Zeechen, fir eis Populatioun, géif ech emol soen.

Mee mir wësse jo, wat elo lass ass, déi Präisexplosioun, déi momentan amgaangen ass, kann awer och de Géigendeel bewierken. Hoffe mer net. Mee fir de Moment géif ech soen ass d'Situatioun vill besser. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Ech kann Iech soen, ech hu mam Receveur driwwer geschwat. Dat ass alles Spekulatioun, also mir wëssen net, wéisou dat esou ass. Mir kënne just spekuléieren a supposéieren, firwat dat esou ass. Awer e konkreeten Unhaltspunkt firwat dat esou ass, wësse mer net.

Wann et keng weider Wuertmeldung dozou gëtt, komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'état des restants et décharges pour l'exercice 2021.*

Merci. Am Punkt 4a geet et ëm e Morcellement vun Terrainen an der Péitenger Strooss zu Nidderkuer. An ech géif dofir d'Wuert direkt un den Här De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Dammen an Hären aus dem Gemengen- a Schäfferot, wéi Der op de Pläng gesitt, ginn hei véier Parzelle mat den Nummeren – déi éischt soen ech elo net – 9.372 bis 9.375 an dräi Parzellen nei agedeelt. Firwat gëtt dat gemaach?

Am Kader vun enger Transaktioun vum Verkafe vun engem Stéck Terrain am Péitenger Wee un de Proprietär vum Haus niewendrun, muss e Morcellement gemaach ginn. Déi nei Parzell, mat der Nummer 2888xxx3 – déi éischt dräi Ziffere sinn nach net do – vun 2,29 Ar gëtt da weider un de Proprietär vun der Parzell niewendru verkaf. Soudatt hien eng Bauplaz huet, déi den Norme vun eisem PAG entsprécht. Dat heescht hie kann d'Limitt vum Recul latéral a vun der Längt vu senger Fassad respektéieren.

Aktuell fänkt hien näischt mat senger Parzell un a mir mat deem Stéck och net. Dowéinst si mir senger Demande entgéintkomm a wäerten him deen Deel Terrain verkafen.

Den Akt wäert an engem nächste Gemengerot presentéiert ginn an dann zur Ofstëmmung kommen. Fir dësen Akt opzestellen, muss e Morcellement gemaach ginn. Dowéinst ass et haut um Ordre du jour. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le morcellement de terains dans la route de Pétange à Niederkorn.*

Den nächste Punkt dat ass eng Modification ponctuelle vun engem PAP Zwëschen Lauterbännen zu Nidderkuer. Ech ginn d'Wuert direkt weider un den Här De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Wann ech mech net ieren, ass dee PAP vun 2012. Elo huet de Promoteur eng Modification ponctuelle ugefrot. Et läit an enger Zone SPEC2. Dat heescht, datt d'Zon exklusiv geduecht ass fir, ënner anerem, kommerziell Aktivitéiten, Fräizäitaktivitéiten, Servicer vum HoReCa-Secteur unzebidden.

Wat huet geännert? D'Surface, wou elo gebaut gëtt, ass méi grouss. Mee et geet net esou an d'Héicht, wéi am initiale Projet. Soudatt de Volumen eigentlech d'selwecht bleift. Et gesäit een och, datt et net méi esou ee Klotz ass, mee stufeweis an d'Luucht geet, datt ee Palieren huet.

Am Ufank, wéi Dir op de Pläng gesitt, sollt do en Hotel hikommen. Mee mam besteeënden Apart/Hotel am Lot niewendrun ass deen net méi néideg. Fir déi nei Funktionalitéite vum Gebai musse méi Flächen op engem Stack disponibel sinn. Net wéi an engem Hotel, wou et an d'Héicht geet.

Et ass ugeduecht, datt e Supermarché an eng Crèche dohinnerkënnt. Fir e Supermarché muss méi Fläch op engem Stack disponibel sinn. Dofir déi Modification ponctuelle, fir déi Flächen ze optimiséieren.

D'Gebai wäert sech mat deem besteeënde Gebai alignéieren. Soudatt een eng kontinuéierlech Front wäert hunn. Wéi gesot, d'Emprise um Buedem gëtt méi grouss, mee de Volumen ännert net.

Wat d'Parkplazen ugeet, do hat d'Bautekommissioun eng kleng Remark gemaach. Am Ufank sollt do en ënnerierdesche Parking kommen, elo ass e Parking couvert ouvert virgesinn. Dat heescht een oppenen iwwerdaachte Parking mat ronn 90 Parkméiglechkeeten.

Den Accès an de Supermarché ass iwwert déi besteeënd Strooss, déi um Käerjenger Wee ugebonnen ass, mee d'Livraisoune kommen iwwer eng Ramp op den éischten Niveau iwwert d'Rue des Ateliers, déi bei eisen neie CID féiert.

Wat d'Amenagementer vun den ëffentleche Plazen ugeet, do huet dës Modifikatioun keen Afloss op den initiale Projet. Nëmme beim Reewaasser-Konzept gëtt mat der AGE gekuckt au fur et à mesure, wou de Projet gebaut gëtt, ob do Modifikatioune musse virgeholl ginn.

Mir verstinn, datt de Promoteur dës Ännerunge virhëlt, well éierlech, een zweeten Hotel hätt do ganz wéineg Sënn gemaach. Mat allem, wat deemnächst dohinnerkënnt, vu Leit déi do schaffen, de Verkéier, ass ee Supermarché eng super Iddi. No der Schaff, oder wann ee laanschtfiert, kann ee ganz séier erasprangen a seng Akeef maachen.

Mir begréissen d'Modification ponctuelle vun dësem PAP. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Ech wëll direkt dem Här De Sousa eng Äntwert gi betreffend der Bautekommissioun. Ech war grad esou iwwerrascht wéi Dir, dass d'Bautekommissioun, dat heescht déi Vertrieder, déi do ware vum Service, dee Moment net konnt informéieren, wat do u Parkméiglechkeete virgesi war. An d'Memberen hu sech Suerge gemaach, well jo e Commerce dohikënnt. An net grad e klenge Commerce.

Ech muss awer soen, wéi ech den Dossier gelies hunn, hunn ech direkt festgestallt, wat virgesi war. Duerfir wollt ech Iech suggeréieren, ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot, dass all déi Projeten, déi, loosse mer soen, ech nennen elo mol einfach de Bauteservice, net direkt ausschafft, dass déi vum Service urbanisme ausgeschafft ginn. Dat ass souwuel vun deem Projet virdrun, mat der Trame verte, wéi och dëse Projet, wat e Projet d'urbanisme ass.

An d'Bautekommissioun heescht jo des bâtisses et de l'urbanisme. Dass déi zwee Servicer kéinten agéieren. Mir

*Ensuite, Paulo De Sousa aborde une modification ponctuelle d'un PAP qui date de 2012 entre Lauterbännen et Niederkorn et explique que le promoteur a demandé cette modification dans une zone spécifique, appelée SPEC2, qui est destinée à des activités commerciales, de loisirs et de services de la HoReCa. La surface à construire est plus grande que prévu, mais la hauteur ne sera pas aussi importante que celle prévue initialement, de sorte que le volume du bâtiment reste approximativement le même. Le bâtiment est également construit de manière étagée plutôt qu'en bloc massif.*
*Au début, on avait planifié la construction d'un hôtel sur le terrain, mais comme il y a déjà un apart-hôtel sur le terrain voisin, ceci n'est pas nécessaire. Maintenant, l'idée est d'y intégrer un supermarché et une crèche. Le nouveau bâtiment sera aligné sur le bâtiment existant pour créer une façade continue.*
*Au début, on avait planifié un parking souterrain, mais finalement il va y avoir un parking couvert avec environ 90 places de parking. L'accès au supermarché se fait par la route existante du Käerjenger Wee, mais les livraisons se font par une rampe à partir de la rue des Ateliers menant au nouveau CID. Les modifications apportées n'ont pas d'impact sur le projet initial, à l'exception du concept de gestion des eaux pluviales pour lequel des ajustements pourraient être nécessaires. Un deuxième hôtel n'aurait pas été judicieux, alors qu'un supermarché sera bénéfique compte tenu de l'affluence prévue sur le site.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *est surpris que les représentants de la Commission des Bâtisses et de l'Urbanisme n'aient pas été informés à l'avance des détails du projet, notamment concernant les places de parking. Les membres de la commission se sont inquiétés de l'impact sur l'arrivée d'un commerce important sur le site. Muller suggère que de tels projets ne doivent pas être traités uniquement par le service des bâtisses, mais ensemble avec le service d'urbanisme.*

*Erny Muller résume que le PAP pour le Lot B va être modifié pour permettre la construction d'un supermarché de 2 400 m2 sur une surface plus grande de 39,55 ares. Le nouveau bâtiment aura un étage de moins et un parking au rez-de-chaussée avec un accès pour 90 places de parking. L'entrée se fera par la Rue de Bascharage, à côté de l'hôtel, avec une rampe menant au magasin pour les livraisons. En plus, on intégrera une crèche au sein de cet immeuble. En tous cas, le LSAP approuve cette modification du PAP. Ils pensent que cette zone est idéale pour y installer un commerce et ils espèrent que le projet sera bientôt réalisé.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *exprime le soutien de son parti à la modification proposée. Il considère que la nouvelle architecture avec différents plateaux est bien plus efficace qu'un grand bloc massif. Il comprend également la motivation de la proposition, car elle permet une activité différente de celle qui était prévue auparavant. Dans l'ensemble, il est satisfait du développement de la zone et estime que cela correspond bien aux activités déjà en place. Il a cependant quelques suggestions pour le conseil municipal.*

haten dat schonn eng Kéier hei gesot. An dass dann e Vertrieder vun deenen, déi dat zesumme mat deene Promoteuren oder Architekten ausgeschafft hunn, den Dossier presentéiert oder Erklärunge ka ginn. Da wär dat och net virkomm. Dee Rapport wär da warscheinlech net esou gemaach ginn.

Elo zu menger Interventioun. Ech wëll am Numm vun der LSAP soen, dass mir begréissen, dass dës Modification ponctuelle vum PAP vum Interieur substantiell consideréiert gouf. Wéi Der gesot hutt, hëlt de Volume net zou. D'Entwécklung op der Plaz um Rondpoint am Agank, oder villméi am Ausgang vun Nidderkuer geleeën, no bei dem zukünftege CID, an der Rue de l'Atelier geet virun.

Et kënnt elo keen Hotel méi dohin, wéi Dir och gesot hutt, well et besteet jo schonn een um Lot A, wou jo och eng Produktioun a Verkaf vu Pâtisserie a Boulangerie ass.

D'Modification vum PAP vum Lot B, haaptsächlech an der Déift vun der Konstruktioun, erkläert sech doduerch, dass soll e Supermarché vu ronn 2.400 m2 op dëse Plateau kommen. Wat eng méi grouss Surface au sol bedéngt.

D'Parzell am Ganzen huet eng Fläch vun 39,55 Ar.

Dat neit Gebai kritt e Stack manner no baussen, de Sous-sol fält ewech, an et kënnt e Parking op de Rez-de-chaussée. Wann ee vun der Rue de Bascharage ausgeet, dann ass dat de Rez-de-chaussée. Dat geet jo awer dann erop an déi aner Säit, an do ass et dann deelweis zou.

Mee um Niveau Rez-de-chaussée gëtt den Accès amenagéiert fir 90 Emplacementer. Iwwert d'Rue de Bascharage, nieft dem Hotel, soll et eragoen. An hannendrun, wéi Der och gesot hutt, iwwer eng Rampe leeft d'Uliwwerung fir d'Geschäft. 90 Emplacementer am Ganzen, dovun een Deel baussen, mat Accès vun der Rue de l'Atelier aus.

Am ieweschten Deel vum Gebai ass dann nach eng Crèche geplangt.

D'LSAP stëmmt dës Modifikatioun vum PAP. Mir sinn och der Meenung, dass dat eng ideal Plaz ass fir esou ee Commerce. An hoffen, dass dee Projet zu Nidderkuer elo zügeg virugeet. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir begréissen och déi heite Modifikatioun. Urbanistesch gesinn ass et e Gewënn, well et effektiv, wéi den Här De Sousa gesot huet, keen esou een décke Block gëtt, mee eng Architektur a verschiddene Plateauen. Dat gesäit direkt manner massiv aus.

Mir verstinn och d'Motivatioun. D'Aktivitéit ass eng aner wéi déi, déi geplangt war. Da muss ee säi Plang upassen un déi Aktivitéit. Dat ass duerchaus gutt motivéiert hei.

Insgesamt si mer frou iwwert den Developpement vun deem ganzen Areal, dee mer elo do hunn. Mir wëssen: Eise CID kënnt nach dohinner. Et gëtt scho verschidden Aktivitéiten, a mat dësem Projet kënnt e weidert Element bäi, wat eiser Meenung no och gutt dohinner passt.

E puer kleng Suggestioune géife mer dem Schäfferot awer nach wëlle mat op de Wee ginn.

Déi Baufläch, déi mer elo do hunn, ass mol positiv. Dat heescht, dass mer manner Bau-Aushub hunn, well mer jo manner an d'Déift ginn. Wat hei zu Lëtzebuerg jo am Moment nach e risege Problem ass, dass mer eigentlech extreem vill Aushub hunn an doduerch ëmmer erëm no Deponië musse sichen, déi mer net hunn, fir nach gudde Buedem iergendwou an enger Deponie ze lageren. Dat ass am Fong en Nonsens. Do musse mer eis wierklech alleguerten ustrengen, fir eppes dergéint ze maachen.

Dëse Projet ass sécher net doduerch motivéiert. Mee et ass awer mol e positiivt Element, dass dat hei esou geschitt.

Wat mer nach wéilte suggeréieren, dat ass, dass ee mam Promoteur kéint schwätzen, fir e Gréngdaach an eng Photovoltaikanlag. Well d'Daach-Surface ass grouss. Mir denken och, dass mat engem gréngen Daach d'Diskussioune mat der AGE, also mam Waasserwirtschaftsamt, anescht wäerte sinn, wann een eng Recuperatioun um Daach selwer kann duerch e Gréngdaach realiséieren.

Da menge mer, dass am ganzen Developpement vun deem Quartier sech och elo schonn eigentlech misste Gedanke gemaach ginn, wéi mer mobilitéitstechnesch dat doten ubannen. De CID kënnt dohinner, dat hei kënnt nach dohinner. Mir denken, dass zum Beispill den Diffbus kéint bis dohi fueren. Ob een do net schonn éischt Gedanke kéint maachen. Net dass mer herno ze spéit sinn.

Och eng Vël'OK-Statioun schéngt eis do wichteg ze sinn, dass een déi elo schonn iergendwou aplangt op deem Areal, fir dass eis Leit, déi um CID schaffen, d'Leit, déi dohinner akafe wëlle goen, och iwwert de Vël'OK-System kéinten dohinnerkommen.

Dat sinn alles Saachen, déi een direkt kéint matdenken, ouni herno mussen erëm opzerappen, wa schonn alles steet.

Insgesamt ass et awer e flotte Projet, dee mer wäerte stëmmen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Madamm Saeul, wannechgelift.

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wëll mech kuerz halen. Et ass scho vill iwwer all d'Detailer geschwat ginn.

Aus dem virdru geplangten Hotel entsteet elo e Supermarché um Rez-dechaussée. An e Stack uewendriwwer entsteet eng Crèche. Dat Ganzt mat enger Rei Parkplazen. Dëst sinn dräi positiv Fonctioune fir d'Zone d'activité Haneboesch an Zwësche Lauterbännen.

Eng Crèche ausserhalb vum Zentrum vun der Gemeng ass ganz wichteg fir all déi Leit, déi an där Géigend do schaffen. D'Personal an der Zone d'activité an Zwësche Lauterbännen wäert ganz enchantéiert sinn, dass se hir Kanner kënnen do laanschtféieren, ouni an den Zentrum vun der Gemeng Déifferdeng mussen ze fueren an no Parkplazen ze sichen, ze hënneren, well keng Parkplazen do sinn, fir just dee Moment. An et sinn och genuch Parkplazen u sech virgesinn.

D'DP begréisst dës Modifikatioun. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Zwësche Lauterbännen à Niederkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de monsieur Antonio Tavares.*

---

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 5a, de Grondschoulen. Do geet et ëm, wéi dat esou schéin heescht, d'Kannerverdeelungsreglement vun eise Schoulen. Ech wëll Iech déi Haaptchangementer virstellen. Ab nächst Joer sollen d'Klasse ganz weider geschéckt ginn. D'Kanner sollen net méi opgedeelt ginn. Si sollen als Klass an den nächste Cycle kommen.

Mat deene Changementer steet d'Kand méi am Mëttelpunkt, well och d'IEBSen, dat heescht d'Instituteurs spécialisés dans la prise en charge des élèves à besoins éducatives particuliers et spécifiques, plus d'ESEBen an de CI matabezu ginn. Dass hiren Avis matabezu gëtt, fir d'Kanner ze verdeelen. Et ass just an Ausnamesituatiounen, wou dann op Demande ka vläicht eng Ausnam gemaach ginn.

Dat ass ee wichtege Pilier. Een anere wichtege Pilier ass eis Bëschklass. Do hu mer festgestallt, dass mer do mussen

*Il évoque que en raison de la quantité importante de déblais générés par les chantiers, il est difficile de trouver des décharges qui ont de la place pour stocker ces déchets. C'est un problème pour lequel il faut trouver une solution. Cependant, comme ce projet prévoit une construction qui va moins en profondeur, ce problème est évité.*
*Ensuite, il demande s'il serait possible de parler avec le promoteur pour inclure un toit vert et une installation photovoltaïque, et que cela pourrait aider à résoudre des problèmes liés à la gestion des eaux pluviales.*
*Il souligne également l'importance de penser à des solutions de mobilité durables dès la phase de développement, telles que l'installation d'une station de Vël'OK ou un arrêt pour le Diffbus. Dans l'ensemble, déi gréng soutiennent le projet et encouragent sa mise en œuvre.*

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *aussi considère ces modifications comme positifs pour la zone d'activité de Haneboesch et Lauterbännen. La crèche est très importante car elle est située en dehors du centre-ville et sera bénéfique pour les personnes travaillant dans la région. En plus, on a planifié assez de places de parking. La modification est saluée par le DP.*
*(Vote)*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *continue avec le point 5a et présente les changements proposés pour la répartition des élèves dans les écoles primaires. À partir de l'année prochaine, les enfants ne seront plus répartis mais resteront dans la même classe pour le cycle suivant. Ces changements sont axés sur le bien-être de l'enfant, incluant les élèves ayant des besoins éducatifs particuliers et leurs instituteurs. Toutefois, des exceptions pourront être faites sur demande. Ces changements sont considérés comme un pilier important pour les écoles primaires.*
*Un deuxième pilier important sont les « Bëschklassen ». La bourgmestre parle de l'importance de l'équilibre entre les garçons et les filles au sein des classes. Bien qu'il*

*y ait normalement un tirage au sort pour déterminer les places, l'objectif est de maintenir un équilibre entre les sexes dans chaque classe pour le bénéfice de tous les élèves. Un nombre minimum de trois ou quatre garçons ou filles sont assignés pour éviter des classes exclusivement composées de garçons ou de filles. Le nouveau règlement prévoit également deux places pour la commission d'inclusion, qui permet de réassigner des places non occupées en début d'année.*
*Ensuite, elle parle de la nécessité de construire de nouvelles écoles et des investissements nécessaires pour le faire. Monsieur Ulveling avait déjà affirmé que les coûts de construction de la nouvelle école à Niederkorn sont plus élevés que planifiés. En outre, il y a un besoin de construire une deuxième école à Niederkorn. La Meedercherssschoul de Niederkorn est déjà plus chère en raison de sa charpente. De plus, il y a la nécessité de réaménager l'espace scolaire à Differdange-Centre car les classes de précoce doivent être de plain-pied et ne peuvent pas avoir d'escaliers. Il reste encore des décisions à prendre à ce sujet. La bourgmestre espère que le changement proposé dans le règlement de la répartition des enfants sera approuvé.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *parle de l'importance de l'amitié et de la continuité pour les enfants à l'école. Les amis offrent un soutien et une dynamique de groupe qui représente une motivation importante. Cependant, dans les grandes écoles comme celle de Differdange, le nombre d'élèves par cycle peut varier considérablement d'une année à l'autre, ce qui peut entraîner des problèmes de cohésion de classe. Par conséquent, il est important de ne pas diviser les classes après chaque cycle, sauf si cela est absolument nécessaire. Si une division est nécessaire à l'avenir, l'objectif sera de ne pas séparer les enfants de leurs amis.*
*Il met en évidence qu'il est préférable de prendre des décisions individuelles en fonction des besoins de chaque enfant plutôt que de se conformer strictement aux règlements. Les propositions des ensei-*

oppassen, wéi mer d'Kanner unhuelen. Dat ass jo Tirage au sort, normalerweis. Mee dass et net gutt ass, wann ee Bouf bei esou ville Meedercher ass oder ee Meedche bei esou ville Bouwen ass.

Mir bleiwe beim Tirage au sort, awer mir probéieren, en Equiliber do hierzestellen tëschent Jongen a Meedercher, well dat fir d'Klass besser ass. Et gëtt mat engem Minimum vun dräi bis véier Meedercher oder dräi bis véier Bouwe gekuckt, dass et net exklusiv Meedercher oder Jonge sinn.

Dat heescht, et gëtt ausgezunn an da gëtt déi nächst Lëscht ausgezunn an da gëtt gekuckt, wéi den Equiliber vun der Klass ass, ob mer musse Meedercher zéien oder Bouwen zéien.

Ech denken, dass dat net schlecht ass. An d'Équipe pédagogique géif dat begréissen, wa mer dat géife soen.

Nei an deem Reglement ass, dass elo och zwou Plaze virgesi si fir d'Commission d'inclusion. Dat heescht, wann déi Kanner proposéieren, dass do am Ufank zwou Plaze fräi bleiwen. Wa se net besat musse ginn, da ginn d'Kanner nogezunn.

Wat gëtt et nach? Kanner, déi nei ukommen. De Schoulservice verdeelt d'Kanner net méi. Mee et gëtt mat de Schoule gekuckt, wouhinner d'Kanner solle kommen. D'Équipe pédagogique, nom Entretien mat Elteren an esou, verdeelt d'Kanner. Et ass net méi de Schoulservice, dee se opdeelt.

An dann, dat hate mer d'lescht Joer, d'Zone secteur scolaire, dat ass éischter en Outil administratif, dee ka geännert ginn, wéi d'Schoule besat sinn.

Dir wësst, dass mer Schoule musse bauen. Den Här Ulveling huet et gesot, déi zu Nidderkuer gëtt esou vill méi deier. Am Zentrum si mer amgaang ze kucken, déi brauchen och nach Raim. An zu Nidderkuer ass en vue nach eng zweet Schoul bäizebauen.

Schoule si mer gehale vum Staat, déi ze bauen. Dat ginn enorm Investitiounen, déi mer awer mussen tätegen. D'Meedercherssschoul zu Nidderkuer gëtt elo schonn esou vill méi deier duerch d'Charpente. Deen neie Site zu Nidderkuer, dee mer jo geplangt hunn. An da musse mer wierklech kucken, wéi mer den Déifferdenger Zentrum opgestockt kréien. Well d'Precoce-Klasse musse plain-pied sinn. Déi dierfe keng Trape goen. Soudass och de Schoulraum do muss amenagéiert ginn.

Dat steet eis nach alles bevir ze beschléissen.

Ech wier frou, wann Der dat Changement am Kannerverdeelungsreglement géift matstëmmen.

Här Hartung, wannechgelift.

---

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, léif alleguer, fir d'Kanner ass et wichteg, dass si Fréndschafte kënnen opbauen/fleegen. Fir vill sinn d'Kolleegen eng Haaptmotivatioun, fir an d'Schoul ze goen. Si sinn Deel vun enger Gruppendynamik, wou si sech erëmfannen a wou Fréndschaften hinnen Halt ginn. Dohier soll d'Kontinuitéit gewährleescht sinn. Wat mat dësem Dokument ugestriefť gëtt.

Am Géigesaz zu méi klenge Schoulen, an hei zu Déifferdeng hu mer zimmlech grouss Schoulen, variéiert d'Unzuel vu Schüler pro Cycle vu Joer zu Joer vill. Wat mat sech bréngt, datt Klasse reegelméisseg bäikommen oder ewechfalen. Och innerhalb den normalen zwee Joer vun engem Cycle, wou u sech net soll opgedeelt ginn.

Dofir mécht et Sënn, fir net nach zousätzlech d'office, no all Cycle, nees opzedeelen, wann et net néideg ass.

Zukünfteg, wann dann nei opgedeelt muss ginn, gëtt gekuckt, fir d'Gruppe sou grouss wéi méiglech ze halen, fir dass d'Kanner net ze vill auserneegerappt ginn.

Och gesäit d'Reglement eng gewëssen Ouvertür vir. All Situatioun ass anescht. Et wier net gesond, dëst rigid ze reegelen. Et misst, jee no Besoin, individuell gekuckt kënne ginn. Dofir ass et gutt, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, datt ee sech an Ausnamesituatioune méi Flexibilitéit gëtt, am Interêt vun de Kanner.

An net just stur nom Reglement virgeet, mee eeben Ausname méiglech sinn,

wou pedagogesch Iwwerleeunge vun dem Schoulpersonal berécksiichtegt kënne ginn. A si Propose kënne maachen, déi dann natierlech vun der Schouldirektioun an der Schoulkommissioun guttgeheescht musse ginn.

Als Déifferdenger CSV ënnerstëtze mer déi hei virleiend iwwerschaffte Versioun vum Reglement, wéi d'Kanner all Joer opgedeelt ginn an déi verschidde Klassen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hänke mech de Wierder vum Här Hartung un. Et ass flott, wann ee seng ganz Primärschoul-Karriär ka plus ou moins mat deene selwechte Fréndinnen a Frënn maachen. Dat ass deen Alter, wou sech effektiv scho Frëndschaften opbauen.

Ech hunn eng minikleng Fro dozou. Ech hu gesinn, dass zwou vu fënnef Écoles fondamentales majoritär géint dat heite Reglement gestëmmt hunn.

Ech hunn de Rapport gelies vun der Schoulkommissioun. Do hunn ech net erausgelies wéisou. Do wollt ech froen, wéisou déi dogéint gestëmmt hunn. Well alles, wat ech bis elo gelies hunn, vun der Schoulkommissioun a wat d'Schoul ugeet, hat ech d'Gefill, et wär eng grouss Harmonie an dat géif alles unanime gedroe ginn. Ech sinn e bëssen iwwerrascht, dass elo zwou Schoulen dogéint gestëmmt hunn. An dat wollt ech eeben hei nofroen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Ech war natierlech op déi Fro do virbereet, well ech dat och gemierkt hunn a Récksprooch geholl hunn. Ech denken, wéi a villen Domänen, dass et e Problem vu Kommunikatioun ass, intern an de Schoulen. Well déi Phas hei, dass d'Kanner als ganz Klass weiderginn, am Sënn och vu Frëndschaften, genau wat Dir sot – wa mir d'Kanner all zwee Joer auserneerappen, wou solle se do Frënn fannen oder Kolleegen? Dat war eng Iwwerleeung, déi mat hei agefloss ass.

Awer et war elo ee Joer Testphas applizéiert ginn. Et ass ee Joer laang a Reunioune mat de Presidenten, mat de Leit um Terrain thematiséiert ginn a geschwat ginn. Et ass eng Demande geschéckt ginn un all President respektiv Presidentin vun all Site, an et ass kee Feedback komm. An d'Ofstëmmung ass elo esou komm, wéi se ass.

Dat ass elo meng perséinlech Usiicht, datt dat e Problem vu Kommunikatioun ass. Sou interpretéieren ech dat. A si ginn awer op de Wee, fir elo nach eng Kéier mat deene Leit, déi dergéint gestëmmt hunn, ze schwätzen, wéisou a wat do d'Problemer gewiescht waren.

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Bonjour alleguerten. Merci fir d'Wuert. D'Madamm Buergermeeschter huet eis dat elo gutt erkläert. Si ass op alles agaangen. Wéi bei allem, sinn ech der Meenung, dass et net eng eenzeg gutt Méiglechkeet gëtt, wéi een dat kann ugoen. Ech fannen et awer op jidde Fall gutt, dass sech vill Gedanke gemaach gi sinn, an dass elo en Outil de travail besteet, no deem ee sech ka riichten a wéi een d'Kanner verdeele kann.

Déi gréng stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech froe mech: Firwat et kompliziéiert maachen, wann et einfach geet? Ech géif einfach en Dëppe mat Jongen an en Dëppe mat Meedercher huelen an dann een nom aneren zéien. Dann huet een ni d'Situatioun, dass een op eemol ze vill där enger oder där anerer huet.

*gnants doivent également être prises en compte par la direction de l'école et la commission scolaire. En tout cas, le CSV soutient la modification de la réglementation.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *est d'accord avec monsieur Hartung. Pourtant, il est surpris que deux écoles fondamentales sur cinq aient voté contre le règlement en question, malgré le fait qu'il n'ait pas vu les raisons précises de leur décision dans le rapport de la commission scolaire.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *estime que le problème de l'opposition à ce règlement scolaire est lié à un manque de communication interne dans les écoles. Elle rappelle que cette modification a été testée pendant un an, que des réunions ont été organisées avec les présidents des différents sites ainsi que les gens sur le terrain, mais qu'elle n'a reçu aucun feedback. Maintenant, on veut discuter avec les personnes qui ont voté contre le règlement pour comprendre les problèmes rencontrés.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *pense qu'il n'y a pas qu'une seule solution possible. Elle estime toutefois qu'il est positif qu'un outil de travail soit maintenant disponible pour orienter la répartition des enfants. Déi gréng sont d'accord avec cette modification.*

**TOM ULVELING (CSV)** *propose une approche simple en prenant des urnes séparées pour les garçons et les filles et en tirant les noms afin d'éviter les complications.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *prend note du message et le transmettra à la commission scolaire.*
*(Vote)*
*Au point 5b, il est question d'une modification du Règlement d'ordre interne de l'école primaire. Celle-ci est basée sur deux années de Covid et sur un cas particulier qui s'est produit l'année dernière à Hesperange.*
*On a discuté avec la direction et les associations de parents d'élèves. Pendant Covid, la rentrée des enfants ne se faisait plus dans la cour et les parents n'avaient pas le droit d'y accéder, ni dans la cour ni dans l'école.*
*Ensuite, il y a eu l'incident à Hesperange. On a donc décidé, en tant que commune et direction, que pendant le temps scolaire et même pendant les heures de la SEA, personne n'ait plus accès à l'enceinte de l'école, à l'exception du personnel scolaire, des enfants et des personnes autorisées. Les parents ne pourront pas non plus aller dans la cour.*
*Il ne s'agit pas d'exclure les parents de l'école. Il s'agit de savoir qui circule dans les bâtiments et les parents peuvent à tout moment demander un rendez-vous avec le directeur ou l'enseignant. La sécurité des enfants est la priorité ici. Des surveillances seront mises en place comme cela s'est bien passé pendant deux ans.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *a été contactée par des enseignants de la précoce d'Oberkorn qui demandent que les parents puissent accompagner leurs enfants en classe pendant plus que les deux premières semaines. Ils ont écrit une lettre adressée au Comité d'école de l'école d'Oberkorn, à la présidente du COCO, à la direction de l'école et à la commission scolaire pour exprimer cette demande. Cependant, elle a été surprise d'apprendre qu'elle n'était pas incluse dans les documents de la dernière réunion de la commission scolaire. Elle veut maintenant savoir pourquoi les membres de la commission scolaire n'ont pas reçu cette lettre. Elle souhaite également savoir si d'autres enseignants de la précoce dans d'autres écoles ont*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Mir schwätzen elo jo vun der Bëschschoul a vun der Bëschcrèche. Ech wäert de Message mathuelen an d'Schoulkommissioun. Villmools merci.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement pour la répartition des élèves de l'enseignement fondamental de la Ville de Differdange 2022.*

Merci. Da komme mer zum Punkt 5b. Do geet et ëm e Changement respektiv en Ajout beim ROI, dem Règlement d'ordre interne vun eiser Grondschoul. Et ass mer elo ganz wichteg, dass dat elo net falsch verstane gëtt. Déi Modifikatioun hei vun deem ROI berout op zwee Joer Covid a berout op engem Zwëschefall, deen d'lescht Joer an enger Gemeng, fir se net ze nennen, zu Hesper, geschitt ass.

Mir hunn eis mat der Direktioun zesummegesat, mat den SEAen. Déi éischt Konklusioun ass, Dir wësst jo, d'Rentrée vun de Kanner wärend dem Covid ass jo gängeg gewiescht. Dat heescht, si war net méi am Haff, d'Enseignantë waren an der Schoul.

D'Enseignantë mat de Leit vun den SEAen hunn d'Surveillance gehalen am Haff, fir d'Kanner tel quel an d'Schoul goen ze loossen. D'Elteren hu jo guer net dierfen eran, weeder an den Haff nach an d'Schoulen. An de fin mot vun deenen zwee Joer ass, dass dat souwuel de Kanner wéi dem ganze Site guttdeet. Dat ass dat eent.

Du koum dann dee Virfall zu Hesper. An do hu mer gesot, dass mir, souwuel als Gemeng wéi och d'Direktioun, Interêt hunn, eis Kanner ze schützen.

Ech hunn et elo iwwerall gesot. Ech hunn et an der Schoulkommissioun gesot, ech hunn et eisen SEAe gesot, et geet elo drëms, dass keen an der Schoulzäit, an och net wärend den SEA-Zäiten, Accès méi soll hunn an d'Enceinte vun der Schoul. Ausser d'Schoulpersonal, d'Kanner an déi Leit, déi autoriséiert sinn, fir do eranzegoen. Et dierf och keen an den Haff.

Elo kënnt natierlech direkt d'Fro: Firwat den Dialog mat den Elteren a mat de Schoulmeeschteren? Et geet net drëm, d'Elteren aus der Schoul erauszehalen. Et geet drëm ze wëssen, wien an de Gebaier zirkuléiert. D'Eltere kënnen all Moment de Schoulmeeschter, d'Joffer froen, fir e Rendez-vous ze kréien. Et geet einfach drëm, dass d'Leit wëssen, wien am Gebai zirkuléiert.

Dorëms dréit dat ganzt Changement hei. An der Haaptsaach geet et ëm d'Sécherheet vun de Kanner.

Et gëtt Surveillancen. Dat ass elo zwee Joer gutt gaangen. Et ass elo näischt Neies. Et ass am Fong eng Konsequenz gezunn, eng Konklusioun gezunn aus eppes, wat mer hu misse maachen a wat sech als ganz positiv erwisen huet, soe mer et esou.

Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, a Bezuch op den Zousaz vum ROI, dee mer haut hei stëmme sollen, hätt ech e puer Umierkungen ze maachen an och Froen.

Mir hunn elo schonn Äntwerte kritt. Dofir versichen ech dat a Relatioun ze halen. Ech si vun den Enseignanten aus der Precoce vun Uewerkuer kontaktéiert ginn, déi froen, dass d'Eltere vun de Precoce-Kanner kéinte méi laang ewéi nëmmen déi zwou éischt Wochen hir Kanner an d'Klass begleeden. D'Adaptatioun vum ROI gesäit hei allgemeng zwou Woche fir de Precoce vir.

An deem Kontext hate se e Bréif gemaach, deen un de Comité d'école vun der Uewerkuerer Schoul, un d'Presidente vum COCO, un d'Schouldirektioun an och un d'Schoulkommissioun adresséiert ass, an dee mir och hei virläit.

Ech hat bei eisem Vertrieder an der Schoulkommissioun nogefrot, wat an der Reunioun vun der Schoulkommis-

sioun, par rapport, zu deem Bréif gesot gi wier. Zu mengem Erstaunen hunn ech missen héieren, dass dee Bréif net an den Dokumenter vun der leschter Schoulkommissiounssëtzung bäigeleeën hätt. Et wier just dem Här Petit, dem Vertrieder vun den Elteren, gesot ginn, datt d'Membere vun der Uewerkuerer Schoulcommunautéit der Meenung sinn, dass zwou Woche fir d'Accompagnement net duergeet.

Hei wollt ech nofroen, firwat d'Schoulkommissiounsmemberen dee Bréif, dee jo och u si adresséiert ass an iwwer Mail virun der Kommissiounssëtzung un de Schoulservice gaangen ass, net kritt hunn.

Da wollt ech froen, ob nach aner Precoce-Enseignanten an anere Schoulen esou eng Ufro gemaach hunn. Weider wollt ech froen: Wéi steet de Schäfferot zu den Aussoen, déi hei am Bréif gemaach ginn an zu der Fuerderung, fir de Precoce-Eltere vun Uewerkuer méi wéi nëmmen déi zwou Wochen ze accordéieren, fir d'Kanner ze begleeden?

An déi lescht Fro heizou: Ass eng Derogatioun fir d'Uewerkuerer Precoce envisageable, virun allem en vue vun de pedagogeschen Argumenter, déi am Bréif duergeluecht ginn, déi jo net vun der Hand ze werfe sinn? Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Dee Bréif ass ukomm. Déi Leit hu vun der Direktioun eng Äntwert kritt, de 25. Abrëll, dass dee Bréif mat vill Interêt gelies ginn ass, awer dass aus pedagogescher Siicht, mer dobäi bleiwen, dass d'Saach esou bleift wéi beschloss. Dat heescht bei zwou Wochen. Ech denken, wann Elteren zwou Woche kënne mat an d'Schoul goen – iergendwann, soen ech dann elo als Bom, muss een och d'Nuebelschnouer kënnen duerchschneiden.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Richteg!

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass och en anere Bréif komm, just fir Iech ze soen, aus dem Mathendahl, déi och Awänn haten. Deen hunn ech awer elo net hei. Do ass den Här Bodson awer nach amgaang ze kucken, well déi jo och ganz aneschters funktionéiere wéi déi aner Schoulen. Mathendahl huet jo en extrat Funktionement. De Bréif ass sou gutt wéi fäerdeg, fir do eng Äntwert drop ze ginn.

Firwat dat elo net an d'Schoulkommissioun komm ass, kann ech nofroen. Da kréien d'Leit et geschéckt. Ech mengen, den Här Petit war au courant, an et ass thematiséiert ginn an der Schoulkommissioun. Et kann een dat dann d'nächste Kéier och un d'Membere schécken.

Wann et elo keng weider Wuertmeldung dozou gëtt, komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification des règlements d'ordre interne des écoles fondamentales de la Ville de Differdange.*

Am Punkt 6 geet et ëm Adaptatiounen am Organigramm. Dir hutt den Avis vun deenen zwou Delegatioune bäileien, déi en Avis favorable ofginn hunn. Am 1535° ass e Posten am Sonotron en plus geschafe ginn. Et gëtt en Départ en retraite, an den AISK krut e Poste supplémentaire. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les adaptations de l'organigramme du personnel.*

Da si mer beim Punkt 7a, en Avenant zu engem Kontrakt vum 28. Januar

*fait une demande similaire. Enfin, elle demande quelle est la position du conseil communal concernant les demandes mentionnées dans la lettre et si une dérogation pour la précoce d'Oberkorn est envisageable.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie madame Saeul pour son intervention. Elle mentionne que la direction a répondu au courrier le 25 avril, indiquant qu'il a été lu avec beaucoup d'intérêt, mais qu'il a été décidé de maintenir la situation telle qu'elle a été décidée d'un point de vue pédagogique, c'est-à-dire deux semaines d'accompagnement des parents à l'école.*
*Dans un autre courrier reçu, il est mentionné que le Mathendahl a également exprimé des préoccupations, mais on n'a pas encore reçu ces informations. Monsieur Bodson a commencé à examiner la question, car cette école fonctionne différemment des autres. Le courrier est presque prêt à être envoyé en réponse. Il est suggéré de demander pourquoi cette question n'a pas été soumise à la Commission scolaire, et il est mentionné que monsieur Petit en était informé et que cela a été discuté lors de la réunion de la Commission scolaire. On suggère de l'envoyer aux membres pour la prochaine fois.*
*(Vote)*
*Au point 6, il est question d'adaptations dans l'organigramme. Les deux délégations ont exprimé un avis favorable. Un poste supplémentaire a été créé au Sonotron au 1535°. Il y a un départ à la retraite, et un poste supplémentaire a été attribué à l'AISK.*
*(Vote)*

*Au point 7a, il est question d'un avenant à un contrat datant du 28 janvier 2020. Il concerne une parcelle à Lauterbann à Niederkorn d'une superficie de 26,2 ares. La commune de Differdange met à disposition de la Garage Collé SA un terrain pour le stationnement de ses voitures.*
*Le contrat a débuté le 1er janvier 2020 et se poursuit jusqu'au 31 mars 2047, pour une durée totale de 27 ans et 3 mois. Le loyer s'élèvera à 6 000 € par an et sera payé annuellement. Toute construction supplémentaire nécessitera l'approbation de la commune. En cas de résiliation du contrat, le terrain devra être restitué dans son état actuel, à moins que la commune ne décide de l'acquérir selon les conditions en vigueur à ce moment-là.*

**TOM ULVELING (CSV)** *souhaite ajouter que la commune possède ce terrain et qu'elle souhaite le conserver comme une extension potentielle pour le CID après 20 à 30 ans.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *exprime sa préoccupation quant à la perte d'attractivité du CID si une partie du terrain est cédée. Il espère que la location du terrain n'entraînera pas une diminution du nombre de places de stationnement pour les employés du CID.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond en précisant que cela concerne principalement l'entreprise elle-même et n'a rien à voir avec les parkings de la commune.*

**TOM ULVELING (CSV)** *affirme que la question des parkings n'a rien à voir avec l'infrastructure prévue pour le CID. L'objectif de l'entreprise est de sécuriser davantage les parkings pour leurs employés, car par le passé, de nombreux pneus ont été volés lorsque les voitures étaient simplement stationnées sur la pelouse.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *le remercie et clôt la discussion.*
*(Vote)*

2020. Et geet ëm eng Parzell op Lauterbann zu Nidderkuer vun enger Gréisst vu 26,2 Ar. D'Gemeng Déifferdeng stellt der Garage Collé SA en Terrain zur Verfügung, dee se brauch fir, d'Autoen ze parken.

Den 1. Januar 2020 huet de Kontrakt ugefaangen an e geet bis den 31. Mäerz 2047. Dat ass eng Durée totale vu 27 Joer an dräi Méint. Ganz einfach aus deem Grond, dass d'Entreprise muss kënne plangen. Wa Leit investéieren, kann een net all dräi Joer en Akt änneren oder en Avenant änneren. Dat erklärt déi laang Lafzäit.

Dir gesitt, wa mer en erëm wëllen, et geet ëm 6.000 Euro Loyer, déi ugepasst awer wäerte sinn, déi pro Joer da wäerte bezuelt ginn. An alles, wat en plus soll/muss gebaut ginn, etabléiert ginn oder esou, brauch eng Geneemegung vun der Gemeng. A wann de Kontrakt op en Enn kënnt, oder wann e géif opgeléist ginn, da muss deen Terrain am Ist-Zoustand erëmgi ginn, dat heescht esou, wéi en elo do ass. Oder d'Gemeng géif dat kafen, wa se averstane sinn, mat deem, wat dee Moment drop steet.

Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ergänzend wëll ech nach soen, fir dass d'Leit et verstinn. Et ass am Fong en Terrain, deen der Gemeng gehéiert, dee mer als Extensioun wëllen hale fir de CID.

Wann een deen an e puer Joer vergréissere misst, hätte mer en Terrain, wou een de CID ausbaue kéint. Dofir ware mer och dergéint, den Terrain ze verkafen. Den Här Muller an ech haten hinnen an der Zäit schonn zougesot, dass mer längerfristeg verlounen, mee mir géifen net verkafen, well mer en als Reserv hale, fir wann no 20-30 Joer, wat weess ech, de CID ze kleng wier. Fir eng Plaz ze hunn, fir alles beieneen ze halen.fFir de CID do kënne méi grouss ze maachen. Elo kënne mer hinnen en zur Verfügung stellen, well mer jo dervun ausginn, dass an deenen éischten 20-30 Joer näischt wäert do ufalen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, meng Fro ass deelweis beäntwert ginn, duerch d'Erklärunge vum Här Ulveling. Den éischten Deel vu menger Fro war: Verléiert eise CID, dee mer jo wëlles hunn ze bauen, net un Attraktivitéit, wa mer en Deel vum Terrain ofginn? Dat do war mir net esou bekannt, mee dat ass jo eng wonnerbar Erklärung. Ech hoffe just, dass duerch deen Terrain, dee mer der Famill do verlounen, d'Zuel vun de Parkplaze vun eisen Aarbechter am CID net méi kleng gëtt. Net dass doduerch Problemer entsti mat hiren Autoen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Ech mengen, dat ass fir d'Entreprise selwer. Dat huet näischt mat eise Parkingen ze dinn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, dat huet näischt domat ze dinn. Eise Parking ass jo geplangt. Dee gëtt esou gebaut wéi geplangt. Dat do ass nëmme fir hir Autoen. Well viru Joren hate se jo wéi vill Autoen, wou se d'Pneuen all geklaut kritt hunn, well déi einfach op der Wiss do stoungen. Dofir wëlle se dat elo méi securiséiert ënnerbréngen. Dat ass fir hir Leit an hir Autoen. Do hu mir näischt domat ze dinn.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Soudass dat am Fong geholl mat der Infrastruktur, alles wat bei eis virgesinn ass um CID, näischt domadder ze dinn huet.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Okay. Dat war meng Fro. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wa kee méi eng Fro dozou huet, komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le 1er avenant au contrat de bail du 28 janvier 2020 concernant des parcelles sises au lieudit Lauterbann à Niederkorn d'une superficie totale de 26,2 a.*

De Punkt 7b. Do geet ëm e Contrat de bail, wou d'Madamm Werding en Terrain vun dräi Parzelle fir de symboleschen Euro un d'Gemeng verlount, dans le but d'intérêt général, a virun allem, „pour combattre les plantes invasives à long terme". Dee Kontrakt ass valabel bis den 31.12.2023. An e muss dräi Méint am Viraus gekënnegt ginn.

Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech verstinn dee Kontrakt hei net. Mir lounen en Terrain pour combattre des plantes invasives.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, et ass e Stéck vun eiser Parzell an e Stéck vun der Madamm Werding. Mir kënne jo net op e Privatterrain schaffe goen. Et ass awer déi nämmlecht Parzell. A fir dass mir kënnen do schaffen, loune mir dee fir de symboleschen Euro. Dass eis Déngschter dierfen drop schaffen. Well mir kënne jo net bei Privatleit op den Terrain schaffe goen. Dat ass d'Erklärung.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Dat ass scho méi kloer. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat si Saachen, wou mir matten dra sinn, an de Gespréicher. Dir kënnt roueg froen, well fir eis si se sou kloer.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Wann een dat ouni déi Informatioune liest, dann denkt een, wéisou loune mer hei en Terrain bei Privatleit, fir do gëfteg Planzen ewechzemaachen op eis Käschten. Oder invasiv Planzen, entschëllegt. Dowéinst hunn ech d'Fro gestallt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee, eisen Terrain geet drun. An e Stéck ass vun hir. Dofir musse mer dat maachen.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Ça marche.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un terrain à Differdange, avenue de la Liberté.*

Da si mer beim Punkt 7c. Do geet et ëm d'Haus 52 an der Groussstrooss. Ech denken elo just drun: Ech hat Iech jo scho gesot, dass deen neie Parking ‚Parking Groussstrooss' wäert heeschen. Deen hoffentlech vläicht den 1. Juli dann Accès kritt. D'ITM ass iergendwann Mëtt Juni do. An da wär et en offizielle Parking public. Deen huet elo offiziell den Numm ‚Parking Groussstrooss', fir dass e gutt erëmzefannen ass. Dat ass d'Iddi hannert dem Numm. Wollt ech Iech soen.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 7 b, où il est question d'un contrat de bail dans lequel madame Werding loue à la commune un terrain composé de trois parcelles pour un euro symbolique, dans un but d'intérêt général, notamment pour lutter à long terme contre les plantes invasives. Le contrat est valable jusqu'au 31 décembre 2023 et doit être résilié trois mois à l'avance.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *exprime son incompréhension concernant ce contrat.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que le terrain en question fait partie de la parcelle de la commune et de celle de madame Werding. La commune ne peut pas intervenir sur un terrain privé, c'est pourquoi la dame loue cette parcelle pour un euro symbolique afin que la commune puisse y travailler.*
*(Vote)*
*Au point 7c, il est question de la maison numéro 52 située sur la Groussstrooss.*

*Elle précise que le nouveau parking sera appelé « Parking Groussstrooss » et devrait être accessible à partir du 1er juillet, avec l'ITM prévu pour mi-juin.*
*Ensuite, elle explique que la maison numéro 52 appartient à la commune et est mise à disposition d'une famille pour une durée d'un an, du 1er mai 2022 au 30 avril 2023, avec la possibilité de renouvellement annuel. Étant donné que les tarifs n'ont pas encore été confirmés, la tarification de l'AIS Kordall sera appliquée, et les charges telles que l'eau et le gaz seront directement payées par les occupants de la maison.*
*(Vote)*

---

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *continue avec le point 7d et explique qu'un nouveau contrat a été signé pour un pop-up store à court terme, avec monsieur Chelbat Samir pour une durée de cinq mois à partir d'avril. Le commerçant vend des produits tels que des donuts, du popcorn, des noix grillées, des bonbons et du chocolat. Son concept est basé sur celui de la chaîne internationale Royal Donut. C'est sa première expérience en tant que gérant d'une société. Bien que les produits qu'il vend puissent susciter des discussions sur leur valeur nutritionnelle, il est important de permettre aux enfants d'avoir accès à des friandises comme des bonbons et du chocolat.*
*Il a visité le magasin récemment et l'a trouvé bien aménagé, considérant ce pop-up comme une bonne opportunité pour lui de démarrer son activité commerciale.*

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *est favorable aux pop-up stores, car cela permet de donner une opportunité aux entrepreneurs de lancer leur activité. Déi gréng sont d'accord sur ce point, mais elle souligne l'importance de nettoyer ses dents après.*
*(Vote)*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 7 c, où il est question du 1535°. Trois nouveaux contrats et trois avenants sont prévus. L'un des nouveaux locataires est Christian Wilmes, un photo-*

Hei geet et ëm d'Haus 52, wat eis gehéiert a wat mer enger Famill zur Verfügung stelle fir ee Joer, vum 1. Mee 2022 bis den 30. Abréll 2023. E kann natierlech all Joer verlängert ginn. Vu dass mer eis Tariffer nach net ofgestëmmt hunn, well et ass eng Gemengewunneng, applizéiere mer den Tarif AIS Kordall. An mir froe keng Chargen. Dat geet alles direkt – Waasser, Gas, dat mussen d'Leit selwer bezuelen.

Da komme mer zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'habitation maison 52 dans la Grand-rue.*

---

Fir de Punkt 7), Pop-up-Store, géif ech d'Wuert direkt un den Här De Sousa ginn.

---

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Hei hu mer erëm ee Kontrakt fir e Pop-up-Store, wéi mer der schonn e puermol hei haten, well et jo ëmmer kuerzzäiteg Kontrakter sinn.

Hei hu mer e Kontrakt mam Här Chelbat Samir iwwer eng Lafzäit vu fënnef Méint. Dat hate mer mat him ausgemaach. Zënter Enn Abrëll verkeeft hie Produiten ouni Geroch. Dës war eng Konditioun, déi mer him gestallt hunn, wéi hie mat senger Iddi komm ass.

Dat sinn, ënner anerem: Donuts aus senger eegener Produktioun, Popcorn, gebrannten Nëss, Bonbonen a Schokelasuebst. Säi Konzept baséiert um Konzept vum Royal Donut, wat international etabléiert ass. Googlet et eng Kéier, Dir fannt dat och.

Et ass eng éischt Erfarung, wou en eng Societéit féiert. Elo kann hie kucken, wéi en dat mécht. Do gi mer engem Här eng Chance, sech emol opzestellen.

Et kann ee sécher iwwert d'Wuer diskutéieren, déi hie verkeeft. Mee ech mengen, mir als Kanner waren och ëmmer frou, fir Kamellen a Schokela an Zockerboune kafen ze goen. Eis kleng Awunner wäerte vun dësem Store warscheinlech profitéieren a sech freeën, fir déi eng oder aner Séissegkeet do kafen ze goen.

De Weekend war ech laanschtgaangen, wéi mer am Parc Gerlache waren.eEch hunn eng Kéier erageluusst, hien huet dat ganz schéin amenagéiert, et ass ganz flott do. Ech mengen, mir ginn hei enger Persoun eng gutt Start-Méiglechkeet, hire Business opzemaachen. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Madamm Wohl, wannechgelift.

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Mir als Gréng sinn ëmmer frou, wann e Pop-up-Store eppes ass. Dat heescht, wann e besat gëtt an et huet een en plus d'Méiglechkeet, wéi den Här De Sousa gesot huet, säi Business ze starten.

Mir stëmmen dëse Punkt, mee ech ginn awer mat op de Wee, dass et gutt ass, seng Zänn ze wäschen duerno. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail popup store au 3, rue du Parc-Gerlache à Differdange,*

---

Da si mer beim Punkt 7e. Do geet et ëm de 1535°. Et gëtt dräi nei Kontrakter an dräi Avenanten. Ee vun den neie Locatairen ass den Här Christian Wilmes, e professionelle Fotograf, dee sech op déi méi kommerziell Fotografie spezialiséiert huet. Hien ass Member vum Luxembourg Creative Cluster an der Federatioun vun de professionelle Fotografen hei zu Lëtzebuerg. En huet

scho fir ganz grouss Boîtten, ech hu se gesinn, Pub gemaach.

Dat anert ass eng Illustratrice, d'Madamm Ane Erézué. Si ass eng fräischaffend dänesch Illustratrice a Schrëftstellerin. Si huet hiren eegene minimalistesche Stil, mat deem si sech ausdréckt, egal ob mat ganz kräftege Faarwen an hiren Illustratiounen oder mat ganz klenge klore Sätz an hiren Texter.

Den drëtten Neien ass Gianmarco Design, och en Illustrateur a Grafikdesigner. Den Numm Jean-Marc Liacy verstoppt sech hanner dem Alias Gianmarco Design. No 16 Joer an enger Agence de publicité an der Stad, huet hien decidéiert, sech selbstänneg ze maachen, fir u sech méi no beim Client ze sinn.

Ech wëll Iech just soen, an deenen dräi Entrevuë war bei deenen dräi Leit, haaptsächlech bei den Illustrateuren, de Wonsch immens grouss, an d'Communautéit ze kommen. Déi zwee Joer Covid mussen et deene Leit ugedoen hunn. Si soen: Mir kënne schaffen, mee eleng doheem feelt eis iergendwann d'Kreativitéit. Also d'Demande an d'Freed war grouss, dass se ugeholl gi sinn. Dat sinn déi nei.

D'Avenanten, dat ass Foqus SARL a Matrix SARL. Do gëtt de Loyer op 12 Euro pro Meterkaree gehuewen, well den Effectif vun deenen zwou Entreprisen zanter dësem Joer méi héich ass wéi véier Leit. Dir wësst, wann Der méi wéi véier Leit hutt, gëtt de Loyer gehéicht. Fir Foqus wier dat ab den 1. September 2022 a fir Matrix ab den 1. Juli 2022.

Dann hu mer eng Noriicht, déi mech e bëssen traureg gemaach huet. D'Kumiyonoe, dat ass déi japanesch Illustratrice, huet de Kontrakt am 1535° resiliéiert, well si zréck a Japan geet.

Madamm Wohl, wannechgelift.

#### NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ech begréissen et ëmmer, wann nei Kënschtler an de 1535° kommen. D' Madamm Buergermeeschter huet dat elo gutt presentéiert. Ech wollt dem Tania Brugnoni Merci soen, fir d'Aart a Weis, wéi et dës Kéier presentéiert war. Mir hunn zwar d'Dossieren herno nogereecht kritt, mee ech géif et gutt fannen, wa mer nei Kontrakter eenzel opgezielt kréichen, mat den Nimm ënnendrënner, an och d'Avenanten eenzel. Et wär vill méi kloer duerno och op der Diffcloud eppes nozekucken.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Ech denke mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub.*

Fir den nächste Punkt, 7), Konventioun Naturpark mat SICONA Südwest, ginn ech d'Wuert un den Här De Sousa.

#### SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Am Gemengerot vum 19. Januar huet d'Madamm Pregno eis de Kontrakt iwwert den Naturpakt mam Staat presentéiert. Dorobber ginn ech elo net an.

Am Kader vum Naturpakt, hu mer d'Recht op een Naturberoder. Mir hunn eis entscheet, mam SICONA, e Syndikat wou mer dra sinn, ze schaffen. Dofir hu mir dës Konventioun haut um Ordre du jour. An dëser Konventioun – ech ginn do och net an d'Detailer – stinn d'Modalitéiten, d'Missiounen, d'Engagementer vu béide Parteien, d'Finanzement an d'Dauer vun dëser Konventioun.

Dës Konventioun kann all Moment mat engem Preavis vun dräi Méint resiliéiert ginn, awer nëmmen nodeems eng Conciliatiounsversammlung tëscht béide Parteie versot huet.

Ech wäert e puer Erklärunge ginn, firwat mir SICONA als Partner geholl hunn. D'Natur hält net op de Gemengegrenzen op. Et ass wéi mam Virus. Dee kuckt net, ob eng Grenz do ass. Vu datt eis Nopeschgemengen och an

*graphe professionnel spécialisé dans la photographie commerciale. Il est membre du Luxembourg Creative Cluster et de la Fédération des photographes professionnels au Luxembourg. Il a déjà réalisé des pubs pour de grandes entreprises.*
*L'autre est madame Ane Erézué, une illustratrice et écrivaine danoise indépendante. Elle a son propre style minimaliste avec lequel elle s'exprime.*
*Le troisième nouvel arrivant est Gianmarco Design, également illustrateur et graphiste, Jean-Marc Liacy. Après 16 ans dans une agence de publicité en ville, il a décidé de devenir indépendant pour être plus proche du client. Lors des entretiens avec ces trois personnes, notamment avec les illustrateurs, le désir de rejoindre la communauté était très fort. Les deux années de Covid leur ont été difficiles.*
*Les avenants concernent Foqus SARL et Matrix SARL. Le loyer est augmenté à 12 € par mètre carré, car l'effectif des deux entreprises dépasse désormais les quatre personnes. Pour Foqus, cela sera à partir du 1er septembre 2022 et pour Matrix à partir du 1er juillet 2022.*
*Ensuite, la bourgmestre a encore une nouvelle un peu triste. Kumiyonoe, l'illustratrice japonaise, a résilié son contrat au 1535° car elle retourne au Japon.*
*Nicole Wohl est toujours contente de l'arrivée de nouveaux artistes au 1535°. Elle souhaite remercier Tania Brugnoni pour la présentation cette fois-ci. Bien que les dossiers aient été remis plus tard, elle pense qu'il serait préférable d'obtenir les nouveaux contrats individuellement, avec les noms correspondants, ainsi que les avenants individuels. Cela faciliterait également les vérifications ultérieures sur la plateforme Diffcloud.*
*(Vote)*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *aborde ensuite le point 7f sur la convention avec le Naturpark et SICONA Südwest. Il explique que dans le cadre du Naturpakt, présenté par madame Pregno lors de la réunion du conseil communal du 19 janvier, la commune a le droit à un conseiller en environnement et qu'ils ont décidé de travailler avec*

*SICONA. La convention présentée aborde les modalités, les missions, les engagements des deux parties, le financement et la durée de cette convention. Elle peut être résiliée à tout moment avec un préavis de trois mois.*
*Il explique que la nature ne s'arrête pas aux limites communales. Étant donné que les communes voisines font également partie du syndicat SICONA, on pourra prendre des mesures de conservation transcommunales. Ils disposent d'une équipe de spécialistes qui les conseillent et possèdent l'expertise nécessaire, notamment en matière de taille de haies ou de création de nouveaux étangs. La commune aura également accès à leur parc de machines, ce qui permet d'éviter à chaque commune d'acheter ces machines pour des travaux ponctuels. Un autre argument est que grâce à leur suivi constant de la législation en matière de protection de la nature, SICONA apporte une aide précieuse et allège la charge de travail en ce qui concerne les autorisations et les travaux d'entretien dans le domaine de la protection de la nature.*
*Ensuite, il profite de cette occasion pour faire appel aux autres partis politiques à rejoindre l'équipe, tout comme pour l'équipe climat, où malheureusement seuls deux partis sont représentés. On souhaite former une équipe pour le Naturpark où chaque parti politique serait représenté.*
*Jusqu'à présent, l'équipe du Naturpark comprend : une personne du SICONA, qui sera conseiller, une personne du service écologique, une personne du service de l'urbanisme, du jardinage, de l'agriculture, de la Naturschoul, le garde forestier et des citoyens.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*remercie Paulo De Sousa et trouve que son approche correspond exactement à ce que souhaite le collège échevinal, c'est-à-dire avoir autant d'intervenants que possible dans le groupe afin d'avoir une vision plus complète et une meilleure compréhension de l'urgence liée à ce dossier important.*

deem Syndikat sinn, kënne gemengeniwwergräifend Moossnamen am Naturschutz ënnerholl ginn.

Si verfügen iwwer e Pool vu Spezialisten, déi eis als Beroder zur Säit stinn, déi den Knowhow hunn, ënner anerem, beim Heckeschnëtt oder Uleeë vun neie Weieren.

Mir kënnen op hir Maschinnen zréckgräifen. Si hunn ee risege Maschinnepark. Net all Gemeng ka sech leeschten, déi Maschinnen ze kafen, fir heiansdo eenzel Aarbechten ze maachen.

E weidert Argument ass: Duerch hire konstante Suivi vun der Legislatioun am Beräich Naturschutz, si si eis eng ganz grouss Hëllef an entlaaschten eis Servicer, wann et ëm Autorisatiounen, Entretiensaarbechten am Naturschutzberäich geet.

Dëst sinn e puer Argumenter, firwat mir eis fir de SICONA entscheet hunn.

Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir en Appell ze maachen. Wéi beim Klimapakt, hu mer e Klima-Team, wou leider nëmmen, ech mengen, zwou Parteie vertruede sinn. Doweinst en éischten Appell un déi aner politesch Parteien, fir do och ee Member eranzeschécken. Mir wäerten een Naturpark-Team grënnen, wou am beschten all politesch Partei vertrueden ass.

Bis elo ass virgesinn am Naturpark-Team: Eng Persoun aus dem SICONA, dat wäert dann eise Beroder sinn, eng aus dem Service écologique, eng aus dem Service Urbanismus, der Gäertnerei, der Landwirtschaft – wär och gutt, wann do eng Persoun derbäi wier –, der Naturschoul, do kucke mer och eng Persoun ze kréien, de Fierschter, ee Jeeër an och d'Bierger. Mir wëlle Biergerbedeelegung, datt d'Bierger sech do och bedeelegen.

Et wier gutt, wa mer hei kéinte matenee schaffen. Well d'Klimakris, d'Naturkris, d'Energiekris sinn archipresent. Den Här Ulveling hat virdru vun de Präisser geschwat, a wat alles op eis duerkënnt. Dofir: Avis aux amateurs. Mellt Iech oder kuckt an Äre Sektiounen, ob do Leit motivéiert sinn, fir och an déi Teams eranzekommen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Ech fannen Är Approche entspréicht genau där, wat de Schäfferot wëll. Dat heescht: Kucken, sou vill wéi méiglech Intervenante mat am Grupp ze hunn, fir méi eng komplett Siicht a méi eng komplett Erugeeënsweis un dee wichtegen Dossier. Dofir ënnerstëtzen ech säin Opruff, dass d'Leit sech solle mellen, fir sech an d'Naturpakt-Versammlung ze mellen.

Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, fir d'Wuert Madamm Buergermeeschtesch. Merci och dem Här De Sousa fir d'Presentatioun.

Ech géif mech direkt mellen. Et ass mäi Beruff, Pacte Climat, Naturpakt. Ech géif mech direkt mellen.

Wat ech awer och gär hannendrunhänken, dass ee vläicht e globalen Iwwerbléck kritt iwwert déi verschidden, soen ech elo, Naturschutz-Initiativen, wéi Naturpakt, Pacte Climat, vun der Visioun-2030-Geschicht, mat CO2-Neutralitéit bis 2030, wat een am Ufank virgestallt kritt huet. Well dat hänkt jo alles mateneen zesummen.

Wann ee wierklech eng breet Bedeelegung erreeche wëll, souwuel vun de politesche Parteie wéi vun de Biergerinnen a vun de Bierger, ass et wichteg, eng global Iwwersiicht ze kréien. Vläicht eng Informatiounsversammlung virzegesinn, wou een déi verschidden Initiative virstellt kritt. Well soss sinn dat just Nimm, déi hin- an hiergehäit ginn. An och, dass een d'Informatiounen op Pabeier fënnt, déi vläicht elo net esou zougänglech si fir jiddwereen. Dat wär mäi Wonsch, wat ech géif mat op de Wee ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir huelen Äre Wonsch ganz gäre mat. Dat ass eng flott, gutt Iddi. Well wéi ech virdru scho gesot hunn: Déi, déi dra sinn, déi wëssen, vu wat se schwätzen. An et geet een ëmmer dovunner aus, dass de Vis-à-vis um nämmlechte

Kenntnisstand ass. Virun allem, well et en extreem komplext an heterogeent Theema ass. Mir komme gären op Är Propos zréck, Här Weirich.

Den Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et deet engem gutt, no 30 Joer Politik, dat do ze héieren, dass mer an déi Richtung gaange sinn an och konsequent weidergi mam Naturpakt. Ech mengen, den Inhalt kenne mer, wat den Naturpakt wëllt. Klimapakt an Änleches.

Ech si frou, dass mer de SICONA als Partner a Legislatioun hunn, déi ëmmer erëm dagdeeglech nei kënnen opgefrëscht ginn. Et ass eng gutt Saach, dass mer de Moment extern fueren. Intern wiere mer nach net esou gutt opgestallt. Mee eise Service écologique ass de Begleeder vun där ganzer Saach. An deem Sënn kënnen all déi Projeten ëmgesat ginn, hoffentlech zesumme mat alle Parteien, hoffentlech zesumme mat alle Bierger, déi dorunner interesséiert sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention* conseiller pacte nature *signée avec le Sicona Sud-Ouest.*

Villmools merci. Här De Sousa, wollt Dir nach eppes zousätzlech soen?

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Jo. Am Groupe de travail hate mer festgehalen, datt wa mer elo e bësse méi weiderkommen, datt mer dat am Gemengerot presentéieren, ob mer do eng extra Seance maachen derfir. De Projet 2030 klimaneutral ass grouss. Ech mengen, dee misste mer an enger extra Seance presentéiere kommen. Awer déi Iddi ass schonn do. Dat wollt ech nach soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech denken, mer maachen elo zéng Minutte Paus.

(Paus)

Mer fuere mat eisem Gemengerot vun haut virun. Ech kommen op de Punkt 7 g vum Ordre du jour, Akten a Konventiounen. Do geet et ëm Avenante vun der Konventioun bipartite 2022 tëschent den SEAen an dem Lëtzebuerger Staat, mam Ministère de l'Éducation Nationale, wat eis Maisonrelaisen, eise Foyer du jour Kornascht an d'Bëschcrèche ugeet. Den Avenant bezitt sech op d'Konventioun bipartite 2022, déi d'Gemeng mam Staat ënnerschriwwen huet. Déi Konventioun gouf och hei den 19. Januar 2022 am Gemengerot gestëmmt.

Grondsätzlech iwwerhëlt den Educatiounsministère am Kader vun der Konventioun bei de Maison-relaisë 75 % vun de Fraisen an 100 % bei eise Crèchen. An dësem aktuellen Avenant goufe follgend Punkte vum Educatiounsministère adaptéiert:

Ënner dem Artikel 1 gouf den RTT – mir haten dat schonn d'lescht Joer hei, dat ass éischter eng Formalitéit –, de Référentiel temps de travail am Kader vum SEA-Kollektivvertrag vun ursprénglech 1.508,5 op elo 1.500,5 ugepasst. Dat ass eng Zuel, déi engem esou näischt seet, mee dat ass d'Grondlag, fir d'Stonnenzuel u Personal ze berechnen, déi mer vum Staat finanzéiert kréien.

Da gouf den Artikel 2 mat der Annexe 4 vun der Konventioun ugepasst. Personnel supplémentaire COVID-19, wéi d'Iwwerschrëft seet, beinhalt den Undeel u Personalstonnen, deen de Ministère eis am Kader vun den aktuelle Covidmesuren zousätzlech finanzéiert.

D'Dauer vun der Hëllef, fir méi Leit am Kader vun der Covidsituatioun ze engagéieren, ass fir d'ganzt Joer 2022 virgesinn. Un der Method vun der Berechnung an un deem Undeel, deen

*C'est pourquoi elle soutient son appel à ce que les gens se manifestent et s'inscrivent à la réunion du Naturpakt.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *souhaite s'inscrire immédiatement. Il souligne également l'importance d'avoir une vision globale des différentes initiatives de conservation de la nature, telles que le Naturpakt et le Pacte Climat, ainsi que la Vision 2030 avec la neutralité carbone d'ici 2030. Il estime que pour atteindre une participation véritablement large de la part des partis politiques et des citoyens, il est essentiel de fournir une vue d'ensemble complète. Il propose donc d'organiser une réunion d'information pour présenter les différentes initiatives et de rendre les informations accessibles à tous, y compris sous forme papier.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *trouve cette idée excellente et souligne l'importance de s'assurer que toutes les parties soient sur un même niveau d'information, étant donné la complexité et l'hétérogénéité du sujet. Elle se dit prête à revenir sur les propos d'Eric Weirich ultérieurement.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de constater, après 30 ans de politique, qu'on a progressé dans la bonne direction et qu'on continue de manière cohérente avec le Naturpakt. Il est satisfait de la collaboration avec le SICONA en tant que partenaire et de la législation qui peut être constamment actualisée au quotidien. Il estime qu'il est positif de faire appel à des ressources externes pour le moment, car en interne, ils ne sont pas encore aussi bien organisés. Cependant, leur service écologique joue un rôle de soutien dans cette démarche. Dans cet esprit, tous les projets pourront être réalisés en collaboration avec tous les partis politiques et tous les citoyens intéressés.*
*(Vote)*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'au sein du groupe de travail, ils ont convenu de présenter au conseil municipal les avancées réa-*

*lisées. Ils envisagent de tenir une séance supplémentaire à cet effet. Il souligne l'importance du projet de neutralité climatique d'ici 2030, qu'ils devraient présenter lors de cette séance supplémentaire.*
*(Pause de 10 minutes)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aborde le point 7g et parle d'une modification de la convention bipartite 2022 entre les SEA et l'État luxembourgeois, avec le ministère de l'Éducation nationale concernant les Maisons Relais, le Foyer du jour Kornascht et les « Bëschcrèches ». L'amendement fait suite à la convention bipartite 2022 signée par la commune et l'État, qui a été approuvée lors de la réunion du conseil communal le 19 janvier 2022.*
*En vertu de la convention, le ministère de l'Éducation prend en charge 75% des frais pour les Maisons Relais et 100% pour les crèches. Dans cet amendement actuel, le ministère de l'Éducation a adapté les points suivants :*
*L'article 1 concerne le référentiel du temps de travail, qui a été ajusté de 1 508,5 à 1 500,5, conformément à la convention collective des SEA. Cela sert de base pour calculer les heures du personnel financées par l'État.*
*Ensuite, l'article 2 et l'annexe 4 de la convention ont été modifiés. Le personnel supplémentaire COVID-19 inclut les heures supplémentaires financées par le ministère dans le cadre des mesures COVID actuelles. Cette aide pour engager davantage de personnel en raison de la situation liée à la COVID est prévue pour toute l'année 2022.*
*Un paragraphe a été ajouté à l'article 6d de la convention, tenant compte de la situation mondiale actuelle et de la réalité actuelle. Le ministère mentionne dans le contexte des augmentations de prix généralisées et durables des biens et services, causées par différentes crises survenues ces dernières années, que si ces augmentations des prix à la consommation entraînent un dépassement des frais de fonctionnement des gestionnaires des SEA, ce dépassement sera accordé sous réserve d'un contrôle préa-*

de Staat dofir iwwerhëlt, huet am Verglach zum Avenant vun 2021 näischt geännert.

An dann den Artikel 3 fir ofzeschléissen. Wéi Der gesitt, gouf den Artikel 6d vun der Konventioun ëm ee Paragraf ergänzt. Ech huele Bezuch op eis aktuell Sitautioun an der Welt, op eis aktuell Realitéit.

De Ministère schreift en vue vun den Haussen: „Suite aux différentes crises survenues les dernières années, une hausse généralisée et durable des prix des biens et des services s'est installée. Étant donné que cette poussée inflationniste des prix à la consommation a un impact de plus en plus important sur l'évolution des frais de fonctionnement des gestionnaires des SEA … Ainsi, si un dépassement au niveau des frais de fonctionnement résulte d'une hausse importante des prix à la consommation“ – wat de Fall ass, wéi den Här Ulveling elo scho gesot huet, wat d'Elektresch ubelaangt – „le dépassement est accordé sous réserve d'un contrôle préalable et favorable du MENJE, effectué dans le cadre du décompte.“

Ech géif Iech bieden, den Avenant fir d'Konventioun 2022 fir eis Betreiungsstrukturen, d'Maison relais an d'Crèchen ze stëmmen. En huet sech erëm zu eise Gonschte verbessert. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les avenants à la convention bipartite 2022 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-duché de Luxembourg pour les maisons relais, le foyer de jour Kornascht et la Bëschcrèche.*

Elo si mer beim Punkt 8 ukomm. Do geet et ëm d'Juegd op eisen Terrainen, déi op Zounener Gebitt leien. An ech géif dem Här Paulo De Sousa d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et handelt sech hei éischter ëm eng Pro-Forma-Saach. Hei geet et ëm d'Juegdrecht op eisen Terrainen zu Zounen. Wann a Frankräich eng Demande ass, fir d'Recht ze kréien, muss dat ëmmer duerch de Gemengerot goen. Mir haten eis Demande eragereecht ouni den Accord vum Gemengerot. Doropshi krute mer e Refus. Mir woussten net: Gëlle mir a Frankräich als eng Gemeng oder si mer Privatproprietär? Mir kruten e Refus. Déi Dokumenter sinn all am Dossier.

Dee Punkt ass haut um Ordre du jour, fir den Accord vum Gemengerot ze kréien, fir d'Demande de droit de chasse op eisen Terrainen zu Zounen ze kréien. Ech wär frou, wa mer dës Demande mat Jo stëmmen, fir datt mer kënne weiderfueren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wollt froen, ob dann elo an engem nächste Schratt déi Droits de chasse och ausgeschriwwe ginn. Wéi déi ausgeschriwwe ginn? Ass dat just reservéiert fir franséisch Residenten? Kann dat och cross-border fonctionéieren, also dass och Lëtzebuerger sech melle kënnen, fir do joen ze goen, vu dass den Terrain eis gehéiert an et direkt un der Grenz läit? Just e puer Froen dozou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech kann dem Här Weirich an deem Sënn direkt äntwerten. Et ass keen Droit de résidence virgesinn. All Auslänner, deen der franséischer Legislatur gerecht gëtt an déi Qualifikatioun huet vum Jeeër, dee kann a Frankräich froen. Ob en a Frankräich wunnt oder hei am Lëtzebuerger Land. Do gëtt bei eisen Hektar, déi mir hei hunn, keng Ausnam

gemaach. Et muss een net déi franséisch Nationalitéit hunn, fir a Frankräich joen ze däerfen. Dat ass net un d’Nationalitéit gebonnen an och net un däi Wunnuert, un d’Gesetz, wou s de wunns. Dat ass net limitativ, wou s de jos.

Déi aner Saach: Ech wier frou gewiescht, wa mer direkt vun Ufank un als Gemengerot do matconcernéiert gewiescht wiere bei der éischter Demande, déi mer gemaach hunn. Dat wier méi einfach gewiescht. Well, wat ech elo hei gesinn hunn: Am Dossier feelt déi éischt Demande, déi mer gemaach hunn, fir eis do op eist Juegdrecht ze beruffen. Wann dat direkt hei am Gemengerot gewiescht wier, oder am Dossier bäigeleeën hätt, da wier dat méi komplett gewiescht. Mee fir de Rescht stëmme mir deem awer zou. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Mir wäerten den Dossier noreechen.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Den Här Altmeisch huet deelweis drop geäntwert. Mir hunn eis nach keng Gedanke gemaach, wéi mer duerno weidermaachen. Ech mengen, et muss een awer e franséische Permis hunn, fir a Frankräich ze schéissen. Eis Jeeër hu meeschtens och dee franséische Permis. Mir hunn eis elo nach net – e puer Iddie si schonn do, ech wëll dat hei awer net prononcéieren. Net datt ech eppes zielen, wat herno net wäert sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här De Sousa. Da komme mer zur Ofstëmmung.

(Diskussiounen)

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, ech wollt nach soen: Den Dossier ass eigentlech komplett. Déi zwou Demandë sinn dran. Et sinn dräi Fichieren dran, wann ech mech net ieren, op der Diffcloud. Do ass eng Kéier, wou d’Madamm Brassel-Rausch en tant que administration do eppes vergiess huet unzekräizen. Dat war déi éischt Demande, déi mer eragereecht hunn. Doropshi krute mer e Refus. An duerno ass eng zweet Demande dran, ausgefëllt, datt se net als Proprietär …

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Déi éischt Demande hunn ech net gesinn. Déi hunn ech net fonnt, an déi hunn ech och net a mengem Dossier. Mee dat ass awer kee Problem. Dat stellt elo kee Problem duer fir de Vott. Et ass just déi éischt Demande vun der Gemeng. Déi hunn ech net gesinn, mee dat ass awer okay esou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver la réservation d’un droit de chasse sur les parcelles sises sur le territoire de la commune de Saulnes.*

Am Punkt 9 geet et ëm eng Autorisatioun d’ester en justice fir de Schäfferot. Do geet et ëm de berüümte Balcon op der Zowaasch. Ech géif d’Wuert dem Här Ulveling dofir ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Eng däreg Geschicht. Si ass schonn e bësse méi al. Am Dezember 2018 hate mer schonn éischt Kontakter mat de Proprietären. Zënterhier ware mer zweemol op d’Plaz. Mir haten en Devis ausschaffe gelooss, an de Projet war och schonn am Gemengerot, den 3. Abrëll 2019, gestëmmt ginn.

De Problem ass, dass do dräi Leit iwwer en Affekot Asproch erhuewen hunn, si wéilten net fir déi Fraisen opkommen. Mir hunn en Avis juridique gefrot. An eise Jurist huet eis gesot, am beschte wär, iwwer e Referé ze fueren, fir do e Jugement ze kréien, dass alle-

*lable et favorable du ministère. (Vote)*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *continue ensuite avec le point 8. Il est question des droits de chasse sur les terrains à Zounen. Lorsqu’il y a une demande en France pour obtenir ces droits, cela doit toujours passer par le conseil communal à Differdange.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *pose la question de savoir si les droits de chasse seront également ouverts dans une prochaine étape. Est-ce réservé aux résidents français uniquement ? Est-ce que cela peut aussi fonctionner de manière transfrontalière, c’est-à-dire que les Luxembourgeois peuvent également s’inscrire pour y participer, étant donné que le terrain appartient à la commune de Differdange et qu’il se trouve directement à la frontière ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond directement à Eric Weirich. Il précise qu’un droit de résidence n’est pas prévu. Tout étranger qui se conforme à la législation française et possède les qualifications requises pour la chasse peut faire une demande en France, que ce soit s’il réside en France ou au Luxembourg. On n’a pas besoin d’avoir la nationalité française pour chasser en France.*
*Ensuite, monsieur Altmeisch exprime son souhait que le conseil communal aurait dû être directement impliqué dès la première demande qui a été faite. Il a remarqué que le dossier manque cette première demande.*
*Mais pour le reste, le LSAP est d’accord.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *déclare qu’ils n’ont pas encore réfléchi à la manière de procéder par la suite. Il pense cependant qu’il faut avoir un permis français pour chasser en France. La plupart de leurs chasseurs possèdent déjà ce permis français. Il répond à Guy Altmeisch en affirmant que le dossier est complet et que les deux demandes y sont incluses. Il y a trois fichiers disponibles sur la plateforme Diffcloud. Il s’agit de la première de-*

*mande à laquelle ils ont répondu et qui a été refusée. Ensuite, il y a une deuxième demande remplie, indiquant qu'ils ne sont pas les propriétaires…*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *explique qu'il n'a pas vu la première demande. Cependant, cela ne pose aucun problème.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate que le point 9 concerne le célèbre balcon op der Zowaasch.*

**TOM ULVELING (CSV)** *raconte qu'il s'agit d'une longue histoire. En décembre 2018, ils ont eu les premiers contacts avec les propriétaires. Depuis lors, ils sont allés deux fois sur place et ont demandé un devis. Le projet a également été approuvé lors de la réunion communale du 3 avril 2019. Cependant, le problème est que trois personnes refusent de payer les frais. La commune a consulté un avocat qui leur a conseillé de mener une action en justice pour obtenir un jugement obligeant tous les propriétaires à contribuer aux frais. Elle a également réalisé une étude qui met en évidence les problèmes de sécurité sur le balcon et recommande des mesures urgentes. Malgré leurs efforts pour trouver un compromis, les personnes contestataires n'ont pas répondu. Par conséquent, leur seul moyen de progresser est de poursuivre l'affaire en justice. Les personnes connaissant le site savent à quel point il est délabré. Le problème principal est que le devis initial était de 158 000 € (15 000 € par propriétaire), mais lors de l'évaluation, il est passé à 242 000 €, avec la proposition d'aménager la place également. Ils ont mis à jour le devis, qui est maintenant de 290 000 €.*
*L'ensemble de l'opération coûtera à la commune 170 000 €, tandis que les propriétaires obtiendront des modifications d'une valeur de 30 000 € pour leurs 15 000 € de contribution. Tom Ulveling demande donc l'autorisation d'aller en justice pour enfin progresser, car la situation présente un réel danger et nécessite une action urgente.*

guerten déi Leit, déi do Proprietär sinn, sech mussen un de Fraise bedeelegen.

Dir wësst, mir hate bei Schroeder & Associés eng Etüd maache gelooss. Do war erauskomm, ech zitéieren: „L'escalier d'accès est à interdire à l'utilisation, les poteaux d'appuis du balcon sont à stabiliser d'urgence, l'état de vétusté avancé de la dalle en béton…" an esou weider. Also et ass wierklech praktesch péril en la demeure.

Mir hu versicht, mat de Leit eng Eenegung ze fannen. Mir hunn hinnen och allméiglech Propositioune gemaach, fir net alles missen an enger Kéier ze bezuelen. Mee dräi Leit hunn, wéi gesot, iwwer Affekot Asproch erhuewen dogéint. A mir hu versicht, mat deem Affekot a Verbindung ze trieden, fir do eng Eenegung ze fannen. Deen äntwert eis awer net. Soudass dat heiten eisen eenzege Moyen elo ass, fir an deem Dossier virunzekommen.

Déi Leit, déi de Site kennen, déi wëssen, dass et wierklech schrecklech ausgesäit. D'Trap ass schonn zwee Joer laang zou.

De Problem dee mer hunn: Mir haten en initialen Devis vun 158.000 Euro. Op deem Devis hu mer en Accord versicht mat de Parteien ze fannen. Déi zéng Proprietäre sollt jiddweree 15.000 Euro bezuelen, fir dat ze maachen.

Do hu mer eng Soumissioun gemaach. Do ware mer op 242.000 Euro. An déi éischt Propos huet och virgesinn, datt mer gewëllt waren, déi Plaz do nei ze amenagéieren.wWell dat gesäit jo aus ewéi en Taudis, wann een do erakënnt. Et muss ee sech wierklech schummen, ech hunn et schonn eng Kéier hei gesot. jJiddwereen huet do esou ee klenge Gäertchen, mir wollten doraus eng parkaarteg Anlag maachen. A mir haten e Plang gemaach, wou jiddwereen eng richteg Parkplaz kritt hätt. An net wéi elo, zwee, dräi Autoen openeen op engem Koup an enger Wiss do stinn. Dat hätt flott ausgesinn.

Mee do hu sech der och dogéint gestrieft, fir dat esou ze amenagéieren. Mir wollten dat maachen am Kader vun deene Stroossen, déi mer do erneiert hunn. Dat wär vill méi e flott Bild gewiescht. An dat hätt och dee ganze Balcon revaloriséiert. Mee bon, d'Leit sinn net mat op de Wee gaangen. Do hu mer dat falegelooss.

Actuellement hu mer dee ganzen Devis aktualiséiere gelooss, a mir sinn elo op 290.000 Euro, also praktesch um Duebelen.

Ech wëll awer och net verstoppen, vu dass mir jo en Accord mat de Leit gemaach hate fir déi 15.000, déi jiddweree misst bezuelen, wollte mer eis och dorunner halen. Mir hunn dat och ageklot hei.

Mee mir mussen eis awer bewosst sinn, déi ganz Operatioun wäert d'Gemeng 170.000 Euro kaschten. Eis zwou Parte plus déi Deierecht, déi do komm ass. Soudass dat d'Gemeng 170.000 Euro kascht, an d'Leit am Fong fir déi 15.000 Euro, déi se bezuelen, eppes kréie wat 30.000 Euro wäert ass. Mee bon.

Ech wär frou, wann Der eis géift d'Autorisatioun ginn, fir iwwert d'Justiz ze fueren, fir dass mer endlech virukommen. Et ass wierklech geféierlech.eEt riskéiert, all Dag eppes anzefalen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Liesch war deen Alleréischten, dee mam Balcon ugefaangen huet. Dat huet schonn e Baart, déi ganz Geschicht.

Ganz am Ufank, déi éischt Reuniounen, kann ech mech als Schäffen nach erënneren, datt mer op de Wee gaange sinn, well do direkt d'Gestreits ugaangen ass iwwert d'Käschten, déi jiddwereen ze droen hätt.

Do hu mer am Ufank gesot, mir géife kucken, sou wäit wéi méiglech, och nach iwwer Subsiden, iwwert de Staat, verschidde Saache finanzéiert ze kréien. Ech ka mech nach u Chiffere vun 3.000, 4.000 Euro erënneren. Mëttlerweil si mer op 15.000 Euro.

A wann ech elo dem Här Ulveling nogelauschtert hunn, wat de Prix effectif ass, wäre mer dann op 30.000 Euro pro Habitant. Dat kann ee jo keen einfach esou froen, wann en dat net wëllt bezuelen. Do hu mer e bëssen des doutes.

Mee dat do ass eng ganz, ganz schwéier Situatioun.fFir do e Proprietär – a wéi d'Bild no baussen ausgesäit –, wëllen ze forcéieren, dat doten ze bezuelen. Ech weess net esou ganz richteg, wéi een dat handhabe soll, ouni datt een do mat all Mënsch da Sträit kritt.

Mee wéi gesot, ech hunn deen alleréischte Wee, deen den Här Liesch nach virgesinn hat, fir do eventuell e Subsid vum Staat ze kréien am Kader vun Aarbechterwunnengen a well dat en eemolegt Gebai zu Lasauvage war, fir dat iergendwou hinzekréien, och nach gutt fonnt. Wann do e Minimum vu Finanzen op d'Leit zoukomm wieren.

Hei schwätze mer awer scho vun anere Chifferen. Ech weess net, et sinn och héchstwarscheinlech Leit, déi dat och vläicht net droe kënnen. Dofir sollt ee vläicht net direkt esou mam décken Hummer dropschloen. Ech weess, datt et eng ganz komplizéiert Geschicht ass an den Här Ulveling scho laang amgaangen ass, fir dat do hinzekréien.

Ech sinn ëmmer duerfir, sou mann wéi méiglech op d'Geriichter ze goen a fir esou Saachen anzekloen. Well dat och fir eng Gemeng net ëmmer dee richtege Wee ass. Mee wéi gesot, hei sinn ech an zwigespalt, fir den Accord ze ginn, fir op d'Geriicht ze goen.

An nach eng Kéier d'Fro, ob mer net iergendeng aner Solutioun kënne fannen, fir dat do awer hinzekréien. Ouni elo mam décken Hummer dranzeschloen. Mir hu laang doriwwer diskutéiert, och an eise Fraktioun.

Well wann ech muer bei Iech heemkommen an ech soen, et ass esou virgesinn: Du wunns an engem eeleren Haus a mir hätte gär, dass du dat elo esou an esou frëschméchs zu deem an deem Chiffer. Ech mengen, dat kënnt kengem esou direkt zupaass, wann en dat net selwer wëll maachen.

Hei forcéiere mer d'Leit jo e bëssen, eppes ze maachen an ze bezuelen, wat se net wëllen. Do hunn ech ëmmer Problemer domadder. Obschonn et richteg ass, datt et en erhalenswäert Gebai ass, an datt et zu Lasauvage muss stoe bleiwen. Duerfir wier et besser gewiescht, mir hätten en anere Wee fonnt, iwwer Subside vum Staat, iwwer Erhalungen oder am Kader vläicht vun 2023, fir dat doten iergendwéi hinzekréien. Ech mengen, do sinn dann erëm Proprietéitsverhältnisser … Also, et ass eng ganz komplizéiert Geschicht.

Wéi gesot, ech weess och net richteg. Uganks, muss ech soen, war d'Verhale bei eis an der Fraktioun, fir dat doten net ze stëmmen, fir op d'Geriicht ze goen. Well mer soen, all Mënsch muss awer kënne selwer decidéieren, wat en a sengem Haus wëll maachen.

A wat den Här Ulveling awer elo gesot huet, elo sinn ech schonn erëm e bëssen enger anerer Meenung, well jo awer d'Gemeng hei weist, datt se vill méi investéiert wéi dat, wat op deen eenzelnen duerkënnt. En huet e Wäertgewënn, wann dat esou geschitt. Soudatt ech zwigespaltet sinn, wat deen Appel en justice ugeet. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt Iech vläicht direkt äntwerten, Här Bertinelli. Dir maacht en Denkfeeler. Et si keng eenzel Haiser, mee dat ass en Ensembel. Et gëtt eng gemeinsam Entrée, ee gemeinsamen Accès, eng gemeinsam Trap. An déi Trap féiert op eng Dall hin, déi brécheg ass, déi amgaangen ass futti ze goen. Dat ass eng Aart Gank an iwwert dee Gank muss all Mënsch goen, fir a seng Wunneng ze kommen. Et ass praktesch wéi en Appartementshaus, wou d'Proprietären decidéieren d'Face nei ze maachen oder hei oder do ze maachen.

Eis bleift keng aner Léisung wéi déi doten. Well et effektiv geféierlech ass. A mir selwer och jo zwee Haisercher, oder zwou Parten, do hunn. A mir kommen dann och an d'Laberenten, wann engem do eppes géif geschéien. Wann eng Kéier een do eropgéing an déi Dall brieche géif.

Dir hutt jo d'Resultat vun der Expertis vun 2019. An deenen dräi Joer ass et

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle les débuts de la discussion, où les disputes ont immédiatement porté sur les coûts supportés par chacun. Au départ, il était question d'explorer toutes les possibilités, y compris les subventions de l'État, pour financer le projet. Il se souvient de chiffres comme 3 000, 4 000 €, mais maintenant il est question de 15 000 € par personne. Il pense que certaines personnes ne peuvent tout simplement pas supporter cette somme. Il reconnaît la complexité de la situation et il est généralement favorable à recourir aux tribunaux pour la résoudre, mais il est divisé quant à cette décision. Il se demande s'il n'y aurait pas une autre solution. Il constate que la commune pousse les gens à payer des modifications qu'ils ne veulent pas, bien que le bâtiment soit digne de conservation. Il affirme que chaque individu doit pouvoir décider lui-même de ce qu'il souhaite faire de sa maison. Cependant, les propos de Tom Ulveling ont un peu changé son opinion, car la commune montre qu'elle investit bien plus que ce qui est individuellement engagé. Il estime que cela aurait une valeur ajoutée si cela se réalisait.*

**TOM ULVELING (CSV)** *affirme que Monsieur Bertinelli fait une erreur de jugement. Il n'y a pas de maisons individuelles, mais il s'agit plutôt d'un ensemble. Il y a une entrée commune, un accès commun, un escalier commun. Cet escalier mène à un couloir qui a commencé à se détériorer. Tout le monde doit emprunter ce passage pour accéder à son logement. C'est pratiquement comme un immeuble d'appartements. La commune possède deux petites maisons au sein de cet immeuble.*
*On connaît tous le résultat de l'expertise de 2019 et au cours de ces trois années, cela ne s'est pas amélioré. Et la commune est donc responsable si jamais l'escalier s'effondre. Dans un immeuble d'appartements, il y a toujours un syndicat. Ici, chacun fait ce qu'il veut. Pour bien faire, il faut avoir un tel syndicat qui s'occupe d'abord de la gestion et rassemble ensuite les gens pour organiser une assemblée annuelle.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *soulève une question sur les droits de propriété concernant les terrasses et les escaliers appartenant à la commune.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *reconnaît que c'est un problème délicat et propose d'éclaircir certains éléments. Il explique que contrairement à la copropriété où chaque propriétaire possède une partie spécifique, dans ce cas, il s'agit d'un lieu historique et indivisible. Il ajoute que des consultations juridiques ont été menées pour trouver une solution sans passer par les tribunaux, mais il n'y a pas d'autre alternative. Il considère que, en tant que propriétaires de deux maisons, ils sont également responsables envers les locataires, et il n'y a pas d'autre choix que de procéder ainsi.*
*Ensuite, il aborde plusieurs points concernant les questions financières. Tout d'abord, il mentionne les garages qui étaient en ruine. La commune a proposé aux habitants de les acheter à un prix équitable, afin de couvrir une grande partie des frais liés aux autres travaux. Certains habitants ont accepté cette offre. Ce sont également ces personnes qui attendent que la commune prenne enfin des mesures, notamment pour rénover les balcons. Il n'y a que deux personnes qui refusent d'accepter les propositions.*
*La commune a aussi proposé aux habitants de créer de nouveaux espaces verts à l'avant, comme ceux-ci ne sont pas particulièrement esthétiques pour l'instant. Des plans urbanistiques ont été élaborés pour aménager ces espaces de manière plus attrayante. Cela profiterait aux résidents et contribuerait également à l'embellissement du village.*

net besser ginn, well jo nach keen do geschafft huet. An da si mir mat responsabel. A fir aus där Responsabilitéit erauszekommen, si mer leider gezwongen, d'Urgence ze invoquéieren, fir dass do eppes geschitt.

An engem Appartementshaus gëtt et e Syndic. Hei huet am Fong jiddwereen ëmmer gemaach, wat e wollt. Fir richteg misst een esou ee Syndikat do hunn, dee sech éischtens ëm d'Gestioun këmmert an zweetens d'Leit all rassembléiert an dann eng Versammlung alljoers mécht, wéi dat iwwerall an deenen Immeublen ass, wou Leit zesummewunnen.

An hei sinn eeben, duerch déi historesch Gegeebenheeten, déi Haiser uneneegebaut ginn, awer leider erschloss ginn iwwer eng gemeinsam Trap an iwwer ee gemeinsame Palier. An dat ass de Problem.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Wann ech nach eng Fro däerf stellen. D'Besëtzverhältnisser, wéi sinn déi dann do? Déi Terrass an déi Trapen, dat ass nach ëmmer eist, oder?

**MÉI STËMMEN:**

Nee. Nee.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass effektiv e quokelege Problem. Ech war jo vun Ufank un dobäi, dofir kann ech vläicht verschidden Elementer nach opklären.

Wéi den Här Ulveling gesot huet, hautdesdaags hätt een e Syndic, an da wär et relativ kloer. Wann de Syndic majoritär eppes decidéiert, dat muss och deen anere matfinanzéieren. Hei ass et eng historesch Plaz an et ass eng Partie indivisble. Dat ass nach e eppes aneschters wéi eng Koproprietéit. Et ass elo net esou, dass jiddwerengem säi Stéck Balcon virun der Dier gehéiert, mee de Balcon ass eng Partie indivisible. Dat mécht d'Saach méi kompliziéiert.

Mir haten eis do juristesch berode gelooss, wéi mer do kéinte virgoen, ouni mussen op d'Geriicht ze goen. An et gëtt nun eemol keen anere Wee. Duerfir gesinn ech dat genau sou wéi de Schäfferot: Mir si vun zwee Haiser Proprietär, déi mir jo och verlounen u Leit. A fir déi Locatairë si mir responsabel.

Wann do engem Locataire eppes geschitt op deem Balcon, dee wierklech an engem ganz schlechten Zoustand ass – a mir wëssen dat, well mir hunn eng Expertis virleien, déi dat och nach confirméiert – eh ben, bonjour les dégats. Hei si mir als Gemeng absolutt haftbar. Duerfir mengen ech, dass mer hei kee Choix hunn, wéi dat doten ze maachen.

Zu de finanzielle Saache wëll ech nach soen, dass do awer ganz vill gemaach gouf. Zu deenen Haiser huet eng Partie gehéiert vun deem Gaart, wou den Här Ulveling gesot huet, virun der Dier a virun der Bréck eng Garage. Dat Éischt, wat mer de Leit offréiert hunn, well déi Garagen, wann Der Iech déi ukuckt, dat ass jo och näischt Schéines, wann een do erofkënnt, déi puer déi nach do stinn, dat waren am Fong Ruinen …

Soudass mer de Leit offréiert hunn, dass mer dat zu engem ganz faire Präis ofkafen an domadder eigentlech schonn d'Hallschent vun de Sue gedeckt wieren. Et war ni rieds vun 3.000, 4.000 Euro, et war ëmmer rieds vu 15.000 Euro, deen éischten Devis. A mir hu gesot: Wa mer Iech d'Garage ofkafen, dann ass scho méi wéi d'Hallschent gedeckt vun de Fraisen, déi se musse bezuelen. Dat hunn eng Partie Leit gemaach. Dat muss ee jo och soen. An dat sinn och déi Leit, déi drop waarden, dass d'Gemeng elo endlech eppes mécht, an dass dee Balcon elo frësch gemaach gëtt.

Mir schwätzen hei vun eng, zwou Personen, déi net bereet sinn an am Fong aner Leit wierklech a Geiselhaft huelen. An ech fannen, dass dat awer elo net méi geet.

Dann hu mer de Leit offréiert gehat, fir déi Virgäertercher ze maachen, déi och

net immens schéi sinn. Wou effektiv urbanistesch Pläng gezeechent gi sinn, wéi een dat hätt kënne méi flott amenagéieren. Souwuel fir déi Leit, déi do wunnen, mee awer och fir d'Verschéinerung vum Duerfbild, sou wéi den Här Ulveling dat och erkläert huet.a

An do hu mer gesot, mir géifen deene Leit, dat ass jo hiren Terrain, deen och ofkafen. An domadder wär méi wéi d'Fraise gedeckt gewiescht. Well mir hätten dat jo och zu Baulandsterrain ofkaaft. Dat heescht, d'Fraise wäre méi wéi gedeckt, wann d'Leit nëmmen e bësse kooperativ gewiescht wären a matgemaach hätten. A si hätten eng flott Plaz virun der Dier.

Natierlech mat enger Parkplaz, déi dann och public wär. Dat wär natierlech d'Contrepartie. Dat wär dann net méi eng Parkplaz privée.mMee gutt, zu Lasauvage. Ech mengen, do ass den Undrang awer net esou grouss. Vläicht dräimol am Joer. Mee fir de Rescht vum Joer weess een awer, dass een do eng Parkplaz bei sech virun der Dier kritt.

(Ënnerbriechung)

Jo, mir haten nach driwwer geschwat, dass dat schwiereg gëtt, wann et d'Gemeng – mee gutt, dat kann een nach klären. Dat heescht, mir hunn awer do vill gemaach. Mir hu souguer mat deene Leit, an et waren een, zwee – an dat sinn erëm net déi, déi net averstane sinn –, ech weess vun zwou Famillen, ganz konkreet, déi gesot hunn, si sinn averstanen, mee finanziell ass et fir si awer net esou einfach ze droen.

Do hu mer mat eisem Receveur zesumme gekuckt, dass mer e Plan de paiement maachen. Dass mer gesot hunn, d'Gemeng streckt dat do vir, an iwwer en Zäitraum vun zéng Joer kënnen d'Leit dat ofbezuelen. Dat heescht, mir sinn awer extreem wäit gaang als Gemeng, fir awer och all Famill, déi do wunnt, entgéintzekommen. An déi Leit waren och absolutt domat averstanen. Déi hu gesot: Dat ass tipptopp. Wa mir dat esou strecke kënnen, da kréie mir dat hin. A mir wëssen, dass eist Haus da méi sécher ass an natierlech och eng aner Valeur kritt, wann een eng Kéier wéilt verkafen.

An hei geet et just nach ëm een, zwee oder dräi déi eis wierklech hei a Geiselhaft huelen an dat dote blockéieren. An ech fannen och – Dir hutt Recht, Här Bertinelli –, als Gemeng soll ee probéieren, laanscht d'Geriicht ze goen. Dee Wee sou mann wéi méiglech goen. Mee hei gesinn ech awer och elo, en fin de compte, keen anere Wee, wéi dass mer dat heiten elo maachen.

Eleng scho fir eis aus der Responsabilitéit ze huelen an där ganzer Geschicht. An awer och fir déi Leit, déi matgaange sinn op de Wee. Fir dass déi elo net soen:eElo hu mer hei esou vill eis Gedanke gemaach an hei oder do, an en fin de compte geschitt iwwerhaapt näischt. Eise Balcon ass nach ëmmer geféierlech.

Et sinn Infiltratiounen an d'Haiser eran. Dat heescht, déi hunn deelweis Waasser am Keller, duerch Infiltratiounen duerch deen dote Balcon. Et geet net nëmmen ëm d'Sécherheet, wou permanent bei vill Reen d'Sécherungen erausfléien an esou weider an esou fort.

Also ech fannen, dass mer hei wierklech leider deen dote Wee musse goen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Ech sinn och en Deel vun deem Wee do matgaangen, fir de Balcon ze restauréieren – oder loosse mer soen, et ass jo e sécherheetsrelevante Problem. Dat hunn ech och esou nach ëmmer an Erënnerung.

Och déi Mesuren, wéi mer dat solle maachen, hate mer jo mat de Leit beschwat. Ech erënnere mech nach genau un déi Reunioun, déi mer haten, ënner der Schoul am Sall zu Lasauvage. An elo sinn, wéi den Här Ulveling seet, dräi Proprietäre vun deenen zéng, déi absolutt do net wëllen eppes bäidroen. Déi aner, siwe minus zwee, dat heescht fënnef, déi wëllen dat maachen. D'Gemeng selbstverständlech och.

*La commune a ensuite proposé d'acheter ces terrains, ce qui aurait couvert tous les frais. Cela signifie que les frais auraient été couverts, si les personnes avaient été un peu plus coopératives et participatives. Elles auraient ainsi bénéficié d'un bel endroit devant leur porte. Bien sûr, il ne s'agirait plus d'un parking privé mais public. Cependant, à Lasauvage, la demande n'est pas si forte.*
*(Interruption)*
*Ensuite, Georges Liesch explique qu'il y a deux familles qui sont d'accord avec le projet, mais qui ont du mal à supporter les coûts. La commune a donc, en collaboration avec le receveur communal, établi des plans de paiement. On propose de différer les paiements sur une période de dix ans afin de permettre aux habitants de rembourser progressivement. Ces familles sont conscientes que leur maison sera plus sécurisée et gagnera en valeur.*
*Cependant, il y a encore quelques personnes (une ou deux, voire trois) qui bloquent le projet. Il semble qu'il n'y ait pas d'autre choix que de recourir à des mesures judiciaires. Il mentionne également les infiltrations d'eau dans les maisons, provoquées en partie par les balcons dégradés. Il estime donc qu'ils n'ont malheureusement pas d'autre choix que de suivre cette voie, en prenant la responsabilité de l'ensemble de l'affaire, tant pour la municipalité que pour les personnes concernées.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *déclare qu'il a également participé aux efforts de restauration de ces balcons et se souvient d'une réunion qui s'est tenue dans la salle de l'école à Lasauvage. Selon Tom Ulveling, trois des dix propriétaires refusent catégoriquement de contribuer, tandis que les cinq autres ainsi que la commune sont prêts à procéder.*
*Il pose alors la question des discussions en cours : Est-ce qu'un accord ou une convention a été conclu avec les cinq personnes pour que la municipalité fournisse un préfinancement remboursable de manière échelonnée ? Est-ce que cela a été concrétisé ou non ?*

*Il souligne qu'on ne peut quand-même pas couper le cou aux personnes qui s'opposent. Il se demande pourquoi elles ne veulent pas participer, peut-être parce qu'elles en sont incapables.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond en disant que ces personnes s'opposent à absolument tout.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande alors s'il existe d'autres alternatives. Il parle de la nécessité de discuter de la forme concrète de ces arrangements une fois que des accords ont été trouvés. En effet, cela ne leur sert à rien si les personnes ne peuvent pas payer. Que feront-elles alors ? Devront-elles vendre leur maison ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond à Erny Muller en indiquant que leur offre reste valable concernant les paiements échelonnés, et qu'ils peuvent négocier individuellement avec chaque personne en fonction de leur situation. Si la décision du juge oblige tout le monde à payer les 15 000 €, alors chacun peut venir faire un deal avec le receveur de la commune.*
*Il estime qu'il n'est pas judicieux de relancer les discussions pour le moment. Selon lui, l'important maintenant est de sécuriser cette affaire, car si un jour le balcon s'effondre, les personnes devront passer par une échelle pour entrer dans leur maison.*
*Cependant, il précise que si la situation était réglée par un syndicat, où il y aurait eu un vote de 8 contre 3 ou 7 contre 3, alors cela aurait été fait déjà.*
*(Vote)*

Meng Fro ass elo: Wou sinn d'Gespréicher drun? Vun deene fënnef Leit, sinn der do, déi schonn iergendeppes an Aussiicht gestallt kritt hunn? Oder ass do en Accord oder eng Konventioun oder e Schrëftstéck gemaach gi mat de Leit, dass d'Gemeng echelonéiert e Préfinancement mécht, deen echelonéiert zréckbezuelt gëtt? Ass dat scho konkreet oder ass dat net méi de Fall? Ginn déi Leit elo eens selwer iwwer e Prêt oder iwwer en Apport, fir dat do ze bezuelen?

Dat heescht, mir hunn am Fong keng Situatioun, wou mer elo kéinte soen, mir ginn elo eng Alternativ, och fir déi heien?" Well ech mengen, mir kënne jo awer de Leit net den Hals ofschneiden. Déi hu jo och Grënn, firwat se net wëlle participéieren. Oder vläicht kënne se net participéieren, dat wëll ech net soen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee, déi si géint alles.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Duerfir ass meng Fro: Bidde mer nach Alternativen? Dir hutt alles opgeläscht, vum Terrain oftriede bis d'Garagen, bis echelonéiert Bezuelen. All déi Saache sinn nach méiglech, wann en Accord fonnt gëtt. Dee ka jo och après-coup fonnt ginn. Dat heescht, wann et elo sécher ass, dass si dat mussen iwwerhuelen, da musse mer och iwwert d'Form diskutéieren, wéi dat ka gemaach ginn am Endeffekt. Well et notzt eis jo och näischt, wa se et net kënne bezuelen. Wat maache se dann? Musse se da verkafen an hirer Wee goen? An ech weess net, ob een dat wëll. Dat wëll jo och keen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech kann Iech eng Äntwert dorop ginn, Här Muller. Eist Angebot steet nach ëmmer, dass mer e Paiement échelonné kënne mat jiddwerengem eenzel verhandelen, en fonction vu senger Situatioun. Dat bleift bestoen.

Dat heiten, wann Der dat gelies hutt, seet de Riichter, deen eis jo Recht gëtt: Jiddwereen ass elo forcéiert, déi 15.000 an esou vill Euro ze bezuelen. An dann eréischt kënne se bei eis kommen a mat dem Receveur, wéi den Här Liesch dat och scho gesot huet, den Deal maachen, dee fir si a Fro kënnt.

À ce stade, géif ech soen, mécht et net méi vill Sënn, elo erëm weider Diskussiounen unzefänke fir déi aner Saachen, déi mer wollte maachen am Interêt vu Lasauvage. Wat dee ganzen Eck do awer verschéinert hätt. Dat wollte mer maachen am Kader vun deene ganze Stroossen, wéi ech virdru gesot hunn, déi mer amgaange waren, do nei ze maachen. Da wär dat anengems gaang. Well da misste mer erëm alles extra ausschreiwen, missten erëm all Entrepreneur komme loossen. Mir hätten erëm eng Installation de chantier, mir hätten erëm hei a mir hätten erëm do. Dat géif erëm esou vill méi deier.

Ech mengen, wat elo wichteg ass, ass, dass een déi Saach do ofséchert, well wann et eng Kéier zesummefält, da mussen d'Leit iwwer eng Leeder an hiert Haus goen, well dann ass kee Palier méi do. An dat ass de Problem.

Ganz kloer, déi Angeboter, déi mer sengerzäit gemaach hu fir de Paiement échelonné, déi bleiwe bestoen. D'Leit musse sech a Verbindung setze mat eisem Receveur, fir ze kucken, dass deen hinnen e Plan sur mesure, géif ech soen, mécht. An da misst dat ze stemme sinn.

Mee wéi gesot, wa mer an enger Situatioun wieren, wéi virdru gesot ginn ass, an engem Syndikat, dann hätt de Syndikat ofgestëmmt 8 géint 3 oder 7 géint 3, an dann hätt e gesot, da maache mer dat an dann ass et färdeg. An hei, duerch déi komesch Situatioun, ass dat esou. Mee bon.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'autorisation d'ester en justice accordée au collège échevinal dans le cadre des travaux à effectuer au Balcon à Lasauvage.*

Merci. Fir de Punkt 10a, Taxen a Museksschoul, géif ech d'Wuert un den Här Mangen direkt weiderginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ab dem Schouljoer 2022/2023 ginn d'Coursen an der Musekschoul ab dem Alter vu véier Joer – dat entsprécht dem Éveil musical – bis zum Diplom vum éischte Cycle gratis. Gesetzlech ass den Alter vun dëser Gratuitéit bei 18 Joer festgeluecht.

Follgend Fächer si vun dëser Gratuitéit betraff: den Éveil musical, d'Formation musicale, d'Léiere vun engem Instrument, klassescht a modernt Sangen, Chouergesang, Diktioun, Éveil à la danse a modernt a klassescht Danzen.

Dat mécht ongeféier 90 % bis 95 % vun den aktuellen ugebuedene Coursen aus, déi ënner dës Gratuitéit falen.

Fir all déi aner Coursë gëtt gesetzlech e Minerval vun 100 Euro gefrot. Dat heescht, datt maximal 5 % bis 10 % vun de Schüler an dës Kategorie falen, wat sécherlech fir d'Gemeng e relativ gerénge Montant ausmécht.

Dofir hunn all d'Musekschoulen, déi an der AEM vertruede sinn hei am Land, virgeschloen, fir d'Gratuitéit vun dëse Coursë bis zum Alter vu 25 Joer weiderzeféieren. Dëst aus verschiddene Grënn. Ënner anerem déi talentéiert Schüler, déi elo géifen an de Cycle 2 kommen, déi missten dann erëm d'Coursë bezuelen, wat och e bëssen onfair wär, well déi sech awer Méi ginn.

Dann d'Cours collectifs fir Museksensembelen, wou Jonker an Eelerer zesumme sinn, datt déi och ënner d'Gratuitéit falen. An dann den Alter vun 18 Joer, dat géif och méi Jonker an d'Studenten nach penaliséieren. Dofir schloe si vir, eréischt de Minerval ze froen ab dem Alter vu 25 Joer. An dat virum 1. September vun deem neie Schouljoer. Déi sollen dann déi 100 Euro bezuelen.

Et bleiwen awer zousätzlech Tariffer bestoen, an dat egal wat fir een Alter. Dat heescht, d'Kautioun fir en Instrument bleift ëmmer nach 150 Euro. An och d'Locatioun vun engem Instrument ass ëmmer nach bei 100 Euro d'Joer.

Den Zougang zur Musek fir jiddereen ass sécherlech eng gutt Initiativ. Bekanntlech dréit d'Musek zur Entwécklung vu jidderengem bäi. D'Entscheedung ass awer vläicht och en zweeschneidegt Schwäert. Et soll jiddefalls kee Gardiennage ginn. Net datt d'Kanner einfach nëmmen an d'Museksschoul geschéckt ginn a gesot gëtt: Da gitt der do versuergt.

D'Kanner solle sech awer scho Méi ginn, fir e bëssen eppes vun der Musek ze léieren. Dat wär och am Interêt vun de Museksprofesseren. Fir si ass et net ganz agreabel, wa se Schüler hunn, déi sech keng Méi ginn.

De Finanzmodus gëtt geännert. Dat hänkt vun der Schülerzuel of, déi d'Coursë beleeën, an och vun de prestéierte Stonnen, déi gehale ginn. Dat heescht, wann elo e Schüler wärend dem Joer ophält, da gëtt een Deel leider net bezuelt. Also een, dee sech umellt, dee muss a sech d'ganzt Joer bleiwen – oder gréisstendeels. Wann en elo mol een, zwee Deeg géif feelen, wär net schlëmm, mee wann en awer no zwou, dräi Kéieren ophält, da kritt d'Gemeng a sech kee finanziellen Ausgläich.

Et ass also schwiereg, elo am Moment, virauszegesinn, wéi dat finanziell fir d'Gemeng ausgesäit. Ech mengen, do misst een ee bis zwee Joer ofwaarden a kucken, wéi dat sech op ons finanziell Lag auswierkt.

Ech géif mech freeën, wann Der fir déi Gratuitéit géift stëmmen. Et ass jo och gesetzlech virgesinn, fir dat ze maachen. Mee mam Zousaz, datt mer dat bis 25 Joer verlängeren. Datt mer dat als Gemeng dann droen. Ech mengen, dat mécht net vill aus. Also dat si fir ons Gemeng schätzungsweis ëm déi 5 % vu Coursen, wou mer eppes misste bäileeën. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Hartung, wannechgelift.

**ROBERT MANGEN (CSV)** *aborde le point 10a et explique que, à partir de l'année scolaire 2022/2023, les cours de l'école de musique seront gratuits à partir de l'âge de quatre ans, jusqu'à l'obtention du diplôme du premier cycle. L'âge limite pour bénéficier de cette gratuité est légalement fixé à 18 ans. Les matières concernées par cette gratuité comprennent l'éveil musical, la formation musicale, l'apprentissage d'un instrument, le chant classique et moderne, le chant choral, la diction, l'éveil à la danse classique et moderne. Cela représente environ 90% à 95% des cours actuellement proposés.*
*Pour les autres cours, la contribution légale est de 100 €. Cela signifie que seulement 5 % à 10 % des élèves relèvent de cette catégorie, ce qui représente un montant relativement faible. C'est pourquoi toutes les écoles de musique représentées par l'AEM au niveau national ont proposé de prolonger la gratuité de ces cours jusqu'à l'âge de 25 ans. Cela inclut également les cours collectifs pour les ensembles musicaux. Les tarifs supplémentaires subsisteraient pour tous les âges : la caution pour un instrument resterait à 150 € et la location d'un instrument de 100 € par an.*
*Cependant, les enfants doivent faire preuve d'un certain engagement pour apprendre la musique. Cela serait également dans l'intérêt des professeurs de musique, car il n'est pas agréable pour eux d'avoir des élèves qui ne s'investissent pas.*
*Le mode de financement sera modifié en fonction du nombre d'élèves inscrits aux cours et du nombre d'heures prestées. Cela signifie que si un élève arrête en cours d'année, une partie de sa contribution ne sera pas remboursée.*
*Robert Mangen suggère d'attendre un à deux ans pour évaluer l'impact sur la situation financière de la commune.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *exprime son soutien au principe de la musique pour tous, mais souligne qu'il est important de ne pas décider de manière précipitée. Il met en avant la question de la disponibilité des ressources et du personnel qualifié nécessaires. Il reconnaît les succès de l'école de musique et la croissance constante du nombre d'élèves, mais se demande comment répondre à une demande croissante sans compromettre la qualité de l'enseignement.*

*Il souligne que la division en plusieurs sites, qui a été suggérée ces dernières années, n'est pas avantageuse pour l'école de musique. Les cours collectifs doivent avoir un minimum de 15 participants selon les directives ministérielles, mais des cours adaptés aux enfants ayant des besoins spécifiques sont possibles en petits groupes.*

*En ce qui concerne le remboursement, le ministère rembourse effectivement la commune uniquement pour les élèves ayant suivi et terminé l'année complète de cours. Cependant, au moment de l'inscription, l'école de musique ne sait pas qui est réellement intéressé et qui restera engagé tout au long de l'année. Ainsi, la gratuité risque d'attirer des élèves qui abandonneront facilement dès qu'ils n'auront plus envie, et cela ne sera pas remboursé à la commune.*

*Il souligne également que les enseignants seront bien rémunérés, que le cours de solfège ou d'éveil musical soit complet avec 15 élèves ou seulement 10.*

*En tant que membre du CSV, il se réjouit que la commune de Differdange mette en œuvre les propositions de l'AEM, offrant à tous les cours gratuits jusqu'à l'âge de 25 ans, quel que soit leur niveau. Il est également satisfait que la ville de Differdange prenne en charge les coûts.*

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, Musek fir jiddereen héiert sech gutt un. Natierlech ënnerstëtze mir als CSV dëst Prinzip. Trotzdeem wëlle mer betounen, datt et heifir net duergeet, einfach vun uewen erof ze decidéieren: Mer maachen elo alles gratis. Hannendru stellt sech, ënner anerem, d'Fro, ob genuch Raimlechkeeten an ausgebilt Personal dofir do ass. Eng Waardelëscht wär jo contraire zum Zil Musek fir jiddereen.

Duerch déi ganz gutt Aarbecht vun eiser Museksschoul hate si scho virdru grousse Succès. Dëst huet logescherweis mat sech bruecht, datt d'Unzuel vu Schüler steteg gewuess ass an d'Schoul zum Beispill punkto Raimlechkeeten un hir Grenze stéisst.

Elo stellt sech d'Fro: Wann d'Demande nach méi grouss sollt ginn, wou kënnen dës Coursen all ofgehale ginn? Well eng Opdeelung op méi Sitten, dat gouf déi lescht Jore jo ëmmer erëm betount, ass net virdeelhaft fir d'Museksschoul.

Fir d'Kollektivcoursë sinn am Prinzip minimum 15 Leit pro Grupp d'Richtlinn vum Ministère. No Diskussioune sinn elo fir Kanner à besoins spécifiques ugepasste Coursë vu méi klenge Gruppe méiglech. Wat eis Museksschoul dann och ubitt. Dat ass eng ganz gutt Saach. Awer och hei stellt sech nees d'Fro, ob heifir genuch spezifesch ausgebilt Personal do ass.

Beim Remboursement mécht de Ministère sech et zimmlech einfach. Den Här Mangen huet et ugeschwat, do bleift ze hoffen, datt do nogebessert gëtt. Si rembourséieren d'Gemeng effektiv just op déi Schüler, déi och dat integraalt Joer de Cours suivéieren an ofschléissen. Awer d'Museksschoul weess jo net bei der Umeldung, wie wierklech interesséiert ass a wien net, respektiv wien dat ganzt Joer duerchzitt.

Duerch d'Gratuitéit, wat am Fong jo net schlecht ass, riskéiert een awer, datt muncher sech aschreiwen, well se sech soen: „Et kascht mech jo näischt. A wann et mer näischt méi seet, dann halen ech eeben op". An hei gëtt d'Gemeng dann net rembourséiert.

Den Enseignant gëtt natierlech, richtegerweis, voll weiderbezuelt, egal ob säin, ech soe mol elo zum Beispill, säi Solfègecours oder säin Éveilscours um Enn mat 15 oder nach just mat 10 Leit besat ass.

Ee weidere Punkt ass, datt d'Gratuitéit vum Ministère bis 18 Joer sech awer an der Reegel op d'Coursë vum Cycle inférieur respektiv vum Premier cycle bezitt. Déi aner Coursë si plafonéiert op 100 Euro. Wat u sech jo och net schlecht ass. Et ass keen iwwerdriwwene Plaffong. All Gemeng kann do maachen, wéi se dat fir richteg fënnt.

Als CSV si mer immens frou, datt d'Déifferdenger Gemeng d'Propos vun der AEM ëmsetzt, datt jiddweree bis 25 Joer all Cours, egal wéi een Niveau, gratis huet. An d'Stad Déifferdeng d'Onkäschten iwwerhëlt, also wierklech eng richteg Gratuitéit bis 25 Joer vollzitt.

Zum engen, wéi gesot, fir déi wierklech interesséiert Museker, déi nom éischte Grad weider Musek wëlle maachen, dëst deemno esou valoriséiert kréien. An zum aneren, well mat 18 Joer déi mannst schonn erwerbstäteg sinn. An do soll da keng Differenz tëscht Schüler, Studenten, Erwerbslosen an enger Léier oder Beruffsufänger gemaach ginn.

Besonnesch an deem Alter brauch een hautdesdaags all Su. Do soll kee, wann en dat onbedéngt wëll maachen, sech d'Fro musse stellen: „Kann ech mir de Musekscours leeschten?" Oder: „Op wat muss ech soss verzichten?".

Ofschléissend: D'Grondprinzip ass gutt. Fir en éischt Joer soll een et elo esou ëmsetzen. Et soll ee sech awer bewosst sinn, datt d'Feinheeten hannendru wuel musse weider gekläert ginn, dru geschafft ginn, ënner anerem den Impakt op d'Raimlechkeeten, d'Personal an d'Waardelëschten.

Ganz zum Schluss wëlle mer nach dem ganze Personal vun eiser Museksschoul Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi si hei leeschten. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir wëllen och soen, am Numm vun der LSAP, mol fir d'éischt, dass mer eng ganz gutt funktionéierend Museksschoul hunn. Mat engem Direkter, dee wierklech och probéiert, iwwert deen eenzelne Cours eraus Aktivitéiten a Richtung vun zesumme spillen, zesumme Musek maachen, Orchester-Participatiounen a sou weider ze maachen.wWierklech Visiounen huet, fir d'Musek iwwert deen eenzele Musikant erauszeféieren zu engem musikalesche Grupp.

Vu dass dat alles esou gutt leeft, hu mer en enormen Zousproch fir an d'Museksschoul.

Mir sinn absolutt derfir, dass vu staatlecher Säit déi Coursen elo gratis offréiert ginn. Dass dat mat verschiddene Problemer verbonnen ass, si mer eis bewosst. Mee ech mengen, do musse mer, wéi den Här Mangen sot, mol ofwaarden, eng gewëssen Erfarung sammelen, a kucken, wéi dat dann an der Zukunft verleeft.

Eppes steet fest: Mir kënnen nëmmen eng gewëssen Unzuel vu Schüler ophuelen. Da musse mer eebe Krittäre fixéieren. Wichteg ass, dass jiddwereen Zougang zu der Musek huet. Musikalesch Erzéiung ass eppes, dat gehéiert fir dee jonke Mënsch, fir d'Kanner, fir jiddweree vun eis einfach zum Liewen, einfach zu hirem kulturelle Background. Dat ass immens wichteg. An dat gëtt heimat garantéiert.

Op déi aner Manéier si mer derfir, dass mer dat weiderféieren, wat vun der AEM kënnt, fir ze soen, mir kënnen dat net abrupt ofbriechen, zemools net fir Aktivitéiten déi zesummenhänkend sinn. Duerfir stëmme mer selbstverständlech där Saach och zou. Där Propositioun, fir dat, ënner gewëssenen Ëmstänn, weiderzebezuelen.

Et kéint sinn, dass dann d'Museksschoul nach méi ee grousse Succès kritt, da musse mer kucken, wéi mer dat opfänken, wéi mer dat upaken. Mee op där anerer Manéier, wéi gesot, nach eng Kéier: D'LSAP begréisst, dass déi Coursen elo gratis sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech ka mech menge Virriedner nëmmen uschléissen. Mir als déi Gréng sinn och absolutt d'accord, dass dat esou gehandhaabt gëtt. Besonnesch deen Deel, dass een déi administrativ Käschte vereinfacht an den Opwand fir déi puer Schüler, déi 5 % bis 10 %, déi net an dee Kader vun deem neie Reglement oder Gesetz passen.

Ech stelle mer d'Fro: Ass et wierklech esou, dass d'Demande méi grouss ass? Mir wëssen et net. Mir wäerten dat gesinn. Dat wäert sech erausstellen. Et muss jo net esou sinn, dass jiddereen elo – et ass jo flott, dass jiddereen Accès huet zur Musek, mee et muss net onbedéngt esou sinn, dass esou vill méi Leit Musek wëlle maachen, just well et näischt kascht.

Well et ass jo awer de Wëlle vun de Kanner. Et ass en Engagement vun de Kanner, déi wëlle jo och eppes erreechen. An dann denken ech mer, dass da vläicht d'Käschten net ëmmer esou eng grouss Roll spillen. Et ass net, wéi wann op der Braderie e Loftballon verkaaft gëtt, dass jiddereen dee wëll huelen, well et do grad eppes gëtt.

Dat heescht, mir gesinn dat. Mee mir stëmmen op jiddwer Fall déi Changementer hei.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zur Ofstëmmung.

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime son soutien à l'école de musique qui fonctionne très bien, avec un directeur qui encourage les activités collectives, le jeu en groupe, la participation à des orchestres, etc.*
*Il soutient fermement l'offre gratuite des cours par l'État, bien qu'il soit conscient des problèmes associés à cela. Il estime cependant qu'il faut prendre le temps d'accumuler de l'expérience et observer comment les choses évoluent à l'avenir, comme l'a souligné Robert Mangen.*
*L'accès à la musique doit être ouvert à tous, car l'éducation musicale est importante pour les jeunes, les enfants et chaque individu, faisant partie intégrante de leur culture et de leur parcours de vie.*
*Il soutient également les propositions de l'AEM, soulignant qu'il ne faut pas interrompre les activités musicales à 18 ans, surtout celles qui sont interconnectées. La LSAP est favorable à cette approche.*
*Il pense qu'une école de musique gratuite pourrait attirer encore plus d'élèves et souligne la nécessité de prendre des mesures pour gérer et soutenir cette augmentation.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *exprime son accord avec les propos et souligne l'importance de simplifier les coûts et les efforts administratifs pour les quelques élèves (environ 5 % à 10 %) qui ne correspondent pas aux critères du nouveau règlement ou de la loi.*
*Elle n'est pas sûre si la demande augmentera réellement. Elle est favorable à l'accès universel à la musique, mais souligne que cela ne signifie pas automatiquement qu'un grand nombre de personnes souhaiteront faire de la musique simplement parce que cela ne coûte rien.*
*Elle pense que les coûts ne jouent pas toujours un rôle majeur. Elle met en garde contre l'idée que tout le monde voudra participer simplement parce qu'il y a une opportunité gratuite, comparant cela à la distribution de ballons sur une braderie. (Vote)*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *parle ensuite du point 10b et de la modification des règlements de circulation. Il explique que les images du dossier sont issues d'un catalogue et ne correspondent pas toujours au contenu. Ainsi, c'est le texte qui doit être pris en compte.*
*Il évoque le premier article concernant les nouvelles routes intégrées au règlement, principalement celles du Mathendahl. Il aborde également la modification des horodateurs, qui sont remplacés par un nouveau système avec des voyants LED. On pourra y stationner pendant trente minutes, après quoi les voyants passeront au rouge, indiquant que la voiture doit être déplacée.*
*Il aborde également d'autres ajustements effectués pour apaiser la situation au EIDE, en prenant en compte les demandes des délégués du personnel et du lycée. Des modifications vont être apportés pour améliorer la circulation chaque jour vers 8 heures du matin.*
*Ensuite, il parle d'une réglementation plus stricte dans la rue Renée Lazard, où se trouve le SERVIOR, car actuellement chacun fait ce qu'il veut. Il est désormais interdit de stationner ici. Le stationnement dans cette rue est réglementé de la même manière que dans la rue voisine, la rue Woiwer, avec une vignette résidentielle. De plus, une place de livraison est prévue devant un restaurant dans l'Avenue de la Liberté.*
*Au niveau du bâtiment A du 1535°, la zone entière sera désormais interdite aux véhicules. Un peu plus haut, le long du bâtiment B, il y a toujours beaucoup de voitures. Le stationnement ne sera plus autorisé à cet endroit. En plus, une place de livraison avec une barrière a été prévue à l'entrée, ouverte 24 heures sur 24 et 7 jours sur 7. Deux PMR sont également prévues à côté du bâtiment B.*
*Sur la place Marie-Paule Molitor-Peffer les places PMR ont été déplacées et le stationnement a été réglementé alternativement. Cette décision a été prise à la demande du CGDIS, qui a identifié un problème en cas d'incendie, car les camions de pompiers ne pourraient pas y accéder.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications au chapitre C-1* École de musique *du règlement des taxes, tarifs et prix.*

---

Da si mer beim Punkt 10b, Modification des règlements de circulation. An ech géif d'Wuert dofir un den Här De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Dammen an Hären aus dem Gemengen- a Schäfferot, wéi ech d'Dokument gesinn hunn, hunn ech d'Biller gekuckt gehat an ech hu gemierkt, datt dat net zum Text passt. Dunn hunn ech mech beléiere gelooss, datt d'Biller eigentlech aus engem Katalog sinn. An do hu se net ëmmer déi Biller, déi zum Text passen. Ma mir stëmmen hei net d'Bild, mee mir stëmmen den Text. Dann hunn ech dat och geléiert. Net datt dozou eng Fro kéim.

Deen éischten Artikel betrëfft d'nei Stroossen, déi an eist Reglement kommen. Dat sinn haaptsächlech d'Stroossen aus dem Mathendahl.

E weidere Punkt an der Modifikatioun betrëfft d'Parkometeren, wou ee fir 15 Minutten e puer Su erageheit huet. Déi ginn elo duerch een neie System mat LED-Luuchten ersat. An Zukunft kënnen d'Leit 30 Minutte stoe bleiwen. No deenen 30 Minutten, wann den Auto net geréckelt gouf, sprangen déi Luuchten, déi gréng sinn – dat heescht, dat wäerten dann 30 Luuchte sinn –, ëmmer all Minutt eng Luucht ewech op rout, an da misst den Auto eigentlech fortkommen.

Dee System géif et och erlaben, datt eis Agenten ee Message kréichen a kucke ginn. Mee dat hu mir nach net virgesinn. Dat heescht, no 30 Minutte géife se eng SMS kréien an da kéinte se dohinnerfueren. Et ass net den Zweck vun der Saach. Mee wa se laanschtfueren, da gesi se, datt en Auto méi laang wéi 30 Minutten do steet.

Fir d'Situatioun am EIDE e bëssen ze entschäerfen, hu mir e puer Moossnamen ënnerholl, déi Dir hei am Dossier fannt. Dës war ënner anerem eng Demande vun der Salariatsdelegatioun a vum Lycée selwer. Mam Här Ulveling a senger ganzer Ekipp ware mir eis eng Kéier ukucken, wéi et moies ëm aacht Auer do ofleeft. Dat ass immens brenzeleg, och fir eis Leit, wann déi aus dem CID erauswëllen.

Et ass zwar elo schonn am Reglement, mee mir mussen drop waarden, datt de Staat eis deen Deel cedéiert, well esou laang kënne mir och dann do net intervenéieren.

Bei der SERVIOR, dat heescht an der Rue Renée Lazard, hu mer d'Strooss reglementéiert, well momentan mécht do jiddereen, wat a wéi e wëll. Et geet souwäit, datt d'Leit hannen net méi gedréit kréien. Dir gesitt am Dossier: Et däerf een do elo net méi stoe bleiwen.

D'Parken an där Strooss gëtt esou reglementéiert wéi an der Strooss niewendrun, dat heescht an der Woiwer Strooss, mat Vignette résidentielle.

An der Avenue de la Liberté hu mer och elo fir e Restaurant eng Liwwerplaz virgesinn.

Am 1535° ass elo dee ganzen Deel beim Gebai A autofräi. E bësse méi uewen, laanscht d'Gebai B, stinn ëmmer ganz vill Autoen. Do däerf een net méi parken. Do gouf et och scho Situatiounen, déi immens brenzeleg waren. Elo ass och eng Liwwerplaz an der Entrée mat enger Barriär virgesinn. Dat heescht, déi Liwwerplaz ass 24/24 Stonnen a 7/7 Deeg d'Woch. An zwou PMR-Parkplaze si virgesinn um Site, nieft dem B-Gebai.

Och op der Plaz Marie-Paule Molitor-Peffer, déi hate mer de Moie schonn, hu mer misse Moossnamen ënnerhuelen. Déi PMR-Plaz hu mer missen deplacéieren an d'Parken aneschters reglementéieren. Dat war op Demande vum CGDIS, well si do ee Problem gesinn, wann et do géif brennen, datt si net mam Camion bäikéimen.

D'Strooss zu Nidderkuer am Haneboesch gouf reglementéiert. Iwwert déi ganz Längt ass elo 50 kmh. De Vëloswee an d'Parkplaze sinn agezeechent, wou d'Leit parke kënnen. Anstatt ëmmer ze schreiwen: „Hei däerft Der parken", „hei däerft Der net parken",

hu mer ganz vill op de Strosse stoe „sur les emplacements marqués.“ Soss gi mer zur Proto-Stad.

Bei der Nidderkuerer Schoul, wann ee vun der Avenue de la Liberté kënnt, dat heescht vun Déifferdeng-Zentrum, an da riets ofbéit do an déi Sakgaass, op der lénker Säit war do e bëssen ee verluerenen Eck. Do hu mer decidéiert, ee Kiss-and-Go ze maachen. An den C19 verréckele mer e bësse méi wäit.

Am leschte Gemengerot hate mer zu Nidderkuer an der Rue Nicolas Theis eng virleefeg Liwwerplaz virgesi vun dräi bis aacht Auer. Déi ass elo fest an eisem Verkéiersreglement.

An da mierke mer an der leschter Zäit, datt vill Problemer entstinn an der Rue Camille Gira – elo muss ech mäi Bräll awer undinn –, do däerf een net méi stoe bleiwen. Do gëtt et zwou PMR-Parkplazen. An et ass elo eng Zone de rencontre, wou 20 kmh erlaabt sinn.

Ech mengen, ech sinn op alles agaangen. Wann nach Froe sinn, wäert ech Iech déi beäntwerten.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d’Wuert. Déi nei Bornen, dat ass eng gutt Saach, well et geet vill méi einfach an ouni Suen. Dass bei der EIDE d’Stationnement reglementéiert gëtt, dat ass haaptsächlech am Sënn vun der Sécherheet vun de Kanner.

Um Site 1535° kënnt elo en offiziellt Parkverbuet, vun deem mer jo och schonn hei geschwat hunn. Dat gëtt elo reglementéiert. Am Haneboesch, wou déi ganz Strooss nei gemaach ginn ass, do gëtt elo d’Parke reglementéiert. An et ass och en obligatoresche Vëlos-/S-padséierwee do an och e Stéck virgesinn, wou ee mat Rollerblades fuere kann.

An dann effektiv och de Kiss-and-Go, deen elo bei der Nidderkuerer Schoul méiglech ass an och elo reglementéiert ass.

Ech soen der Madamm Di Vita aus dem Mobilitéitsservice Merci, dass mer déi illustréiert Presentatioun am Kader vun der Mobilitéitskommissioun virum Gemengerot gemaach kritt hunn. Déi Gréng stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, wéi allgemeng bekannt, hunn ech dat analyséiert. Ech fannen et ganz flott, dass emol erëm een heibannen ass, deem et opfält, dass den Text net de Schëlter entsprécht. Wëll awer dozou erklären, dass et mëttlerweil, fir net deiert Geld, Computerprogrammer gëtt, wou déi richteg Schëlter bei dee richtegen Text géife passen. An d’Gemeng warscheinlech och net finanziell doru géif zugronn goen, wa mer géifen ee Computerprogramm, en Update kafen oder dat géifen à jour setzen.

Dat gesot, wëll ech allgemeng bemierken – deen Opruff hat ech schonn eng Kéier gemaach – dass d’Schëlter mussen a Faartrichtung opgestallt ginn. Ech hat schonn eng Kéier drop opmierksam gemaach. An der Avenue de la Liberté ass e Schëld, wou higewise gëtt op eng reservéiert Parkplaz fir Leit à mobilité réduite. Dat Schëld steet net a Faartrichtung, mee dat steet frontal zur Face. Dat heescht, de Mann huet seng Face renovéiert, huet d’Schëld missen ofmontéieren, fir mam Pinsel zwëssche Potto a seng Face ze kommen. Wat net gutt ass, wat och net richteg ass vis-à-vis vum Code de la route.

Ausser de Schëlter an den Texter entsprécht dat neit Verkéiersreglement dem Code de la route. Verschidde Saachen, déi mer ganz gutt gefall hunn, dat ass éischtens emol dat Remplacement vun deene klengen Horodateure fir déi Kuerzzäitparker, déi mer nach an der Gemeng hunn. Wou net ëmmer jiddwereen déi richteg Mënz an der Täsch huet. Well do war op eemol esou vill Klenggeld erfuerdert, dass een dat net

*Dans la rue de Niederkorn à Haneboesch, la vitesse maximale autorisée est désormais de 50 km/h sur toute sa longueur. Des pistes cyclables et des parkings sont prévus. À l’école de Niederkorn, on va mettre en place une zone « Kiss-and-Go ».*
*Dans la rue Nicolas Theis à Niederkorn, une place de livraison préliminaire sera mise en place, de 3 à 8 heures.*
*Récemment, des problèmes ont surgi dans la Rue Camille Gira, où le stationnement n’est plus autorisé. Deux places de stationnement PMR ont été créées à cet endroit. Il s’agit désormais d’une zone de rencontre, avec une limitation de vitesse à 20 km/h.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *exprime son soutien aux nouvelles bornes, car elles simplifient les choses et elle résume les différentes modifications. Elle explique que, dans le quartier Haneboesch, où toute la rue a été refaite, le stationnement sera également réglementé. De plus, une piste cyclable obligatoire pour les vélos et les piétons est prévue, ainsi qu’une section où l’on peut faire du rollerblade.*
*Elle remercie madame Di Vita du service de mobilité pour avoir réalisé la présentation illustrée lors de la Commission de la mobilité avant le conseil municipal. Déi gréng soutiennent ce point.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *exprime sa satisfaction quant au fait qu’il y ait enfin quelqu’un qui remarque que le texte ne correspond pas aux panneaux de signalisation. Cependant, il existe des programmes informatiques capables d’adapter correctement les panneaux aux textes appropriés.*
*Il souligne également que les panneaux doivent être placés dans la direction de la circulation. Dans l’Avenue de la Liberté, il y a un panneau indiquant un stationnement réservé aux personnes à mobilité réduite. Ce panneau n’est pas orienté dans la direction de la circulation, mais il est placé parallèle à la façade d’une maison. Ce n’est pas conforme au Code de la route.*
*Il mentionne également les nouvelles bornes qui remplacent les pe-*

*tits horodateurs pour les parkings à courte durée, ce qu'il trouve bien. Il regrette cependant que la Cité O, qui est à 90% terminée, n'ait pas encore été correctement signalisée. C'est un danger au quotidien. Il mentionne qu'il y a beaucoup de résidents dans la Cité O et que les gens sortent vers la rue Pierre-Neiertz où ils ne voient pas pourquoi ils n'ont pas la priorité parce qu'il n'y a pas de panneau. Il en a également fait part à la Commission de la mobilité, mais il a vu que cela n'a pas été pris en compte. C'est pourquoi il souhaite le répéter.*

*Il suggère de prendre en compte ces situations dans les règlements d'urgence et de les étendre sur une période de six mois. Il mentionne que les changements au Code de la route, soumis au ministère, sont tolérés une fois par an, ce qu'il ne trouve pas bien.*

*Il souligne également la mauvaise condition de la rue Metzkimmert, qui est dans un état si mauvais qu'elle ne mérite même pas d'être utilisée pour la circulation publique.*

*Ensuite, il aborde la question de la signalisation sur la chaussée. Si une marque est présente sur la route et que cette marque n'est pas soutenue par un panneau de signalisation, cela n'a aucun sens. Par exemple, si une place est réservée aux personnes à mobilité réduite et qu'on le marque au sol, mais que l'on ne le répète pas avec un panneau de signalisation, cela n'est pas valable selon le Code de la route. Il insiste sur le fait que les deux éléments doivent être présents : le panneau dans le sens de la circulation et la marque sur la route.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie Guy Altmeisch pour son engagement. Elle mentionne qu'elle ne peut pas encore expliquer pourquoi ils n'ont pas les bonnes images dans le dossier.*

bei sech hat an dann einfach esou do stoe bliwwen ass.

Ech fannen dat gutt, dass mer dat ännere mat Bornen, déi duerch hir Faarf drop opmierksam maachen, dass een net richteg oder richteg do steet.

Wat mer leed deet, dat ass, dass déi zu 85 %, 90 % fäerdeggestallte Cité O net am Verkéiersreglement respektéiert ass respektiv net nei beschëldert ass. Dat ass eng Gefor am Alldag.

Et muss ee wëssen, an der Cité O um Fousbann wunne relativ vill Leit. An déi féiert an d'Pierre-Neiertz-Strooss eraus, an déi Strooss ass fäerdeggestallt. Dat heescht, en Automobilist oder en een, deen um Verkéier do deelhëlt, dee gesäit net, firwat hie keng Virfaart huet. Do ass kee Schëld, näischt. An deen huet ëmmer d'Impressioun, hie kënnt vu riets – da mengt hien, en hätt Virfaart. Wat awer falsch ass. Well wann d'Strooss net opgeholl ass am Verkéiersreglement, dann ass se als Chantier ze gesinn, dann huet deen absolutt keng Virfaart.

Ech hat och dorop opmierksam an der Mobilitéitskommissioun. An ech wier och frou gewiescht, wann dat am Avis berécksiichtegt gi wier. Ech hunn awer gesinn, dass dat net berécksiichtegt ginn ass. Dofir wollt ech dat nach eng Kéier hei widderhuelen.

Mir kënnen déi Situatioun deelweis entschäerfen, andeem mer déi Situatioun mat an d'Drénglechkeetsreglementer huelen an dat dann op sechs Méint ausbauen. Mer mussen nämlech wëssen: Déi Ännerungen um Verkéiersreglement, déi mer op de Ministère eraginn, déi sinn eemol am Joer toleréiert. Wat ech och net gutt fannen. Mee do hu mer keen Afloss drop, well déi net méi oft déi Erneierungen upassen an esou virun.

An dat, wat mer elo net abréngen an dee Projet, wat mer hei virun eis leien hunn, dat dauert erëm ee Joer, bis mer dat erëm matkréien. Dat heescht, mir hätten déi Geforesituatioun bei der Cité O an d'Pierre-Neiertz-Strooss erëm ee Joer am Ist-Zoustand, ouni dass mer dat ofgeséchert géife kréien.

Kéinte mer awer maachen, andeem mer dat an den Drénglechkeetsreglement géife materanhuelen. Dass mer wéinstens, do, wou déi zwou Stroosse sech begéinen, e Stoppschëld oder en Dräieck hunn, dass d'Leit wëssen: A okay, deen do kënnt net vu riets, deen huet keng Virfaart. An déi aner, déi vu riets kommen, sech och net behaapten.

Wann dozou awer nach Froe sinn, sinn ech gär bereet, déi mat Iech zesummen ze klären, respektiv nach Erklärungen ofzeginn, fir déi Situatioun ze klären.

Et ass mer awer nach en Zoustand an der Metzkimmert-Strooss opgefall. Wa mer do eropfueren, ab deem leschten Haus, ass eng Panzerstreck. Wa Leit de Courage hu fir do eropzefueren, mat hire Kanner oder esou, mat engem Vëlo, fir uewen am Verkéiersgaart do e bësse mat de Kanner ze trainéieren, also déi Kanner hunn, spéitstens, wa se uewen ukommen, Schüttelfrost. Da musse mer eng Ambulanz komme loossen, well déi Strooss ass esou schlecht, also dat ass eng Zoumuddung, fir déi Strooss iwwerhaapt nach dem ëffentleche Verkéier Präis ze ginn.

Eng aner Saach, déi Der gesot hutt, am Haneboesch hätt Der just op der Strooss eppes signaliséiert – ech weess net méi genau wou d'Plaz war. Dir hat déi awer erläutert. Dir musst wëssen, dass wann eng Markéierung op der Strooss ass an déi Markéierung ass net duerch e Schëld widderholl, dann huet déi absolutt kee Sënn.

Wa mer eng Plaz maache fir PMR zum Beispill, a mir markéieren do dat, wat mer all kennen, dat Zeeche fir d'PMR-Leit, a mer widderhuelen dat net mat engem Schëld, dann ass dat net valabel vis-à-vis vum Code de la route. Dat heescht déi zwou Saache mussen do sinn: d'Schëld a Faartrichtung an d'Markéierung op der Strooss.

Dat wiere meng Bemierkungen zu dem Verkéiersreglement. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Ech géif Iech éischtens emol Merci soe fir Äert Engagement. Dir waart mer elo zevirkomm, well ech sot, vläicht kéint ee sech jo d'Biller beschafen. Ech kann Iech déi

richteg Biller beschafen. Ech kann Iech awer elo nach net soen, firwat mir déi net hunn. A wa mer eng Fro hätten, géife mer op Iech zréckgräifen, wann Dir de Programm kennt, wou een déi richteg Biller kritt.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, jo. Selbstverständlech. Ech sinn ëmmer bereet, eng Hand matunzepaken, wann et zum Positiven ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, ech huelen dat mat der Pierre-Neiertz-Strooss an déi nächst Versammlung, déi mer intern hunn, an da kucke mer, dat ze regléieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 1 voix non d'approuver les modifications du règlement de circulation.*

Fir d'Règlements temporaires de circulation géif ech d'Wuert direkt weider un den Här De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, et sinn erëm eng ganz Rei Reglementer am Dossier. Wann ech net falsch gezielt hunn, sinn et der 21.

An de Reglementer fannt Der, wéi ëmmer, eng ganz Rei Saachen. Dat geet vun Aarbechten, Renovatiounsaarbechten, Demolitioun, Steeën, Bennen, Toiletten, reservéiert Emplacementer fir d'Camionnetten. Op déi meescht ginn ech net an, well et ass wéi üblech, awer op verschidde Saachen. Ech mengen, siwe Punkten hat ech virgesinn.

An ech ginn do vun Uertschaft op Uertschaft. Ronderëm d'Bockschoul, ënnen an der Rue des Champs, ass eng Virfaartsännerung: Et däerfe just déi Leit an d'Rue des Champs fueren, déi do wunnen. Natierlech wa se erausfueren, hu se keng Virfaart. Laut Code de la route muss dat esou sinn. Ech fannen et elo méi geféierlech wéi virdrun. Mee, do si mer jo, wéi ech am leschte Gemengerot ugekënnegt hunn, amgaangen ze kucken, fir e ganzt Konzept, wéinst der Bockschoul, wéinst dem Chantier, deen nach warscheinlech zwee Joer wäert daueren, eng Léisung ze fannen.

An der Zolwer Strooss bei der Kräizung Woiwer, hu mer bis zum Schluss vum Joer eng Liwwerplaz virgesi vu moies 6 bis mëttes 12 Auer.

Vu datt mir selwer an der Cité Henry Grey e puer Voiriesaarbechte maachen, hu mir fir ee Mount eng PMR-Plaz missen deplacéieren. Dës leeft awer dëse Freideg of. Da kënnt se erëm zréck op hir original Plaz.

Am Zentrum, ënne bei der Avenue Charlotte, gëtt een Deel vum Trottoir besat wéinst Aarbechten um Daach. Dëse Chantier geet bis an d'nächst Joer eran. Mee déi Occupatioun, do ass e Plang derbäi, dee weist, déi wäert net vill hënneren.

Am Fond-de-Gras huet missen eng Tranché fir eng Fouille gemaach ginn. Doduerch huet een Deel vun der Strooss misse besat ginn. An uewe war een Deel Parkverbuet, fir datt si konnte Stockage maachen.

Zu gudder Lescht, op der Zowaasch si verschidde Parkverbueter a Stroossen deelweis gespaart wéinst der Kiermes an dem Maart.

Dat wier alles, wat relevant ass bei de Règlements temporaires vun der Circulatioun. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

*Elle indique qu'en cas de question, ils se tourneront vers lui pour obtenir le programme permettant d'obtenir les bonnes images.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *mentionne qu'il prendra en compte la question de la rue Pierre-Neiertz lors de la prochaine réunion interne.*
*(Vote)*
*Paulo De Sousa aborde ensuite les règlements temporaires de circulation. Il y en a 21 en tout, incluant des travaux, des rénovations, des démolitions, des déviations de circulation, des réservations d'emplacement pour camions. Il va en présenter sept. D'abord, il mentionne un changement de sens de circulation près de la Bockschoul dans la rue des Champs, où seules les personnes résidant dans cette rue sont autorisées à y circuler. Lorsqu'on sort de cette rue, on n'a pas la priorité. Il mentionne qu'il trouve cela plus dangereux qu'auparavant, mais qu'ils ont commencé à chercher une solution lors de la dernière réunion du conseil municipal en raison du chantier près de la Bockschoul qui durera probablement encore deux ans. Ensuite, il parle de la création d'une place de livraison matinale de 6h à midi dans la Zolwer Strooss près de l'intersection Woiwer jusqu'à la fin de l'année. En raison de travaux routiers effectués dans la Cité Henry Grey, ils ont dû déplacer une PMR pendant un mois, mais celle-ci sera rétablie à sa place d'origine ce vendredi. Il indique également qu'une partie du trottoir près de l'Avenue Charlotte est occupée en raison de travaux sur un toit, qui se poursuivront jusqu'à l'année prochaine, mais cela n'entravera pas beaucoup la circulation. Au Fond-de-Gras, une tranchée a été creusée pour une excavation, ce qui a nécessité l'occupation d'une partie de la rue. En haut de la rue, le stationnement était interdit en partie afin de permettre le stockage.*
*Enfin, il mentionne que plusieurs interdictions de stationnement ont été mises en place dans certaines rues autour de Zowaasch en raison de la kermesse et du marché.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *explique que les résidents ont la possibilité de demander une autorisation auprès de la commune de placer une benne devant leur maison lorsqu'ils effectuent des transformations sur leur maison, en bénéficiant d'une interdiction de stationnement. Il suggère de sensibiliser les habitants à cette possibilité.*

*Il remarque qu'il y a eu une situation dans la rue Dicks-Lentz où le chantier était terminé, mais les panneaux d'interdiction de stationnement étaient encore en place. Cette rue compte déjà peu de places de stationnement, et les panneaux empêchaient les gens de se garer sur une longueur de 10 à 12 mètres. Il pense qu'il serait bien que si les gens bénéficient d'une faveur de la part de la commune, il faut qu'elles informent la commune dès qu'elles ont terminé leurs travaux.*

*Enuite, dans le cadre des règlements temporaires, Guy Altmeisch explique qu'il s'est récemment rendu à l'hôpital de Niederkorn où une délégation a discuté de la nécessité d'avoir un espace sécurisé pour le personnel et les visiteurs pour stationner leurs vélos électriques. Il propose de traiter cette demande au conseil communal afin d'explorer les possibilités de créer une telle infrastructure, qui serait financée conjointement par l'hôpital et la commune.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *soulève le fait qu'en face du restaurant au Fond-de-Gras, il n'y a pas de PMR. Il estime qu'il serait intéressant et normal d'en créer à cet endroit.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *indique que la situation de stationnement dans l'ensemble du Fond-de-Gras est en cours d'analyse.*

*Elle affirme qu'il est nécessaire de trouver une solution rapidement car la situation actuelle n'est pas satisfaisante. Des réunions ont déjà eu lieu à ce sujet et des efforts seront faits pour trouver une solution dès que possible.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll bemierken, et wier och interessant, wann d'Leit privat ufroen, fir eng Benne virum Haus ze hunn oder Transformatiounen um Haus maachen ze loossen, sief dat um Giewel oder sief dat um Daach, dass se do e Parkverbuet hunn, dass een d'Leit opmierksam mécht.

Et ass mer opgefall, an der Dicks-Lentz-Strooss zum Beispill war de Chantier fäerdeg, d'Leit hunn awer d'Parkverbuetsschëld do stoe gelooss. An der Dicks-Lentz-Strooss si schonn net vill Parkplazen. Do haten déi op 10-12 Meter e Parkverbuet, an déi Schëlter stoe gelooss. Do konnt kee sech dohinner stationéieren. Et war keen esou kéng ze stationéieren, d'Aarbechte waren awer fäerdeg.

Et wier net schlecht, wann d'Leit eng Faveur kréie vun der Gemeng – eng Faveur an deem Sënn, dass mer Parkverbuetschëlter opriichten –, dass een d'Leit och un d'Häerz géif leeën: „Lauschtert, wann Der éischter fäerdeg sidd, wier et léif, wann Der eis géift Bescheed soen, da kënne mer dat annuléieren.“ Well wa se jo méi spéit fäerdeg sinn, bréngen se et jo och fäerdeg, fir un eis erunzetrieden, fir et ze verlängeren. Fir den Entourage wär et eng Plus-value, dass ee vun deene puer Parkplazen, déi et gëtt, awer erëm kéint profitéieren, wa se net méi benotzt gi fir de Chantier.

Eng aner Saach wollt ech nach am Rame vun de Règlements temporaires soen. Ech war am Spidol zu Nidderkuer a si vun enger Delegatioun ugeschwat ginn, déi ronderëm d'Spidol do gaangen ass an déi eng Plaz gesicht hu fir hiert Personal, awer net nëmme fir d'Personal, hu se mer beschriwwen, mee och fir d'Visiteuren, eng Plaz, wou se kéinten hir Elektrovëloe sécher ofstellen. Net an engem Abris, mee eng Borne, wou se déi sécher ofstelle kéinten.

Well haut déi Elektrovëloen, do schwätze mer net méi vun enger Valeur vun e puer honnert Euro, do si mer schonn an engem anere Beräich. A si hu keng Plaz ronderëm d'Spidol zu Nidderkuer, fir déi anstänneg a sécher ofzestellen. Sou gutt fir si als Personal wéi och fir d'Visiteuren ass keng Plaz do.

Déi wieren awer bereet als Spidol, fir sech finanziell mat drun ze bedeelegen, fir esou eng Plaz ze schafen. Ech hu gesot, ech géif dat mat an de Gemengerot huelen, fir dass mer vläicht kéinte mat der Delegatioun Kontakt ophuelen, fir ze kucken, wat do méiglech ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hätt am Fong meng Suggestioun misste virdru soen. Mee et ass nach ëmmer bei de Règlements de circulation, an ech sinn do ugesprach ginn. Dir hat vum Fond-de-Gras geschwat, do ass et mer erëm agefall. En face vun deem Restaurant ass net eng PMR-Plaz. An do, ech weess net – anscheinend wär d'Gemeng schonn ugesprach ginn, ech weess dat awer net sécher, ech hunn dat net nogefrot –, awer et wär interessant, et wär jo normal, wa mer do eng PMR-Parkplaz kéinten ariichten. Kënnt Der vläicht mathuelen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech erlabe mer, Iech direkt drop ze äntweren, Här Muller. Mir sinn amgaangen, déi ganz Autossituatioun am Fond-de-Gras ze analyséieren. Well dat kann net esou weidergoen, wéi et elo ass. An da fält dat do drënner. Mir hate schonn eng Reunioun. A mir wäerte kucken, fir esou séier wéi méiglech, a wann et nëmmen eng Zwëscheléisung ass, eng Léisung ze fannen. Mee mir huelen et mat.

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Ech wollt dem Verkéiersschäffen oder deenen, déi sech dofir zoustänneg fillen, soen: Bei eise Projeten, déi mir selwer maachen, wéi d'Bockschoul, déi mer bauen, muss een awer vläicht de béise Fanger maachen un d'Societéiten, déi do schaffen. Well déi gang und gäbe duerch d'Einban fueren, d'Rue de l'Eau eran, mat deenen décke Camionen, mam Bëton.

Si komme vläicht net aneescht eran, kann ech verstoen, well si kréien net gedréit, wa se vun ënnen eropkommen. Mee wa se dat maachen, de Minimum wär awer, datt se d'Gemeng benoriichtegen. Dat ass ganz komesch, wann der eng Betonnière entgéintkënnt an enger Einban, déi de verkéierte Wee do erafiert.

An dat ass momentan dräi- oder véiermol den Dag esou. Ech mengen, bei engem Projet, dee mir maachen oder wa mer eis Réunions de chantier hunn, misste se eng Geneemegung ufroen, fir deen oder deen aneren Dag, wou se do erafueren, datt se duerch déi Einban däerfe fueren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Dat wäert weidergoen un d'Servicer. Merci. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Da si mer beim Punkt 11. Do geet et ëm eng Nominatioun vun den Délégués, déi eis Stad Déifferdeng am Klimabündnis Lëtzebuerg solle representéieren. Do wollt ech Iech bieden, den Här Paulo De Sousa als Vertrieder ze wielen, als Remplacement vum Här Georges Liesch.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de nommer monsieur Paulo De Sousa comme délégué et monsieur Georges Liesch comme délégué-suppléant au sein du Klimabündnis Lëtzebuerg.*

Am Punkt 12 geet et ëm d'Syndikater. Do schloe mer follgend Ännerung vir:

Déi Stonn vun der Madamm Laura Pregno geet un d'Madamm Nicole Wohl. Den Här Aguiar huet zwou Stonnen, d'Madamm Wohl zwou Stonnen an den Här De Sousa eng Stonn.

Virdru war et sou: Zënter dem 14.7.2021 hat den Här Aguiar zwou Stonnen, den Här De Sousa eng Stonn, d'Madamm Pregno eng Stonn an d'Madamm Wohl eng Stonn.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de changer la répartition des heures de congé politique.*

Da si mer beim Punkt 13, eisem leschte Punkt virun de Froe vun der Séance publique. Do geet et ëm Changementer an de Kommissiounen. Do beweegt sech vill am Moment.

Da fänke mer mat der Integratiounskommissioun un. Do war eng Plaz als Membre non-politique disponibel an déi huet op der Basis vun engem Appell plus Entretien stattfonnt. D'Madamm Dina Domingues ass sortant, si gëtt duerch den Här Da Cruz ersat.

Dat zweet Changement, et ass keng Preferenz, ech huele meng Blieder sou, wéi se hei leien: D'LSAP Sektioun Déifferdeng hëlt verschidde Changementer an de Kommissioune vir. An der Ëmweltkommissioun gëtt d'Madamm Liza Bertinelli duerch den Här Daniel Oly ersat. An der Finanzkommissioun gëtt d'Madamm Elisabeth Demuth duerch den Här Fred Bertinelli ersat. An der Jugendkommissioun gëtt d'Madamm Valérie Neumann duerch de Raphael Scheuren ersat. An der Sports-

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *exprime son point de vue sur les problèmes de circulation liés à certains projets de construction, tels que la construction de la Bockschoul. Il affirme qu'il est peut-être nécessaire de mettre en place des mesures pour réguler l'accès des entreprises travaillant sur ces projets. Il explique que les gros camions de béton entrent dans la rue à sens unique à contresens. Il comprend qu'il n'est peut-être pas possible de faire autrement, mais qu'il faut le signaler à la commune. C'est très bizarre lorsqu'on se retrouve face à un camion en béton dans une rue à sens unique et cela arrive actuellement trois ou quatre fois par jour. Il estime qu'il devrait y avoir une coordination plus efficace entre les entreprises de construction et la commune pour éviter ce genre de problèmes.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 11 de l'ordre du jour, où il est question de la nomination des délégués qui représenteront la ville de Differdange dans le Klimabündnis. Il est proposé de choisir monsieur Paulo De Sousa en tant que remplaçant de monsieur Georges Liesch.*
*(Vote)*
*Au point 12, il est question des syndicats. Une modification est proposée : les heures de travail de madame Laura Pregno seront transférées à madame Nicole Wohl. Monsieur Aguiar aura deux heures de travail, madame Wohl aura également deux heures, et monsieur De Sousa aura une heure.*
*Auparavant, depuis le 14 juillet 2021, monsieur Aguiar avait deux heures de travail, monsieur De Sousa une heure, madame Pregno une heure et madame Wohl une heure.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch résume ensuite les changements dans les commissions communales avant de passer aux questions.*
*(Vote)*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande si la commune a déjà reçu des bains de glace pour se rafraîchir après les entraînements de sport. Il a entendu qu'ils sont déjà en train d'être mis en place à l'EIDE. Il demande alors qui pourra en profiter et où ils se trouveront. Il se demande si on planifie d'en installer près des terrains de foot pour les clubs de football qui bénéficieront également de telles installations. Il soulève le fait que certaines personnes se sentent moins valorisées lorsque d'autres passent devant elles.*
*Il aborde ensuite un autre sujet concernant le bulletin officiel de la commune qui a félicité l'équipe de Futsal d'être arrivée en séries éliminatoires, mais il remarque qu'il n'y a eu aucun autre commentaire sur le FC Déifferdeng qui joue toujours pour le championnat à la troisième place, ni de Niederkorn. Il souhaite savoir qui est responsable de la rédaction de ces textes et il insiste sur l'importance de traiter tous les clubs de manière équitable.*
*Ensuite, il s'inquiète de la relation entre les clubs de sport et la commune. Il a entendu dire qu'elle était très mauvaise en ce moment, ce qui l'inquiète. Il se demande si cela est une situation temporaire et souligne que ce n'est pas un seul club qui a signalé cette situation.*
*Ensuite, il pose une question à la bourgmestre concernant l'envoi récent de lettres signées par Monsieur Traversini au nom de la commune de Differdange.*

kommissioun gëtt de Fred Bertienlli duerch den Här Thierry Wagener ersat. An an der Kannerkommissioun gëtt d'Madamm Jessica Veneziano duerch den Här Eric Werecki ersat.

Fir d'Demokratesch Partei Déifferdeng gëtt an der Sportskommissioun den Här Joel Moreira duerch d'Madamm Vanessa Hansen ersat.

D'CSV, Sektioun Déifferdeng: Do gëtt an der Logementskommissioun den Här Jérémy Muller duerch den Här Dylan Alves ersat. An der Jugendkommissioun gëtt den Här Pino Scalise duerch de Roberto Tiberi ersat. An d'Madamm Carla Raoul gëtt duerch den Här Dylan Alves ersat. An an der Sportskommissioun gëtt den Här Guy Bragard duerch den Här René Macri ersat.

Dat wiere se. Adjugé.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Da géife mer zu de Froe kommen. Do hunn den Här Bertinelli, den Här Altmeisch an den Här Muller Froen ugemellt. Da fänke mer mam Här Bertinelli un.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Meng Fro wier am Kader vun Déifferdeng, City of Sports. Ech wollt den Här Sportsschäffe froen, ob mer eis Äisbieder schonn hunn, wou ee kann draklammen, mam Äis dran, fir no den Trainingen. Souwäit ech weess – mee dofir froen ech – sinn déi bestallt ginn, déi wieren och amgaangen opgeriicht ze ginn am EIDE, an der Schoul.

An da wollt ech froen, fir wien déi sinn. Wien dovunner ka profitéieren a wou déi sinn. Well et mer e bëssen onlogesch virkomm ass, datt déi net op engem vun eise Fussballsterraine géife stoe kommen, well se jo do direkt a Fro géife kommen, fir déi Leit, déi dat benotzen. Oder ob dat do elo den Ufank dovunner ass, datt mer déi dote kafen. An an der Suite kréien d'Fussballveräiner och esou Saachen. Dat wär meng Fro.

Well do e Gewurschtels sonnergläichen ass, wien déi kritt a wien déi net kritt. A well do Leit sech preferéiert oder leséiert fillen, datt anerer déi virun hinne kréien. Sou wéi ech et héieren hunn, soen ech et dann och hei.

An eng aner Fro, wat dorun unhänkt, do hunn ech eppes net richteg verstanen. Dir hat an Ärem offizielle Bulletin vun der Gemeng, deen erausgaangen ass, dem Futsal felicitéiert, datt se an de Play-off komm sinn. Dat hat ech gelies, well ech déi Saachen ëmmer kucken iwwert de Sport.

Mee hannendrun ass kee méi komm. Et ass net den FC Déifferdeng komm, datt se fir de Champion nach weider op der drëtter Plaz spillen, och net Nidderkuer, et war just ëm de Futsal gaangen.

Do wollt ech froen, wien dat opsetzt. Ob dat eis Leit an der Redaktioun sinn op der Gemeng, déi esou Texter op de Bildschierm setze vun der Gemeng. Allgemeng misste mer jo fair sinn an all Veräin d'selwecht behandelen. Mir hunn der jo, gottseidank, méi, déi ëm Finallen an ëm Championstitelen a Saache spillen ewéi deen ee Veräin. Gottseidank ass dat esou.

An deem selwechte Kontext, wat d'Cité des sports ugeet, wollt ech eppes froen, wat eis och zougedroe ginn ass, wéi d'Relatioun mat eise Sportveräiner wär. Mir héieren, datt se ganz schlecht wär de Moment, wat d'Diskussiounen ugeet, de Schäfferot mat deenen eenzele Veräiner.

Do hu mer eis e bësse Suerge gemaach, ob dat eng momentan Situatioun wär, wou mer net eens gi mat de Leit oder ob dat en général eppes wier. Well et net nëmmen ee Veräin ass, dee mer dat zougedroen huet. Ob dat e generelle Cas wär, datt mer vläicht net méi esou gutt eens géife gi mat de Veräiner, wéi dat soss ëmmer hei zu Déifferdeng de Fall war. Dat ass eng Fro, déi ech dem Sportsschäffe wollt stellen.

Dann eng Fro, déi un d'Madamm Buergermeeschtesch geet, wat mech ganz iwwerrascht huet, datt mer et färdegbruecht hunn, nach virun e puer Méint, Bréiwer erauszeschécken, déi vum Här

Traversini ënnerschriwwe sinn, am Kader vun der Gemeng Déifferdeng. Ech hu gemengt, dee wier schonn eng länger Zäit net méi hei. Dat ka sech jo dann nëmmen ëm en Iertum handelen, datt ee Bréif offiziell erausgëtt vun der Gemeng, wou dann de Buergermeeschter Traversini ënnerschriwwen huet.

Ech wollt just drop opmierksam maachen, datt dat net méi virkënnt. Ech mengen, dat ass net ganz gutt fir d'Gemeng, wann esou Saachen erausginn, an et huet dee falsche Buergermeeschter drop ënnerschriwwen.

Nach eng aner Fro, Madamm Buergermeeschtesch. Mir hate länger Diskussiounen an eiser Fraktioun iwwer eisen Affekot, dee mer hunn op der Gemeng, deen zoustänneg ass fir déi Saachen, déi mer de Leit stellen, déi net direkt à même sinn, sech en Affekot ze leeschten. Do wollt d'LSAP froen, ob mer do e Bilan kéinte kréien, wat an deene Jore gelaf ass, wien dat ass, deen déi Leit uschwätzt a wat fir e Rendement mer do hunn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Kënnt Der Är Fro, wannechgelift, widderhuelen, Här Bertinelli?

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mir wollten Iech froen, Madamm Buergermeeschter, wéi d'Relatioun ass an e Bilan mat där Affekotin oder deem Affekot, dee mer agestallt hunn als Gemeng, deen d'Leit betreit, déi sech net direkt en Affekot leeschte kënnen, fir ze kucken, wat fir eng Fäll dat sinn.

Déi Diskussioun hate mer bei eis an der Fraktioun. Dat huet ganz vill Leit interesséiert. A wat d'Problemer do sinn an och fir ze kucken, wéi, à la longue, een esou Problemer vläicht kéint léisen. Well mer kee Suivi hunn. Mir hunn zougestëmmt fir deen Affekot, fir op esou ee Wee ze goen, mee et kritt een ni méi eng Ristourne dovunner, wat do leeft.

Mir wiere frou, e Bilan ze kréien, wat an deem Kader leeft, Madamm Buergermeeschtesch.

An dann natierlech dat, wat mer ëmmer froen: Wéini kënnt eise Bankomat, fir mat Kaarte Suen opzehiewen? Dat wäert ech esou laang froen, wéi ech hei an deem Gemengerot sinn, bis se eng Kéier kënnt.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Entschëllegt, géift Der, wannechgelift de Mikro umaachen, da versteet all Mënsch Iech dobaussen.

**ENG STËMM:**

Huet den Här Bertinelli keng Zäit? Hie freet allkéiers, da misst hie vläicht eng Bank opmaachen. Nee, et ass wierklech net fir ze laachen. Ech ginn dem Här Bertinelli Recht. Pardon.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Och wann d'Leit dat heibanne lächerlech fannen – ech weess net, wou Dir gitt, ech sinn hei vun Uewerkuer. Déi meeschte Leit hei am Eck, déi mech drop uschwätzen, wëssen, datt ech am Gemengerot sëtzen. An ech wëll awer, datt dat hei gesot gëtt. Datt ech awer wéinstens dat, wat ech de Leit versprach hunn, datt ech am Gemengerot dat géif froen, och da gemaach hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Zu de Bankomate vun Uewerkuer: Ech mengen, Dir hutt d'Fro schonn e puermol hei gestallt, an d'Äntwert war ëmmer déi nämmlecht. Den Här Krecké sou gutt wéi ech, mir ware mat de Banken hei. Mir hu virgestallt. A wann d'Banke keen Interesse hunn, well et si pécuniaire net arrangéiert, wat solle mir als Gemeng do maachen?

Mir hu sou gutt wéi bal mat all Bank … D'Spuerkeess war hei, fir se net ze nennen, déi wëllen net méi kommen. Wat solle mir maachen? Ech ginn d'Fro zréck. Mir hu Schrëtt ënnerholl, dat leeft scho säit zwee Joer. Et war eng mat deenen éischte Saachen, déi mer gemaach hunn. Well Fousbann brauch och een, do gi se och net drun. Mir

*Puis, il demande des informations sur l'évaluation des résultats de l'avocat de la commune qui soutient les citoyens dans le besoin. Il souhaite obtenir un bilan des années précédentes et évaluer les résultats obtenus. Il souhaite comprendre les problèmes rencontrés afin de pouvoir trouver des solutions durables.*
*Ensuite, il souligne le manque de suivi et demande quand le distributeur automatique de billets sera installé pour permettre aux citoyens de retirer de l'argent avec leur carte, comme promis auparavant. Il insiste sur le fait de tenir les engagements pris envers les habitants.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond à la question sur les distributeurs automatiques de billets. Elle dit que la question a déjà été posée plusieurs fois et que la réponse reste la même. Elle explique que la commune a fait le nécessaire en contactant quasiment toutes les banques, mais celles-ci ne sont pas intéressées car cela ne les arrange pas financièrement. Elle ajoute que la commune peut continuer à faire des demandes, mais ce n'est pas de sa faute qu'il n'y a pas de distributeurs automatiques.*

*En ce qui concerne la Maître Guérisse, elle est d'accord que la situation nécessite une mise à jour régulière. Cependant, elle souligne qu'en l'absence de nouvelles, on peut considérer que tout va bien. Elle mentionne également qu'elle prend en compte les remarques et qu'elle peut fournir un rapport sur la situation des deux dernières années.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *s'exprime sur les différents sujets relatifs au sport. Il mentionne avoir demandé l'acquisition de bains de glace pour permettre aux sportifs d'améliorer leur travail musculaire. Il a proposé de les installer dans les salles sportives afin d'atteindre un plus grand nombre de clubs. Il souhaite équiper toutes les salles sportives, en particulier les clubs de football, mais cela dépend du budget disponible. Dans une première phase, ils vont évaluer l'efficacité du matériel et recueillir les retours des sportifs. Les modèles de bains de glace varient de 8000 € à 40 000 €, et ils ont choisi un modèle moins cher pour commencer.*

kënne roueg nach eng Kéier nofroen, mee et läit net un der Gemeng, dass keen hei ass.

Wat d'Maître Guérisse ugeet, jo, do hutt Der Recht. Mee ech soen ëmmer: „Pas de nouvelles, bonnes nouvelles." Dat leeft. Si gëtt och an Usproch geholl. Dir kritt awer gären e Compte rendu vun deenen, wat sinn dat elo, bal zwee Joer, wou dat leeft. Gären.

Nodeem den Här Aguiar Iech geäntwert huet, huelen ech och nach Stellung zum Sport an zu de Clibb. Dat waren elo déi zwou Froen, déi Dir direkt u mech geriicht hutt. Merci, Här Bertinelli.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci beaucoup, madame la bourgmestre. Monsieur Bertinelli, d'abord, je voulais vous remercier pour ces questions assez précises. En ce qui concerne les bains de glace, effectivement dans le cadre du soutien pour nos équipes d'élites, nous avons demandé — moi j'ai demandé — d'acquérir des bains de glaçons, parce que ça permet aux sportifs de mieux travailler leurs muscles. On s'est posé la question : où les mettre ? Et moi j'ai proposé dans les salles sportives. Pourquoi dans les salles sportives ?pParce que ça atteint beaucoup plus de clubs.

Nous souhaitons vraiment, dans une deuxième phase, équiper toutes les salles sportives– notamment les clubs de foot. Mais vous savez que c'est toujours une question de budget. Afin de ne pas investir énormément dans ces bains de glace. Dans une première phase, nous voulons regarder comment ça se déroule et si le matériel est adaptable ou pas à nos sportifs.

D'avoir également le feedback des sportifs pour dire : « On arrive très bien à atteindre nos objectifs » parce qu'on a différents modèles à des prix différents. Ça peut aller de 8000 € à 40 000 €. On s'est dit non, on va prendre un modèle moins chèr et on voit comment ça fonctionne. Et on a mis également à disposition une salle sportive à Niederkorn, où existent de petits problèmes d'installation pour l'instant, mais qui sont en train d'être réglés. Respectivement à l'école internationale. Il est vraiment important que l'école internationale mette à disposition leur centre sportif pour nos clubs. Nous l'en remercions également.

Ça, c'était pour la première question. Pour la deuxième, dans le cadre de notre service médias, j'essaie toujours de mettre en évidence nos champions. Bien évidemment, on a félicité les trois clubs du futsal, parce que c'est vrai, on n'entend pas beaucoup parler du futsal, c'est bien de le remettre en évidence. Mais dans le cadre des réseaux sociaux, il n'y a pas seulement le football, il y a aussi il les autres clubs, que ce soit le karaté, que ce soit l'Espérance… On essaie toujours de valoriser ce que nos clubs font. Et moi, je suis le premier, je ne sais pas comment monsieur Bertinelli me voit, mais je suis le premier à le soutenir dans ce sens-là. C'est vrai, notre service médias le sait très bien et ils mettent toujours en évidence les clubs.

Après, le souci qu'on a avec différents clubs, respectivement avec nos services des sports, nous ne sommes pas au courant de tout. Il y a certains clubs, qui vont à l'extérieur, gagnent des coupes, gagnent des médailles, et ne font pas parvenir l'information. Alors là, c'est plus difficile. Et je vous rappelle, monsieur Bertinelli, que samedi, nous étions là tous en train de soutenir notre club local, qui est vice-champion. Il faut les valoriser.

Si on parle du handball et des Red Boys, on attend maintenant la finale de coupe. Jeudi et samedi, on sera également présent pour les soutenir et les valoriser énormément.

Mais c'est vrai, au niveau du service médias, on fait déjà ce qui auparavant n'était pas fait. On valorise vraiment tout ce qui est réseau social, respectivement si on regarde maintenant dans le cadre de Diffmag, on voit de plus en plus le sport. C'est dans ce sens-là qu'on veut travailler, c'est dans ce sens-là qu'on veut vraiment valoriser nos clubs sportifs.

Sur la dernière question, dans l'ensemble de plus que 42 clubs, on a une excellente relation avec les clubs. On a vraiment une excellente relation. Je peux vous dire que dans toutes les assemblées générales, on a des clubs

qui, effectivement, valorisent et remercient énormément la Ville de Differdange, le service des sports, les autres services, le conseil communal et le collège échevinal pour tout ce qu'on fait pour eux.

Mais il existe aussi, je pense que vous le savez mieux que moi, parce vous étiez aussi à cette place-ci, des points, où on n'est pas d'accord. Parfois, on ne peut pas donner plus de moyens parce qu'on ne les a pas. Alors qu'est-ce qu'on peut faire? On peut y travailler, on s'investit énormément pour ça. Mais notre objectif, encore une fois, est d'ouvrir le dialogue. Et c'est ce qu'on a fait. Effectivement, le collège échevinal ouvre le dialogue avec tous les clubs, mais dans le sens de synergies, dans le sens de trouver des solutions ensemble. Et ça on le fait.

Et c'est pour ça que, encore une fois, dans l'ensemble de tous les clubs, on a vraiment réussi à trouver des solutions ensemble, et c'est pour nous le plus important en tant que collège échevinal. Je pense que conseil communal coit vraiment donner les moyens aux clubs de développer leurs modalités et de trouver du sport pour tous. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Ech wëll direkt do nohaken, well ech hunn e puer Froen un den Här Bertinelli. Wann den Här Bertinelli seet, d'Relatioune mat der Gemeng Déifferdeng, mam Sportsschäffen, mat de Sportsclibb wier schlecht, do géif ech am Fong elo dat nämmlecht soe wéi den Här Aguiar, a froen, dass mer do vläicht Nuancen erabréngen.

An da wéilt ech vun Iech eng Lëscht, déi Der dem Schäfferot virleeë kënnt, wéi eng Clibb dat sinn, déi net zefridde si mat der Gemeng. Da kënne mer se an de Schäfferot ruffen.

Well ech weess, dass ee Club – ech perséinlech hunn am Schäfferot een eenzege Club gesinn an empfaangen, wou ech deenen Hären, ech mengen et waren exklusiv Hären, dann och erkläert hunn, dass éischtens den Toun d'Musek mécht.

Zweetens, passt elo gutt op, Här Bertinelli, well Dir sot, dass d'Clibb alleguer sollten d'selwecht behandelt ginn, wa se froen, firwat se dat an dat an dat an dat net kréien, hunn ech geäntwert: „Majo, wa mer Iech et ginn, da gi mer deem nächsten et an da gi mer dem nächsten et." Ech hunn elo net d'Zuel vun de Clibb am Kapp, mee da musse mer eens ginn. A vu dass mer awer déi Plaz net hunn, an och am Moment de Wëllen net do ass, hunn ech gesot: „Mir probéiere wierklech, d'Clibb hei an der Gemeng alleguer d'selwecht ze behandelen." Dat hutt Dir elo just selwer gesot. Do hunn ech d'Äntwert kritt, dat wär net richteg, dass mer d'Clibb alleguerten hei an der Gemeng d'nämmlecht behandelen.

Ech denken, elo musse mer eis eens ginn, u wat mer eis halen a wat mer soen a wat mer gären hätten. Ech mengen, no där Diskussioun, déi net ëmmer ganz schéi war, hu sech do och erëm Nuancen erausgeschielt, wouriwwer ech mam Här Aguiar och geschwat hunn. A souwäit ech weess, huet den Här Aguiar erëm Kontakt mat deem Club opgeholl. A mir mussen eis awer elo eens ginn, ob mer se wëllen alleguer d'selwecht behandelen oder net alleguer d'selwecht behandelen. Wa mer dorop eng Äntwert kréien, da kënne mer jo kucken, wéi mer weiderginn. Well dat kënnt genau vun deem Club, ouni en ze nennen, vun deem Dir schwätzt.

Dat ënnerstellen ech Iech elo mol einfach. A wann Der Iech eens sidd, da sot Der eis, wat Der gär hätt. An d'Lëscht vun de Clibb, wannechgelift, déi sech beschwéieren iwwert den Traitement vum Sport hei an der Gemeng Déifferdeng. Well da schreiwe mir se un an da komme se an de Schäfferot oder an eng Entrevue mam Här Paulo Aguiar, déi e schonn hat mat e puer Clibb, wou awer eppes aneschters erauskomm ass als Resultat. Dat ass dat, wat ech ze soen hunn zu deem Theema.

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir hutt mech jo direkt ugeschwat, da muss ech jo äntweren. Éischtens emol sinn ech hei kengem Club säi Spriecher. Maachen ech och net. Ech hu just

*En ce qui concerne la promotion des champions, monsieur Aguiar souligne que les clubs de futsal ont été félicités, car ils sont moins médiatisés. Il souligne les efforts déployés par la commune pour valoriser les activités de tous les clubs, notamment sur les réseaux sociaux. Cependant, il reconnaît que certains clubs ne communiquent pas suffisamment sur leurs réussites, ce qui rend difficile leur valorisation.*
*Concernant la relation avec les clubs, il affirme que la Ville de Differdange entretient une excellente relation avec plus de 42 clubs. Cependant, il admet qu'il y a des désaccords parfois, notamment lorsque les ressources sont limitées. Malgré cela, ils travaillent dur pour ouvrir le dialogue avec les clubs et trouver des solutions ensemble.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Aguiar et souhaite aborder directement quelques questions adressées à monsieur Bertinelli. Si celui-ci prétend que les relations entre la commune de Differdange et les clubs sportifs sont mauvaises, elle demande une liste des clubs qui sont mécontents que le collège échevinal pourra alors contacter. La commune essaie réellement de traiter tous les clubs de la commune de la même manière, mais elle a reçu comme réponse que ce n'était pas juste.*
*Elle pense maintenant qu'il fait se mettre d'accord sur ce qu'on veut. Elle pense que, suite à cette discussion qui n'a pas toujours été très agréable, des nuances sont apparues, sur lesquelles elle a également discuté avec monsieur Aguiar. Maintenant, il faut se mettre d'accord sur le fait de traiter tout le monde de la même manière ou de ne pas traiter tout le monde de la même manière. Une fois qu'on aura une réponse, on pourra envisager la suite.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il ne parle pas au nom des clubs, mais il a simplement demandé que le conseil communal soit informé en cas de mécontentement.*

*Il a été président d'une association pendant 21 ans et sait qu'il y a toujours des problèmes ici et là, et qu'il y a plus d'un club qui n'est pas satisfait d'une chose ou d'une autre. Il faut parfois des années pour trouver une solution, comme cela a été le cas avec le club de tir.*
*Il constate que le sport n'a toujours pas la place qu'il devrait avoir. Il mentionne qu'il y a eu un vote il y a une demi-heure où de l'argent a été alloué pour rendre l'école de musique gratuite grâce à des financements nationaux, mais le sport ne profite pas de cette gratuité. Il souligne qu'il y a vingt ans, personne ne parlait d'une école de musique dans les communes, mais le sport a toujours été présent. Cependant, le sport n'a pas encore été soutenu de la même manière que d'autres institutions. Il constate également une diminution du bénévolat dans différents clubs, ce qui rend leur fonctionnement difficile.*
*Il serait heureux de voir une autre attitude du ministère des Sports et de la commune en ce qui concerne le soutien et le financement des associations sportives.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *exprime sa satisfaction d'avoir reçu une invitation pour célébrer la Fête nationale en 2022 avec le grand public. Cependant, il remarque que cette année, la célébration se termine à 1 heure du matin, alors qu'auparavant elle avait lieu jusqu'à trois heures. Il demande si cela est intentionnel ou s'il s'agit d'une erreur.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'excuse et dit qu'il s'agit d'une erreur. Elle affirme que la nuit du 22 juin est clairement une nuit libre.*

gefrot, wann do e Malaise wier, da soll de Gemengerot dovunner informéiert ginn. Ech war 21 Joer laang President vun engem Veräin an an anerer dran.

Ech weess, datt hei oder do eppes haakt, an datt méi wéi ee Veräin do ass, dee mat deem engen oder mat deem aneren net zefridden ass. An dat ass dann esou. Da fënnt een no Joren eng Solutioun oder et fënnt ee keng. Wéi ee se elo mam Schéissclub fonnt huet. Dat huet zéng Joer gedauert, wou mer do gestridden hu mat deenen, bis mer eng Solutioun fonnt hunn a mat anerer och.

Ech schwätzen am grousse Ganze vum Sport. An do gesäit een, datt de Sport haut nach ëmmer net dee Stellewäert huet, deen e sollt a misst hunn. Well wann ech gesinn, virun enger hallwer Stonn hu mer Geld gestëmmt, wou iwwert national Finanzementer d'Museksschoul gratis ass an de Sport nach ëmmer net.

A virun zwanzeg Joer huet kee vun enger Museksschoul geschwat an de Gemengen, mee de Sport ass et schonn ëmmer ginn. An de Sport huet et nach ëmmer net fäerdegbbruecht, an deem Kader esou ënnerstëtzt ze ginn, wéi aner Institutiounen hei ënnerstëtzt ginn.

An duerfir wäert ech mech och net ginn. Wann ech gesinn, wéi et mam Benevolat no hanne geet a verschiddene Veräiner, déi kee méi am Benevolat fanne fir matzehëllefen.

Lues a lues, am Endeffekt, wäert et jo da bei de Gemengen an de Gemengeresponsabele landen, déi dann alles mussen droen a finanzéieren. An och do wier ech frou, ech schwätzen hei net vun der Gemeng, mee national, wann eng aner Attitüd géif komme vum Sportsministère, wat d'Veräiner, d'Ënnerstëtzung an d'Finanzement ugeet, och op deem dote Wee.

Wéi gesot, viru Joren hu mer nach net iwwer Museksschoule geschwat. Mëttlerweil ass et eppes ginn, well dee Minister sech dofir agesat huet, datt déi Museksschoule gratis sinn am ganze Land. An am Sport ass et nach ëmmer net esou. Wat mer leed deet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Dann ass et elo um Här Altmeisch.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hat elo bal den Depart verpasst. Mee ech sinn awer voll an der Matière dran. Éischtens emol si mer als Veräi frou, dass mer eng Invitatioun kréien, an dass mer erëm kënnen en grand public Nationalfeierdag 2022 feieren.

Mir hunn déi Opmaachunge kritt an déi Invitatioune selbstverständlech ugeholl als Veräin. Mer si frou, fir do matzemaachen.

Mir ass opgefall, an der Zäit hu mer bis dräi Auer gefeiert fir Nationalfeierdag, elo ass et awer sou, laut Invitatioun a laut Programm, dee mer och als Conseiller déi lescht Deeg nogeschéckt kritt hunn, dass um eng Auer Feierowend ass. Ass dat bewosst esou? Well normalerweis ass bis dräi Auer gefeiert ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Här Altmeisch, ech denken, dat ass e Feeler.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

E Feeler vu wiem senger Säit? Vu menger Säit oder vum …?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee, vun der Gemeng. Den 22. Juni ass ganz kloer eng fräi Nuecht.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech hu geduecht, et ass national fräi Nuecht. Mir wäerte jo elo keng Oas hei bleiwen an der Gemeng, dass mir um eng Auer alles zouspären. Well ech hunn och gesinn: Den Diffbus fiert nëmme bis hallwer zwou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir klären dat do.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Do ass awer eppes, wat net klappt. Well ech ka mech erënneren, an der Zäit si mer alt emol um 3.15 Auer heem gefuer/gaangen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo. D'fräi Nuechte si jo am Gemengerot gestëmmt ginn, do ass den 22. derbäi. Mir kucken dat, Här Altmeisch. Et ass wichteg.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir misst da vläicht eng nei Invitatioun un d'Veräiner schécken, och wéinst der Organisatioun mam Diffbus. Well dat ass alles elo op eng Auer. Laut Diffmag fiert den Diffbus nëmme bis hallwer zwou. Do misst vläicht eng Korrektur gemaach ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gär geschitt. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, dass ech meng Fro däerf stellen. Déi betrëfft d'Mobilité douce, méi genee d'Vëlos- an d'Spadséierweeër. Den Här Tom Ulveling huet d'Bréck op Facebook gesat. Mee ech hu se a Wierklechkeet gesinn, ech ginn zimmlech all Dag do laanscht, dass déi nei Bréck, déi d'Verbindung mécht zum nationale Vëloswee vun Déifferdeng Richtung Nidderkuer, dass déi fäerdeg ass, mee de Projet ass awer nach net ganz fäerdeg.

Wärend dem Chantier ass mer opgefall, dass eng Partie Vëloen erof Richtung Contournement an och vun do eropgefuer sinn. Op der Vëlospist war keng Deviatioun, näischt gezeechent, dass et net méi iwwert d'Bréck virugéing. Déi sinn dann einfach op de Contournement gefuer.

Do ass et relativ schmuel, an d'Foussgänger kréien, wéi dat ëmmer ass – an ech si vill als Foussgänger ënnerwee – einfach geschellt. Oder et kënnt ee laanschtgeflitzt mat enger Trottinett, engem elektresche Vëlo, elektrescher Trottinett. Also dat ass wierklech ganz schlëmm.

Ech mengen, et géif esou lues Zäit ginn, d'Foussgänger besser, ech wëll net soen ze schützen, mee ze consideréieren. Duerfir meng éischt Fro, fir dat ganzt Konzept, also op den Haaptachsen, d'Vëlos- an d'Spadséierweeër ze beschëlderen an och widderhuelt zeechnen, wie wou op wat fir enger Säit goen oder fueren däerf. Well entretemps gëtt dat vergiess. Et ass och net ëmmer ze erkennen: Wou ass d'Vëlospist? Wou ass Spadséierwee? A wann dat op enger gemeinsamer Streck geschitt, da kënnt Der Iech jo virstellen, wéi dat do ausgesäit.

Dann eng Fro zum Vëloswee Richtung Nidderkuer ab där Bréck. Deen ass jo scho méi laang op, an d'Luuchte sinn nach ëmmer net gesat. Firwat sinn d'Luuchten nach net ubruecht? Ass dat an Aarbecht? Well d'Beliichtung, souwäit ech informéiert sinn, soll jo vun der Gemeng installéiert ginn. Dat wäre meng Froen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Ulveling wäert Iech äntweren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech äntweren op d'Fro iwwert d'Beliichtung. Souwäit ech weess, hu mer der bestallt. Mee se kommen net erbäi. Liwwerschwieregkeeten. Mee et ass awer virgesinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här De Sousa, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a aussi vu que le dernier Diffbus fonctionne seulement jusqu'à 01h30.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *promet de clarifier cela. Elle rappelle que les nuits libres ont été discutées au conseil communal, et le 22 juin en fait partie.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *suggère alors d'envoyer une nouvelle invitation aux associations, notamment en raison de l'organisation liée au Diffbus.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *soulève ensuite des préoccupations concernant la mobilité douce, en particulier les pistes cyclables et les sentiers pédestres. Il mentionne que Tom Ulveling a évoqué le sujet sur Facebook, mais Erny Muller a constaté que le nouveau pont reliant la piste cyclable nationale de Differdange à Niederkorn n'est pas entièrement finalisé. Pendant les travaux, il a remarqué que certains cyclistes descendaient vers le contournement et montaient également depuis contournement. Il n'y avait aucune déviation ni signalisation sur la piste cyclable indiquant qu'elle ne passait plus par le pont.*
*Il trouve cela assez dangereux car les piétons se retrouvent souvent surpris. Ou bien des trottinettes, des vélos électriques, des trottinettes électriques passent rapidement. Il estime qu'il est temps de mieux prendre en compte les piétons.*
*Sa première question porte sur l'ensemble du concept, notamment la signalisation des pistes cyclables et des sentiers pédestres sur les axes principaux. Parfois il est également difficile de savoir où se trouve la piste cyclable et où se trouve la piste pour les poétons, surtout si les deux se trouvent sur la même voie.*
*Il pose ensuite une question concernant la piste cyclable en direction de Niederkorn à partir de ce pont. Elle existe depuis un certain temps, mais l'éclairage n'est toujours pas installé. Il se demande pourquoi et si les travaux sont en cours. Parce que, selon ses informations, l'éclairage devrait être installé par la commune.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond à la question concernant l'éclairage. Selon ses connaissances, ils ont passé commande pour cela, mais les lampadaires ne sont pas encore arrivés. Il y a des problèmes de livraison, mais cela est prévu.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique que l'éclairage est un chantier du ministère et qu'ils n'ont pas un contrôle direct sur celui-ci. En ce qui concerne les sentiers pédestres et les pistes cyclables, il convient de les signaler de manière plus claire. Il souligne qu'en principe, aucun vélo ne devrait circuler sur les trottoirs ou sur le contournement. Il abordera ces points lors des réunions futures.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie Paulo De Sousa et annonce la fin de la séance publique. Ensuite, le conseil passe en séance non publique. Elle remercie tous les participants une fois de plus.*

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci. D'Beliichtung, dat ass och ee Chantier vum Ministère. Do hu mir net direkt en Afloss drop.

Dat anert, mat de Spadséierweeër a Vëlosweeër, datt mer déi besser beschëlderen, huelen ech mat. Eigentlech dierft och kee Vëlo um Trottoir fueren, iwwert de Contournement. Ech huelen dat mat an eis Servicer an an eis Versammlung.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Mir si fäerdeg mat der Séance publique. Mir bleiwen awer hei, well mer elo an d'Séance non-publique ginn. Ech soen Iech alleguer villmools Merci.

# ÉCOLE EN PLEIN AIR DES PARENTS

L'éducation des enfants est un vrai défi. En général, les mamans et les papas arrivent à bien régler la vie en famille et à gérer les petits pépins. Ils sont très créatifs et actifs pour trouver des solutions aux problèmes qui se posent au quotidien : fixer des règles claires, gérer les situations difficiles, garder la patience et l'humour…

En revanche, ils peuvent parfois rencontrer des situations qui les placent devant de nouveaux défis, où il faut trouver d'autres solutions et d'autres voies.

Pendant que votre enfant s'amuse, vous pouvez profiter de cette occasion pour lui poser vos questions autour de l'éducation et pour échanger des points de vue et expériences. Indépendamment de vos questions, une collaboratrice de l'école des parents prépare à chaque fois un petit thème.

À cet effet, l'École des parents est à votre écoute à l'aire de jeux au Parc Gerlache à Differdange de 14 h 30 à 16 h 30 le mardi

- 19 septembre 2023;
- 10 octobre 2023.



# DÉCOUVREZ LE LIVRE PHOTO #MÄINDÉIFFERDENG

#MÄINDÉIFFERDENG est bien plus qu'un simple recueil de photographies. Il s'agit d'un véritable témoignage de l'attachement des habitants à notre belle ville et de leur talent artistique. Les photographies présentées dans le livre #MÄINDÉIFFERDENG ont été prises quasi exclusivement par des résidents de Differdange, capturant ainsi leur vision personnelle de notre commune. Qu'il s'agisse de paysages pittoresques, de monuments historiques ou de moments de la vie quotidienne, chaque cliché reflète l'essence même de notre communauté dynamique et cosmopolite.

Le Photo-Club Differdange a également contribué à cet ouvrage en partageant certaines de ses meilleures créations. Les membres du club ont su capter des instants uniques, des jeux de lumière subtils et des perspectives créatives, offrant ainsi une dimension artistique supplémentaire au livre #MÄINDÉIFFERDENG.

Nous vous invitons donc à vous plonger dans les pages de #MÄINDÉIFFERDENG et à vous laisser émerveiller par la splendeur de notre ville. Ce livre sera disponible à partir du 9 juin 2023 à la réception du centre culturel régional Aalt Stadhaus au prix de 10 €.

L'aventure #MÄINDÉIFFERDENG ne se termine pas à la publication du livre. Nous vous encourageons tous à continuer cette initiative et à partager votre propre vision de notre ville. Continuez à partager vos plus belles photos de Differdange sur Instagram en utilisant le hashtag #mäindéifferdeng.



# MINETT BIOSPHERE YOUTH FORUM '23

## 12 -16 July 2023

**Ellergronn, Esch-sur-Alzette**

## NATURE CALLS FOR CHANGE!

**Are you between 18 and 28 years old?**
**Register for free @minettbiosphere**

MINETT UNESCO BIOSPHERE

E Label vu pro sud

andré losch FONDATION

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire
Département de l'aménagement du territoire

anf administration nature & forêts

esch




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**ZESUMME FIR IECH**

POLICE.LU

POLICE
LËTZEBUERG